

AUS DEM LIEWEN ERZIELT

# Wéi mir Kanner waren

## an de 40er Joren

EDITIOUN RBS

*Mir soe Merci:*
Allen deenen, déi eis hir Erliefnesser erzielt oder opgeschriwwen hunn
All deenen, déi eis Fotoen, Bicher an aner Illustratiounen zur Verfügung gestallt hunn
Eisem Fotograf Gilbert Kleren
Dem Musée Rural zu Peppeng, www.musee-rural.lu
Dem Musée A Possen zu Bech-Maacher, www.musee-possen.lu

*Dëst Buch ass zesummegestallt gi vum RBS-Biographiegrupp:*
Mariette Leuck - Simone Rosen-Bonenberger - Joss Scheer - Marie-Louise Wallers-Rykal - John Weber
ënnerstëtzt vun den RBS-Mataarbechter Jacqueline Orlewski an Nicole Duhr
***Drock a Layout:*** Imprimerie Centrale s.a., Lëtzebuerg 2012
***Titelbild:*** Photo Tony Krier, ©Photothèque de la Ville de Luxembourg

© Editions RBS
RBS – Center fir Altersfroen
20, rue de Contern, L-5955 Itzig

ISBN 978-99959-750-0-5

AUS DEM LIEWEN ERZIELT

# Wéi mir Kanner waren

## an de 40er Joren

EDITIOUN RBS





# Inhaltsverzeechnes


| | | |
|---|---|---|
| Virwuert, Mme Marie-Josée Jacobs | | S. 11 |
| Virwuert, Mme Marie-Thérèse Gantenbein | | S. 13 |
| Zu dësem Buch | | S. 15 |
| ... wéi ass 't sou gutt doheem! | | S. 16 |
| D'Liewen all Dag | | |
| Sonndeg | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 18 |
| Do war et esou gemittlech | *Mariette Steichen* | S. 19 |
| Schlechte Laune gab es bei uns nicht | *Mariette Leuck* | S. 21 |
| Eis Bom an hir Hausmëttel | *M.F.K.* | S. 24 |
| De Martini | *Joss Scheer* | S. 27 |
| Das Lächeln Abrahams | *Ferdy Dumont* | S. 28 |
| Eng Schappe Mëllech | *Paul Wallers* | S. 31 |
| Eisen éischte Radio | *Théo Pletschette* | S. 32 |
| Hei ass Radio Lëtzebuerg... | *Mariette Leuck* | S. 33 |
| Bréng mir eng Taass | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 39 |
| Ech hunn d'Botze gehaasst | *Nicole Jung-Wolfers* | S. 40 |
| Mir hu gemat, wat mir ugestallt gi sinn | *Maria Koch* | S. 41 |
| Mir ginn an d'Beer | *Joss Scheer* | S. 43 |
| Ech hu mech ëm d'Holz gekëmmert | *Théo Pletschette* | S. 45 |
| Dat mat der Hygiene war esou eng Saach | *Théo Pletschette* | S. 47 |
| D'Schillerlocken | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 48 |
| De Putsch | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 49 |
| Rack a Bolero | *Nicole Jung-Wolfers* | S. 50 |
| Et woar eng Plo! | *F.K.* | S. 51 |
| Et gouf net dacks eppes Neies | *Théo Pletschette* | S. 52 |
| An der Umooss | *Simone Bonenberger* | S. 53 |
| Op der Bleech | *Paul Wallers* | S. 56 |
| Boxeknäpp op däischtere Weeër | *Joss Scheer* | S. 57 |
| D'Iesswueren | *Théo Pletschette* | S. 62 |
| D'Natur woar propper | *H.G.* | S. 63 |

| | | |
|---|---|---|
| Kanéngercher | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 65 |
| Mir waren zu 11 um Dësch | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 65 |
| Keng Zopp, kee Pankech | *Simone Bonenberger* | S. 67 |
| Speck a Gromperekuch | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 67 |
| D'Versuergung am Krich | *Monique Lang* | S. 68 |
| Hamsteren | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 69 |
| Poppe géint Iesswueren | *Nicole Collart* | S. 71 |
| Eng nei Zäit ass ugebrach | *F.K.* | S. 71 |
| Wat mäi Papp mech huet geléiert | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 73 |
| E richtege Genoss | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 74 |
| Den Taff | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 75 |
| Herr Storch | *Mariette Leuck* | S. 76 |
| Eisen éischten Auto nom Krich | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 78 |
| Meng éischt Spuerbéchs | *Marie-Louise Wallers-Rykal* | S. 80 |
| Héichwaasser zu Réimech am Dezember 1947 | *Simone Bonenberger* | S. 82 |
| Die Zeitung, das Sonnesblad und Sirius | *Mariette Leuck* | S. 84 |

## Wanner léiert, gitt iech drun well et kënnt op d'Punkten un — S. 86

### An der Schoul

| | | |
|---|---|---|
| Die Dorfschule | *Mariette Leuck* | S. 88 |
| En Zockerféngerchen | *Simone Bonenberger* | S. 92 |
| Engt klengt houfrigt Meedchen | *Marianne Scheer-Holtz* | S. 93 |
| D'Schifertafel woar dat wichtegst Stéck | *Simone Bonenberger* | S. 94 |
| Tintenfass, Löschblatt, Schönschreibheft | *Mariette Leuck* | S. 96 |
| Schoul-Paus | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 100 |
| Fischtran und Milch zum Pausenbrot | *Mariette Leuck* | S. 102 |
| Meng Schoulzäit am Krich | *John Weber* | S. 103 |
| Am Kréich ass alles anescht ginn | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 107 |
| Mir waren dacks am Keller | *Nicole Collart* | S. 111 |
| Schoul a Bommen | *Madeleine Wies-Bredimus* | S. 112 |
| Alarm, Alarm | *Hauptschule Remich 1942/43* | S. 113 |
| Eng Schoulwoch vu 6 Deeg | *Théo Pletschette* | S. 114 |
| Ech war kee Kand fir bei d'Schwësteren | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 116 |
| An der Stad an zu Dikrech | *Nicole Jung-Wolfers* | S. 120 |
| Meng Lä ënnert der Bänk | *Joss Scheer* | S. 123 |
| Konzertation | *Mariette Leuck* | S. 125 |
| Der Schulausflug | *Mariette Leuck* | S. 127 |

## Ipp dipp dapp und du bist ab — S. 130

### Spiller a fräi Zäit

| | | |
|---|---|---|
| Spiller um Schoulwee | *Ferdy Dumont* | S. 132 |
| An der Schmëdd | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 135 |
| Jick a Jick ass zwäerlä | *Joss Scheer* | S. 135 |
| Eleng | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 136 |
| Eis Regelen hu mir selwer gemaach | *Théo Pletschette* | S. 137 |
| D'Nopere waren net begeeschtert | *Paul Wallers* | S. 138 |
| Spiichte mat der Schell | *Simone Bonenberger* | S. 139 |
| Den éischte Schnéi | *Simone Rosen-Bonenberger* | S. 140 |
| Kauzekäpp | *Joss Scheer* | S. 142 |
| Eis Spiller a Spillsaachen | *Nicole Jung-Wolfers* | S. 143 |
| Heini | *Mariette Leuck* | S. 147 |
| Mir hate schéi Spillsaachen | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 148 |
| Pappa, zeechen eis eng Millchen | *Simone Bonenberger* | S. 149 |
| Unzerbrechlich | *M.F.K.* | S. 150 |
| Meng Popp war ëmmer derbäi | *Simone Bonenberger* | S. 151 |
| Ein Schlafsack für die Zwergenkinder | *Mariette Leuck* | S. 154 |
| Eise Koseng woar Massendénger | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 156 |
| Dem Koseng Ed säi Pifffaass | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 158 |
| An der Réimecher Schwämm | *Simone Bonenberger* | S. 158 |
| Der Hämmer Pull | *Ferdy Dumont* | S. 160 |
| Mäi Brudder Carlo | *M.T.* | S. 163 |
| Een hëlze Leeder fir op d'Bréck | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 164 |
| Grad esou wéi am Film | *Théo Pletschette* | S. 165 |
| Bommen a Granaten | *John Weber* | S. 166 |
| Pulvergeschichten | *Ferdy Dumont* | S. 167 |
| Mëttes huet de Bierg eis gehéiert | *John Weber* | S. 172 |
| Aarbecht a Spill | *Huguette Eyschen-Wagener* | S. 174 |
| Spiele beim Kuhhüten | *Ferdy Dumont* | S. 176 |
| Huet eise Jangeli um Scheierbierg gepaff... | *Andrée Hansen-Rhein* | S. 178 |
| D'Déifferdenger Scouten | *John Weber* | S. 180 |
| D'Sonndeger mat der Famill | *Nicole Collart* | S. 184 |
| De Jang de Blanne kënnt heem | *Simone Bonenberger* | S. 186 |
| Zu Diddeleng um Bäckeschtour | *Nicole Jung-Wolfers* | S. 188 |
| Ferien auf dem Bauernhof | *Ferdy Dumont* | S. 190 |
| Meng Tatta vu Paräis | *Marie-Louise Wallers-Rykal* | S. 194 |

## An d'Kanner loossen hire Kaffi ston! — S. 198
### Relioun, Traditioun a Fester

| | | |
|---|---|---|
| Ech war Massendénger | ***Théo Pletschette*** | S. 200 |
| Dat schwéierst waren d'Gebeeder | ***Joss Scheer*** | S. 202 |
| Am Kannerchouer | ***John Weber*** | S. 203 |
| D'Muttergottes vu Fatima | ***Andrée Hansen-Rhein*** | S. 205 |
| Ich habe noch nicht zum heiligen Sternberg gebetet | ***Mariette Leuck*** | S. 206 |
| Am Houseker sengem däischtere Sak | ***Théo Pletschette*** | S. 208 |
| Winterfeste | ***Mariette Leuck*** | S. 209 |
| Den éischten Nationalfeierdag no der Liberatioun | ***Simone Bonenberger*** | S. 213 |
| De Roude Léiw | ***Mariette Leuck*** | S. 215 |
| Déi Hämmer Jonge gi liichten | ***Ferdy Dumont*** | S. 218 |
| Die österliche Zeit | ***Mariette Leuck*** | S. 223 |
| D'Klibberjongen | ***Simone Rosen-Bonenberger*** | S. 226 |
| Kuckt séier, do leeft den Ouschterhues! | ***Simone Bonenberger*** | S. 228 |
| Eischt Kommioun, deemools | ***John Weber*** | S. 230 |
| De Cortège | ***Nicole Jung-Wolfers*** | S. 232 |
| Vum Pätter krut ech e Goldstéck | ***Nicole Collart*** | S. 233 |
| Déi gutt Glace | ***Théo Pletschette*** | S. 234 |
| Kommunion in Merl | ***Mariette Leuck*** | S. 236 |
| Vu Réimech an d'Oktav | ***Andrée Hansen-Rhein*** | S. 241 |
| Mir wäre gär op de Mäertche gaangen | ***Nicole Jung-Wolfers*** | S. 242 |
| Ein ehrenvoller Auftrag | ***Ferdy Dumont*** | S. 243 |
| Rousen a Lilien | ***Simone Bonenberger*** | S. 245 |
| Kiermes an Hochzäit | ***Théo Pletschette*** | S. 246 |
| D'Wantergezei woar fir d'éischt eraus | ***H.G.*** | S. 248 |
| Dann läuteten die Glocken zu Hauf | ***Mariette Leuck*** | S. 249 |

## Kanner, 't ass Krich! — S. 250
### Episoden aus battere Joren

| | | |
|---|---|---|
| 't huet fuerchtbar geknuppt an dat all Nuecht | ***Théo Pletschette*** | S. 252 |
| „Wat geschéit elo?“, hunn ech gefrot | ***Andrée Hansen-Rhein*** | S. 254 |
| Der 10. Mai | ***Ferdy Dumont*** | S. 255 |
| Mäi Grousspapp, de selbsternannten Expert | ***John Weber*** | S. 258 |
| Mam Leederwon an d'Evakuatioun | ***Madeleine Wies-Bredimus*** | S. 260 |
| An dunn, den 10. Mee, si se komm | ***E.K.K.*** | S. 262 |
| Dat ass us Bréck | ***M.T.*** | S. 263 |
| E Fändel fir den Hitler | ***Andrée Hansen-Rhein*** | S. 264 |
| Umbenannt | ***Simone Bonenberger*** | S. 265 |
| De Robert | ***Simone Rosen-Bonenberger*** | S. 266 |
| Angscht a Mësstrauen | ***Simone Bonenberger*** | S. 267 |
| Dat ass keng Spillplaz | ***B.R.*** | S. 268 |
| Liewensmëttelkoarten | ***Simone Bonenberger*** | S. 269 |
| Ech war zwee Joer mat menger Mamm eleng | ***Paul Wallers*** | S. 269 |
| Meng Groussmamm hat d'Iddi | ***John Weber*** | S. 271 |
| Ass dat do mäi Papp? | ***J.D.*** | S. 272 |
| Deen ass iwwer d'Bréck | ***Simone Bonenberger*** | S. 273 |
| Dat do bedeit näischt Guddes | ***Marie-Thérèse Schengen*** | S. 274 |
| Beim Holzsammeln | ***Ferdy Dumont*** | S. 275 |
| Da si sëlwer Sträife vum Himmel gefall | ***Nicole Jung-Wolfers*** | S. 276 |
| Nëmmen net an eise Keller | ***Madeleine Wies-Bredimus*** | S. 277 |
| D'Preisen hunn alles matgeholl | ***M.W.*** | S. 279 |
| Die Amerikaner sind da | ***Ferdy Dumont*** | S. 280 |
| D'amerikanesch Zaldoten: gudder a schlechter | ***Madeleine Wies-Bredimus*** | S. 286 |
| Mat Vëlo a Wallis an d'Evakuatioun | ***Paul Wallers*** | S. 289 |
| D'Grand-mère hat d'Haus voll | ***Simone Bonenberger*** | S. 291 |
| Granatenbeschuss | ***Ferdy Dumont*** | S. 292 |
| Der amerikanische Militärfriedhof | ***Ferdy Dumont*** | S. 293 |
| Als das Kind den Mond haben wollte | ***Mariette Leuck*** | S. 295 |
| Den Häppy a seng grujelig Entdeckung | ***Joss Scheer*** | S. 297 |

## Index vun den Erzieler — S. 299

## Billerverzeechnes — S. 307

# Virwuert

Et ass mer eng grouss Freed, e puer aleedend Wierder zu dem elo scho 6. Buch aus der Serie *"Aus dem Liewen erzielt"* ze schreiwen, enger Rei vu Publikatiounen, déi den RBS – Center fir Altersfroen asbl erausgëtt.

Kannerzäit - *„'t ass déi schéinst, déi glécklechst Zäit, well d'Erënn'rong un déi Stonne grad wéi Gold um Liewe läit"*, sou heescht et an engem ganz bekannte Lëtzebuerger Nikloslidd [1].
Déi perséinlech Erënnerungen, déi an dësem Buch beschriwwe ginn, zaubere beim Liesen deem engen oder aneren e Schmunzelen op d'Gesiicht, well en sech a Momenter aus senger eegener Kandheet zréckversat fillt. Déi eenzel Kapitele ginn en Androck iwwer d'Liewenskonditiounen a spigelen d'Atmosphär vun der deemoleger Zäit erëm.
Kanner hunn hir eegen Aart a Weis fir mat schéinen a manner schéine Situatiounen ëmzegoen a wat deemools fir déi Erwuesse schwiereg Liewensëmstänn waren, ware fir d'Kanner oft opreegend Erliefnësser.
Dëst biographescht Wierk erméiglecht et, e „Lien" ze maachen tëschent fréier an haut.
War et 1940 nach üblech, dass e puer Generatiounen zesummen an engem Haus gewunnt hunn, sou huet sech am Laf vun de Jorzéngten den Trend zum klenge Stot entwéckelt. Haut erkenne mer erëm, wat fir eng wichteg Roll d'Solidaritéit tëschent de Generatioune spillt a wat fir Potentialer a Chancen se biergt.
Déi Momenter, wou d'Grousselteren hiren Enkelkanner kënnen Anekdoten a Geschichten aus hirer Kandheet verzielen, si vun enormer Wichtegkeet. Dësen Austausch tëschent Jonk an Al, dat Léieren a Verstoen, léisst eis erkennen, dass een och a schwieregen Zäite schéi Momenter erliewe kann. D'Vergaangenheet weist eis, dass een och ouni grousse materielle Räichtum kreativ sinn an Neies schafe konnt. Dës Erfarung an dat Wëssen hunn och haut nach Bestand! Eis Vergaangenheet an eise Patrimoine sinn domat e liewegt Stéck Geschicht vun där haut di Jonk a manner Jonk profitéiere kënnen.

Ritualer, eng Struktur hunn, Verantwortung droen an eng sozial Roll iwwerhuelen, Solidaritéit ënnereneen waren a si Wäerter, déi och haut fir d'Kanner vu grousser Bedeitung sinn an déi mir de Kanner mat op hire Liewenswee gi sollen.

Ech wëll de Leit aus dem Biographiegrupp vum RBS – Center fir Altersfroen e grousse Merci soe fir hiert Engagement an déi wäertvoll Aarbecht, déi si geleescht hunn. En häerzleche Merci och un déi Leit, déi hir privat Fotoen zur Verfügung gestallt hunn an déi dëst Buch lieweg an authentesch maachen.

Ech wënschen Iech vill Spaass beim Liesen!

***Marie-Josée JACOBS***
***Ministerin fir Famill an Integratioun***

[1] « Léiwe Kleeschen » vum Willy Goergen a komponéiert vum Pëppy Beicht



Vu klengem un hunn d'Kanner nogemaach,
wat se bei deene Grousse gesinn hunn

## Erënnerung ass Räichtum, deen am Buedem vun eiser Vergaangenheet läit

„Madame, Dir schwätzt vu Fräiheet. Mä d'Fräiheet, wat ass dat?", gouf ech viru Joren, no menger Usprooch zum Nationalfeierdag, vun engem jonke Scout gefrot. Deemools war ech sprachlos. Haut soen ech mir: „Ween net weess wat Fräiheet ass, weess net wat Krich ass."

Ween de Krich, d'Okkupatioun net erlieft huet, ween an d'Fräiheet eragebuer, an hir a mat hir grouss ginn ass, deet sech schwéier, se ze deiten an ze ëmschreiwen. Ech erënnere mech un en Dissertatiounstitel „C'est la nuit qu'il fait bon de croire à la lumière". Muss een der jonker Generatioun virwerfen, de Krich net gekannt ze hunn? Ech mengen net. Mä et ass d'Verantwortung vun der eelerer Generatioun, déi de Krich mat sengen Entbierungen, sengen Ängschten, senge Verzweiflungen, sengen Affer u Leif a Séil gezeechent huet, Erënnerunge festzehalen a weiderzeginn, fir datt et eis net eng Kéier geet, wéi den Alexander Solschenizyn a sengem Buch „Der Archipel Gulag" schreift: „Die Vergangenheit ist nicht tot, sie ist nicht einmal vergangen."

Wuerfir dës Iwwerleeung? Ganz einfach, well dëst Buch e klengen, awer, spezielle Mosaiksteen ass an der Opaarbechtung vun de Krichsjoren an de Lëtzebuerger Familljen. Sou laang nach Zäitzeien do sinn, ass et gutt op dës Zäit zréckzekucken. Hei geet et net ëm d'Krichsgeschehen, domat beschäftegen sech d'Historiker, mä ëm den Alldag an de Famillje während der Okkupatioun an duerno. Wéi hunn d'Kanner gelieft, mat wat hu se sech beschäftegt, wat hu se matkritt vum Krich, wéi si se geschützt a beschützt ginn, wéi hu se d'Enn vum Krich erlieft, wéi hu se de Wee an d'Liewe fonnt, asw? Déi heiteg Jonk wäerte mat Verwonnerung feststellen, wéi zefridden d'Kanner deemools waren, wéi einfach hir Spiller, wéi bescheiden hir Wënsch a wéi kreativ hir Fräizäit war, awer och wéi lausbübesch se schonn deemools waren.

Dat alles gouf an dësem Buch zesummegedroen. D'Authentizitéit vun den Temoignagë mécht et zu engem eemolegen Dokument fir Grouss a Kleng. Et ass en onverzichtbaren Deel vun eiser Lëtzebuerger Geschicht an eiser *mémoire collective*.

Ech soe Merci all deenen, déi eis hire Souvenirs-Tirang opgemat an erakucke gelooss hunn. Merci och den engagéierte Membere vum Biographiegrupp vum RBS, déi net midd ginn, de verstopptene Räichtum, deen an eiser Vergaangenheet läit, erauszegruewen, a Publikatioune festzehalen an un déi nächst Generatioun weiderzeginn.

Ech wënschen Iech all „bonne lecture".

***Marie-Thérèse GANTENBEIN-KOULLEN***
***Präsidentin vum RBS – Center fir Altersfroen***



# Zu dësem Buch

D'40er Jore vum leschte Jorhonnert: e Jorzéngt, dat vum 2. Weltkrich gezeechent ass. Zerstéierung, Angscht an Entbierunge si Wierder, déi engem spontan an de Sënn kommen, wann ee sech dës Zäit virun Ae féiert.

Vill gouf schonn heiriwwer geschwat a geschriwwen: historesch Fakten an och mënschlech Schicksaler aus der Krichs- an Nokrichszäit, wéi villes futti war an d'Leit hiert Liewen erëm nei hu missen opbauen.

Awer wat bis elo manner beliicht war, dat ass d'Siicht vun de Kanner aus dëser Zäit. Fir si bedeiten d'40er Joren d'Kandheet, dat heescht, d'Zäit vum Spillen, Laachen a Stiichten an och vum Léieren, Follegen an Hëllefen. An hirem Wiesen ënnerscheeden si sech dobäi kaum vun deene Generatioune vu Kanner, déi vir oder no hinne gelieft hunn.

De Krich ass wuel de Kader, an deem sech d'Liewen ofgespillt huet, awer et war eis an dësem Buch wichteg, d'Kand selwer no vir ze stellen an net déi historesch Evenementer. Et ass als Geschichtebuch geduecht, an net als Geschichtsbuch. Dofir hu mer och nëmme ganz rar, wann et fir d'Verstoe vum Text néideg war, Explikatiounen zu bestëmmten historeschen Hannergrënn oder Termë ginn.

Erënnerungen aus der Kandheet, alldeeglech oder besonnesch, lëschteg oder traureg, bleiwe laang am Kapp. Déi meescht Leit erënneren sech gär un déi Zäit an hu vill ze erzielen. Esou hu mir beim Zesummestelle vun dësem Buch vill mëndlech a schrëftlech Temoignagë kritt an hunn dofir esouguer missen eng Selektioun maachen, wa Geschichten sech widderholl hunn. Och hu mer plazeweis e bësse gekierzt, fir de Floss vun der Erzielung ze erhalen. Mir hunn awer ëmmer probéiert, dëst am Sënn vum Erzieler ze maachen an hoffen, datt eis dat gelongen ass.

D'thematesch Andeelung vum Buch war net ëmmer evident, well verschidden Temoignagen iwwer e puer Joer goungen a sech mat méi wéi engem Aspekt befaasst hunn. Hei hu mer, wann et méiglech war, d'Erzielung auserneegeholl an ënner verschidde Kapitelen opgedeelt. Mir hunn och grousse Wäert op d'Bildmaterial geluecht, dorënner vill Fotoen aus Familljenalben, fir d'Geschichten ze illustréieren. Vläicht fënnt och deen een oder aneren sech op engem Gruppebild erëm.

Mir sinn d'Zeie vun där Zäit, a well och mir eng Kéier net méi do sinn, hu mir dëst Buch zesummegestallt. Mir hoffen, datt d'Kanner aus de 40er Jore Parallele fanne mat eegenen Erliefnesser, datt si sech an déi Zäit zréckversetzen a encouragéiert ginn, fir selwer aus hirer Vergaangenheet ze verzielen. Deene jéngere Generatioune gëtt dëst Buch hoffentlech e liewegen Abléck an d'Kannerzäit vun hiren Elteren oder Grousselteren, wéi si gelieft, geléiert a sech gekleet hunn, hir fräi Zäit verbruecht a Fester gefeiert hunn.

*De Biographiegrupp vum RBS - Center fir Altersfroen*



...wéi ass 't
sou gutt doheem! *

# D'Liewen all Dag

* Michel Lentz,
Ons Heemecht



Am sonndesse Gezei goungen d'Kanner an d'Mass

**D'Liewen an der Famill stoung am Mëttelpunkt. Speziell Ritualen, wéi Iessen, Aarbecht, Schoul a Mass, hunn den Dag strukturéiert.**

## Sonndeg

Sonndes mueres gi mir an d'Mass,
de Papp am Kostüm, mat Cravatte.
D'Kanner samschdes frësch gebuet,
e Putsch an d'Hoer: haalt iech grued.

Om Mëttesdësch de Sonndesbrot,
dobei Ierbsen, Fritten, Zalot.
Als Dessert Pudding à la Vanille,
do seet keen, dat ass zevill.

Om zwou an d'Vesper, Kanner, 't laut,
dann op d'Musel, 't ass Foussball haut.
Mir hunn do op der Cloture geklunschelt,
de Josi ass an d'Gras gebunzelt.

De Papp dee këmmert dat net vill,
„Kuckt op den Terrain, do ass d'Spill."
Se ruffe vir, se ruffen hannen,
kommt Jonge laaft, déi packt dir dach.
Réimech muss wannen, 't wär dach
gelaacht!

Nom Match de Patt: „Dir gitt net mat!
Kanner, 't ass Andacht, och dat gëtt
gemaach."
Nom Nuetsiessen, do si mir midd,
wat ass haut net alles geschitt.
Wéi séier ass den Dag verflunn,
moar geet eng nei Woch nees un.

***Simone Rosen-Bonenberger***





**An enger grousser Famill am Éislek goufen et gemitterlech Amenter, wa si all am Wanter an der Uucht zesumme souzen.**

## Do war et esou gemittlech

Mir waren eng grouss Famill: d'Grousselteren, d'Mamm an de Papp, zwéi Monnien, d'Kanner an de Kniecht.

Dat gouf en Dësch voll Leit. Do waren d'Schosselen ni ze grouss a séier eidel. Ech erënnere mech nach gär, wann eis Ditty mat de Stäerzele komm ass: zwéi grouss Plateauen. Déi gutt Grompere mat Brach an Ierbsen aus dem Gaart. Wa samschdes de Bakuewen ugemat ginn ass, huet et am ganzen Haus no Kuch, Streisel a Schmulltaart gericht. De Geroch eleng huet mech frou gemat!

De Wanter, wann et kal war, wa Schnéi louch an d'Deeg kuerz a ficht waren, si mir mam Schlitt gefuer oder op der zougefruerener Baach geschliddert. Dofir waren déi geneelte Schong wéi gemat. De Schnéi war oft esou héich, dass en uewen an d'Schong gelaf ass, wa mer heemgetrappt sinn. Déi laang wëlle Strëmp an de Sam vun de laange Mäntel, déi iwwer de Schnéi geschleeft sinn, ware liicht gefruer, wa mir doheem ukomm sinn. Laang Boxen hate mir Meedercher déi Zäit nach keng.

Wann den äisege Wand iwwer d'Éisleker Koppe geblosen an de Schnéi gejot huet, da war et gutt am Haus. Do war et esou gemittlech, do hat elo ee fir deen aneren Zäit. Ower nom Iesse souze mir all an der wiertesser Stuff ëm de grousssen Dësch. Am Kolonnenuewen huet en déckt Feier gebrannt an de ganze Raum gewiermt. Eng Pan Äppel louch drop an e puer Zillen, fir spéider d'Better ze wiermen.

Eis Monnie souze mat der Päif beim Uewen. Den aromatesche Geroch vum Tubak, den Doft vun den Äppel, déi um Uewe gebrutschelt hunn an dee wierzege Geroch vum Holz louchen an der Loft. Ënnert sech hunn déi zwéi Pättere gepotert, wat se am Dag erleedegt an erlieft haten. Deen een hat sech ëm d'Beie gekëmmert, deen aneren hat geschräinert, gefléckt oder an der Schmëtt geschafft.

Ënnert der Luucht huet d'Groussmamm Strëmp gestréckt, ëmmer nëmme Strëmp, si huet eis all mat Strëmp versuergt. An si hat nach eng aner Spezialitéit, si huet Händsche gebitzt fir d'Männer, fir dobaussen ze schaffen, aus décken, waarme Stoffreschter.

De Grousspapp huet mat menge Geschwëster „Wollefsmillchen" gespillt: déi schwaarz Wëllef géint déi wäiss Schof. 't ass héich hiergaang, bis de Papp gesot huet: „Lo mat emol e bësse lues!"

Hie souz do mat mir Rechenaufgaben ze maachen. Wa mir fäerdeg waren, hu mir och matgespillt. ’t woar esou eppes Heemeleges un deene Wanterowenter. Déi Kleng wollten ni an d’Bett, och net, wann se hire gebrodenen Apel giess haten. Bis d’Mamm gesot huet: „Lo gëtt et awer Zäit.“

E bësse méi spéit ass d’Lut ausgemat ginn an de Rousekranz ass gebiet ginn, eng Gewunnecht aus deene schwéiere Krichszäiten. Nom 2. Gesetz souzen d’Bouwen ënnert dem Dësch, Dommheeten ze maachen. Wann se sech net ginn hunn, sinn se an d’Bett geschéckt ginn. Sou ass no an no de Krees méi kleng ginn. Een nom aneren ass op d’Kummer gaang, eng Fënster no där anerer ass däischter ginn.

***Mariette Steichen vu Fëlschdref, Joergank 1947, erzielt vun hirer Kandheet am Éislek***



E puer Generatiounen hunn zesumme gewunnt



**D’Mariette Leuck, dogëint, huet vill Zäit eleng bei hire Grousseltere verbruecht. Si ass hirer Groussmamm dankbar fir dat, wat si hir mat op de Wee ginn huet.**

# Schlechte Laune gab es bei uns nicht

Wenn ich zurückdenke, wird mir klar, wie viel ich meiner Großmutter verdanke. Sie war, wie alle Mütter und Großmütter damals, eine Hausfrau, die alles konnte: kochen, nähen, stricken, flicken, den Garten bestellen, das Haushaltsbuch führen und das Haus putzen. Sie konnte Matratzen stopfen, Lieder singen, einkochen, Brot backen. Vor allem aber war sie eine großartige Erzieherin. Sie benötigte dazu keine Spezialausbildung, sondern war von Haus aus ein Bauernmädchen mit einem gesunden Menschenverstand, das den hübschen jungen Lehrer geheiratet hatte. Dies war die Partie ihres Lebens und sie wurde deswegen gebührend beneidet. Der Lehrer wiederum wusste, dass er das große Los gezogen hatte und behandelte seine Frau mit viel Respekt.

Ich hatte das Glück, in dieser Atmosphäre viel Zeit mit meinen Großeltern zu verbringen. Dazu war es die Zeit nach dem Krieg, als jede neue Ware auf dem Markt in der Stadt bestaunt und geprüft wurde. Was in den Topf kam, wuchs im Garten und wurde entsprechend geachtet. So etwa wurde ohne Widerrede gegessen, was auf dem Tisch stand. Schmeckte etwas nicht so gut, meinte Großmutter: „Wenn die Mäuse satt sind, ist das Mehl bitter.“ Ein Stochern im Teller übersah sie und sagte: „Heute Abend wird es umso besser schmecken.“ Und dies war regelmässig der Fall.

Hatte ich mir im Gegenteil zu viel herunter genommen, und schaffte es nicht, den Teller leer zu machen, verschwand er ohne Kommentar im Schrank. Abends aber stand er aufgewärmt wieder an meinem Platz. „Das ist eben so, wenn die Augen größer sind als der Bauch“, sagte Großmutter. „Wenn der Teller leer ist, kriegst du auch eine Scheibe Wurst.“ Diese Wurst war hausgemacht, schmeckte herrlich und ich war verrückt danach. Und sie lag jedes Mal neben dem Brotlaib, wenn ich einen Mittagsteller zu leeren hatte. So aber lernte ich, alles, einschließlich der Wurst, zu schätzen. Ich bin dafür sehr dankbar.

In dieser Zeit hatten wir wenig Spielzeug. Eine Puppe oder ein Stofftier



De „Bierchen" an de Putsch hu misse mat op d'Foto

waren Schätze, ein Baukasten und Farbstifte ein unerhörter Reichtum. Zu weiteren Wünschen meinte Großmutter: „Die Ziege wollte einen langen Schwanz haben, doch sie kriegte nur ein Deckelchen. Sie ist aber schön. Stell dir vor, wie sie mit einem langen Schwanz aussähe. Sie wäre ja lächerlich." Ich dachte dann manchmal an die Mutter der Sieben Geißlein und nahm das Argument hin. Es konnte auch sein, dass ich mich durchtrotzen wollte. Dann schaute Großmutter mich an und sagte: „Hör auf, du weinst wie die Schweine. Es kommen keine Tränen. Komm ich zeige dir, wie du deiner Puppe etwas Schönes stricken kannst."

Einmal kam ein Klassenkamerad aus der Normalschule zu Besuch und ich hörte, wie er Großvater erzählte, er sei „schlechter Laune" gewesen. Einen solchen Zustand kannten wir eigentlich nicht. Die Leute hatten ihre Sorgen und Nöte, mit denen sie versuchten, fertig zu werden, doch schlechte Laune … Ich hatte aber verstanden, dass hierzu ein griesgrämiges Gesicht gehört. Dies versuchte ich nun auch und erklärte am Morgen, als ich die Treppe herunterkam: „Heute bin ich schlechter Laune." Unten wusch Großmutter den Flur. Sie sah auf und fragte: „Was? Was ist denn das? Gibt es so etwas? Wenn du jetzt unten bist kriegst du fünf Minuten, um ein ordentliches Gesicht zu machen. Falls das nicht gelingt, helfe ich mit dem Wischlappen nach." Dabei sah sie zu dem Ohrenwecker, der in der Küche auf dem Schrank vor sich hin tickte. Da ich aber nicht wusste, was sonst noch zu einer schlechten Laune gehört, war die Angelegenheit bald erledigt.

Altklugheit bog Großmutter folgendermaßen zurecht: „Du bist so klug wie der Herr Metz mit seinen sieben Hunden. Doch sieben Hunde sind zu viel. Einer genügt, wenn er gebraucht wird." Und ob – mein Freund Tella, der beim Bauern gegenüber Hofhund war, wurde gebraucht und schaffte seine Arbeit allein. Dazu konnten wir uns noch gegenseitig besuchen. Warum Herr Metz sieben Hunde brauchte, konnte ich mir nicht erklären und ich konnte mir einen solchen Aufmarsch auch nicht vorstellen.

Kindergärten gab es nicht, höchstens in der Stadt. Unser Spielplatz war das ganze Dorf, samt Wiesenbann und Grünewald. Der Tag wurde von den Glocken geregelt. Doch auch hier galten Zucht und feste Regeln. „Wenn die Glocke läutet kommst du nach Hause. Dann gibt es Abendbrot." Sollte dieses Nachhause-Kommen nicht zeitig gelingen, wartete die Flaschenbürste, Großmutters Exekutionsinstrument, im Hinterhof. Sie trat meistens nicht in Aktion, doch ihr bloßer Anblick genügte, um die Glocken nicht zu überhören.

Und noch eins: bevor ich zu den anderen Kindern gehen durfte, meinte Großmutter so manches Mal: „Ja, aber bevor du gehst, spielst du hier eine halbe Stunde allein." Bei einem etwaigen Widerspruch lautete die Antwort: „Bist du denn dumm? Nur dumme Kinder können nicht allein spielen." Dumm will kein Kind sein, doch, vielleicht war es gescheit, sich einfach davonzuschleichen, trotz Flaschenbürste … Ein anderes Mal vergaß ich über dem Alleinspielen, dass ich eigentlich zu den anderen wollte. So lernte ich beides: allein und mit anderen. Es ist ein Geschenk für das Leben.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***

Och an anere Familljen huet d'Groussmamm eng wichteg Roll gespillt.

# Eis Bom an hir Hausmëttel

„Wat méchs du do?", hunn ech gefrot. Eis Bom souz beim Kichendësch. Mat Mullstécker huet se kleng Säckelcher gemat, mat graffem Salz gefëllt a mat engem Fuedem zougestréckt. „Déi brauche mir moar, wa mer mam Auto ënnerwee sinn, 't muss ee mat allem rechnen." Déi Zäit hate vill Autoen nach keng Heizung.

Deen aneren Dag si mir gefuer. Mir souzen do an de Mäntel, mat Mutz a Schal: vir de Bop an d'Bom, hannendra meng Elteren an ech. 't woar kal am Wanter 1949. No an no sinn d'Fënsteren am Auto ugelaf vu bannen an zougefruer vu baussen. Eise Bop fiert zur Säit vun der Strooss, d'Bom hëlt hir Säckelcher eraus an d'Männer hunn domat

D'Kraider aus der Bomi hirem Gaart hunn der ganzer Famill gehollef







Dës Spënnche war gutt gefëllt

d'Fënstere kloer geriwwen. Elo konnte mir weiderfueren, wéinsdens eng Zäit, bis nees alles zougefruer woar. Wat hätte mir gemat ouni der Bom hir Säckelcher?

Wann d'Zwiwwelen zeideg woaren, huet d'Bom hire Sirop gebraut. Ech hunn nogekuckt. Wat do alles drakomm ass: fir d'éischt sinn d'Zwiwwele geschielt ginn an a Scheiwe geschnidden, dann an d'Dëppe mat Waasser, bronge Candis-Zocker, Teimerjännchen a Rosmarin. Dat ganzt ass op der Kachmaschinn ganz laang, ganz lues gezunn. Da gouf et passéiert an a kleng Fläsche gefëllt. Ech hunn däerfe mam Fanger d'Dëppen auslecken: 't huet geschmaacht wéi Hunneg! Domat ass dann Halswéi an Houscht traktéiert ginn. Natierlech wosst ech wou déi oppe Fläsch géing stoen: heiansdo woar se ganz séier eidel!

Wann ech mech emol richteg erkaalt hat, koum d'Bom mat der Héngerbréit: „Dat mécht en Doudege lieweg", huet se gesot. Mir huet et geschmaacht a gehollef huet et och.

Lilien-Ueleg stong ëmmer bereet. Ech weess net fir wat alles, awer wann ech d'Ouere wéi hat, huet déi mat woarmem Ueleg gedränkte Watt de Wéi ewech geblosen a geheelt.

***Mme M.F.K vu Briedemes,***
***Joergank 1939, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***

Mee-Reenche fal vum Himmel
fal op mech eleng,
ech wuesse gär eng Grimmel
wëll net bleiwe kleng!

Sou ruffen d'Kanner
an der Gaass
D'Feiserchen, déi hu se naass.

***Kannerreim***



Morgens früh um sechs
kommt die kleine Hex'.
Morgens früh um sieben
schabt sie gelbe Rüben.
Morgens früh um acht
wird der Kaffee gemacht.
Morgens früh um neun
geht sie in die Scheun'.
Morgens früh um zehn
holt sie Holz und Spän';
feuert an um elf,
kocht dann bis um zwölf
Fröschebein' und Krebs und Fisch':
hurtig, Kinder, kommt zu Tisch!





D'Erzéiung war streng. Oft huet et awer méi schlëmm ausgesinn, wéi et war.

# De Martini

„A wéini krëtt de Josef der dann elo?" hott de Leo meng Mamm gefrot, wéi mir allen zwéi gutt dreckig vaon engem Spillnomëttig heemkoumen. De Leo war aus der Belscht kommen, an hott och op Aanischbach gewaont, bei senger Mamm, ma et war kee Papp do. Ech ho mech gefrot, firwat, ma ech ho mer nik getraut, fir de Leo ze froen.

Meng Mamm hott mech geplëmmt an an de Spullstä gestallt. An der Wäschschëssel hott se Waasser aus dem Kraon gemëscht mat dees aus dem Biz, deen déi Zäit ëmmer op der Kachmaschinn stung. Do hott dämools bal d'ganzt Jor durich eng Brikett, déi an Zeitungspopäier agewéckelt war (dann hott se méi lang gehalen) eng Glous gesuddert, wann nik grad déckt Feier dra war, fir ze kachen, ze baken oder ze hëtzen.

Wéi ech dunn erëm a proppere Kläder stouch, krute mer allebéid en Apel op d'Fauscht, an de Leo ass häm getrëppelt. Ob et bei him eng Faort Sträch gouf, sënn ech ni gewaor ginn.

Ech ka mech och nik erënneren, jee eng Kéier mam Martini lassgezunge ginn ze sënn. E Kranz mat ca. 30 cm lange Rimme, vao guddem „Ideals"-Leeder, war op e ronne Poul – e ka von engem ale Bäsemstil geweest sënn – geneelt, an dat Instrument sollt am Noutfall om Hënnischte von dem klenge Lauskärel danzen. E lung am Zeitungsstänner, oder besser gesot: - hänkert, deen neeft dem Kicheschaf aon der Mauer hung. An eewer honn ech de Martini e bësse gefaort, zemools den Housiker, wéi hie mam Kleeschen bei eis op Besuch war, och esou engt Folterinstrument am Grapp hat. Et hott mech aon dem Pilatus seng Zaldoten erënnert, déi an der Kirich op der 3. Statioun vom Kräizwee de Jesus gegäisselt honn. Enges gudden Daags, datt ech fir eng kuerz Zäit eleng dohäm war, honn ech mäi Plang, dä mer schonn e Strapp duerch de Kapp gangen ass, ëmgesat: Laanst de Peedchen am Goort hat mäi Papp menger Mamm ronn eise Réier abetonéiert, iwwert déi en zolitten Drot als Wäschléngt gezunge war. Déi ronn Péil hate 5-6 cm Durrichmässer, a waren owen op.

Ech ho grad héich genouch geräscht, an d'Lach war grad grouss genouch, fir de Martini owen eran ze juppen: Bannen am Rouer hott et eng Kéier „Plop" gemach a wann en nik gefault ass, stécht de Martini nach hakt am zwäte Poul rechts ao menger Mamm hirrer Wäschdréchent.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***

D'Relatioun tëschent de Kanner war vum Zäitgeescht gepräg. Sou huet de Ferdy Dumont eng lieweg Erënnerung un e jiddesche Jong aus senger Schoul.

# Das Lächeln Abrahams

Abrahams Los war nicht beneidenswert: Mutterlos, aus armem Elternhause, von Natur aus wenig gesegnet mit liebenswürdigen Eigenschaften, vom Schicksal ins Abseits gestellt.

Sein armseliges, ein wenig verwahrlostes Äußeres rief in mir, dem Zweitklässler, echtes Mitleid mit dem damals um fast zwei Jahre älteren Klassenkameraden wach. Sein eher hässliches, mit Sommersprossen gesprenkeltes, leicht aufgedunsenes Gesicht, trug immerfort ein gequältes, scheues Lächeln, in welchem ich seine Einsicht in die eigene Unwürdigkeit zu erkennen glaubte. Die ärmliche, ziemlich schmutzige, tagein tagaus immer gleiche, mit Flicken übersäte, unübliche Kleidung – weil in schwarzem, altersblankem Schneiderstoff – machte seine Erscheinung noch verspottungswürdiger.

Sein Lächeln aber war wie ein Schild das vor Spott und Aggression seiner Schulkameraden schützen sollte. Nicht nur seine Gesichtszüge, auch sein ganzes Gebaren und seine Haltung – leicht vornübergebeugt, als bedrücke ihn eine ganze Erdenlast – schien beständig darauf bedacht, schicksalhaftes Unheil in einer ihm feindlich gesinnten Welt abzuwenden. Im laut lärmenden Schulhof während der Unterrichtspausen stand er still vor sich hin lächelnd abseits und verweilte teilnahmslos bei den ausgelassenen Spielen, als fürchte er, unerlaubte Kreise andersartiger Kinder zu stören. Machte sein Lächeln so nicht seine Stummheit sprechen?

Das war so mein Empfinden als siebenjähriger Junge was Abraham anging, diese eigenartige Randfigur, die mich beeindruckte und der ich doch in kindlichem Mitleid zugetan war.

Ich fühlte mich stark neben ihm, wenn ich ihn manchmal nach der Schule auf unerlaubten Umwegen zur Schleifmühle begleitete, und war mir sicher, ihm etwas von meiner Überlegenheit mitgeben zu können. Es machte mich glücklich, ihn, den von allen andern Kameraden missachteten Judenjungen als gleichwertigen, aber unwissenden Kameraden anzusehen und ihn über die Güte und Größe Gottes zu belehren, sowie von der Schönheit des Himmels und der Pracht des Paradieses zu erzählen. Als Nichtchrist konnte er ja von diesen großen Herrlichkeiten und für die Ewigkeit überlebenswichtigen Dingen nichts wissen. In der Schule war er







Den Abraham huet op der Schläifmillen bei Hamm gewunnt



vom Religionsunterricht freigestellt und konnte während dieser Stunde ohne irgendwelche Aufsicht nach Belieben frei umherschweifen.

Interessiert und dankbar hörte er mir indes zu und nahm mich ernst. Ich spürte, dass ihm an meiner Freundschaft viel gelegen war; von den andern hatte er doch nur Spott und Widerwärtiges zu erwarten.

Niemals wäre es mir während solcher Unterhaltungen in den Sinn gekommen, an das unrühmliche Lied: „1, 2, 3, 't ass e Judd kapott, huelt e mat de Been a schleeft e fort!" auch nur zu denken, das wir Kinder oft unbedacht daher grölten und es als harmlosen Gassenhauer wähnten, wogegen es doch bei den Betroffenen – den in böser Vorahnung lebenden Menschen – als ein gehässig provokantes Schmählied in den Ohren geklungen haben muss, nicht zu sprechen von der unsagbar beleidigenden Natur dieser menschenverachtenden Töne.

Bei mir prahlte er ein ganz klein wenig mit seinem Geld, war es doch wohl das Einzige womit er allen andern ohne jeden Zweifel überlegen war. Niemand in unserm Alter hatte auch nur ein Fünf-Sous-Stück in der Tasche. Vertraulich verriet er mir, selbstbewusst und mit einem gewissen Stolze, wie er das Geld verdiene: Er öffne zuweilen das Straßentor auf der Privatstrasse auf Schleifmühle für durchfahrende, reiche Autofahrer, die dafür ein Trinkgeld gaben. Im Krämerladen konnte er so Bonbons kaufen, wovon er auch manchmal großzügig austeilte, um so die Garstigkeiten der Mitschüler wenigstens zu mildern, vielleicht sie ihm auch wohlgesinnter zu stimmen.

Am 10. Mai 1940, bei dem Überfall Luxemburgs durch die Nazi-Wehrmacht, hatte sich Vater Starkmann frühmorgens mit Abraham, seinem Bruder Moritz, seiner Schwester Rebekka und seiner ganzen Familie über die Grenze geschlagen. Man erzählt, dass vor dem Vernichtungstod durch deutsche Hände schließlich doch nur die um mehrere Jahre ältere, bildschöne Schwester gerettet wurde, weil sie gute Beziehungen zu einem deutschen Offizier gehabt habe.

***Ferdy Dumont vun Elleng, Joergank 1932, erzielt vu senger Kandheet zu Hamm***



**Déi vill Händler, déi vun Haus zu Haus duerch d'Stroosse gezu sinn, ware fir d'Kanner ëmmer erëm eng Attraktioun.**

# Eng Schappe Mëllech

Mueres ass de Mëllechmann mat der Schell vun Haus zu Haus gefuer. D'Mëllech ass mat engem Däppchen erausgeschäfft ginn. Et ass gemooss ginn mat eng oder zwou „Schappen". Déi sinn dann an d'Mëllechdëppchen aus emailléiertem Blech gefëllt ginn.

Vun Zäit zu Zäit ass och de Lompemann komm, fir Fatzen an al, zerrasse Kleeder ze sammelen. Duerfir krut een dann allerlee Geschir, dat ni beienee gepasst huet. Mir Kanner awer ware ganz begeeschtert, wa mer ons konnten eng nei Taass mat engem Teller (deen och net dobäi gepasst huet) eraussichen.

Et ass och e Schéiereschlëffer an d'Haiser komm, mat sengem Schläifsteen, deen nach mam Fouss gedréckt ginn ass.

***Marie-Louise Wallers-Rykal vu Fenteng, Joergank 1944, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***



Eng Attraktioun war awer och den éischte Radio. Eng friem Stëmm koum esou heem an d'Stuff.

# Eisen éischte Radio

1944 hu mir eisen éischte Radio krut. En hat nëmmen ee Posten, dat war Radio Lëtzebuerg. D'Ereegnis vun der Woch war samschdes owes d'„Zaldotestonn", do war dann de Paul Leuck, deem seng Stëmm ech ni wäert vergiessen. Hien huet dat ëmmer wonnerbar gemaach a wann hien dann och nach d'„Wolgalied" gespillt huet, dann huet meng Mamm gekrasch.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***



E Radio vun der Marque „His Master's Voice" vun 1947

# Hei ass Radio Lëtzebuerg...

…Gong …

Hei ass Radio Lëtzebuerg op Mëttelwellen 208 Meter 1439 Kilohertz

… Gong …

Dës Uso huet nom Krich fir esou munnech Familljen de Feierowend agelaut. Well deemools huet de Radio nach net de ganzen Dag gesent. Ëm 6 Auer owes goufen et Neiegkeete vun heiheem an aus der Welt. Eng laang Zäit koumen duerno Suchmeldungen, d. h. et si laang Lëschte gelies gi mat Nimm vu vermësste Ëmgesidelten oder Jongen, déi nach a Russland hätte kënne sinn. Esou munchereen huet och vu wäit ewech geschriwwen, fir gewuer ze ginn, wou seng Leit vun heiheem dru wieren. Op déi Manéier konnte Familljen erëm zesummefannen, oder si wossten, datt se sech hu misse mat enger grousser Enttäuschung aussernee setzen. Mir Kanner konnten net esou vill domat ufänken, mä mir hunn dach gespiert, wéi eescht déi Saach war. No an no goufen déi Lëschte méi kuerz an hu sech vum selwen opgeléist.

Gewëss, scho virum Krich huet et deen neie Medium Radio ginn. Mä den Hitler a seng Leit haten e populariséiert, politesch ausgenotzt an och technesch verbessert. Mir däerfen och den Afloss vun der BBC, also dem Englänner, deen heemlech am Krich gelauschtert ginn ass, net vergiessen.

An de Stuwwe stonge geschwë Radiosapparate vu Blaupunkt, Siemens, asw. Et ware grouss Këschten, déi mat engem Duch bespaant waren an ënnen eng Skala hate mat villen Nimm. Wéi ech ugefaangen hunn ze liesen, hunn ech buschtawéiert: BRNO, HILVERSUM, RIAS-BERLIN … Ech sinn och un déi déck Knäpp dréie gaang a war faszinéiert vun deene Sproochen, déi ech net verstanen hunn, vun der Musek, déi op eemol an d'Haus koum. Allerdéngs war do vill Gekraachs dran an et huet och gerauscht a gekraazt. Mä et war eng Fënster an d'Welt, déi mer nach net kannt hunn.

Och scho virum Krich huet et e Sender an der Villa Louvigny ginn, dee vun 39-40 roueg war. Duerno ass e fir strategesch Zwecker genotzt ginn. Egal vu wat fir enger Säit. Déi lescht waren d'Amerikaner. No der Liberatioun awer war de Radio hei zu Lëtze-buerg Pionéieraarbecht. Dee Pionéier, deem seng Stëmm geschwënn iwwerall bekannt war, war mäi Papp, de Paul Leuck. Och bei äis doheem gouf et zur Nuecht z'iessen, wann de Papp geschwat huet. Jee no Sendung koum en da geschwënn heem – oder och net, well nach e Reportage oder en Interview op der Lee stong.

Déi Zäit goufen et keng Animateuren, Moderatoren, Quiz-Masteren oder wéi ëmmer. De Mann hannert dem Mikro war de „Radio-Speaker", kuerz de „Speaker", an deen huet einfach missen alles kënnen: vum Sport bis zu der Politik, vum Wonschconcert bis zum Staatsbesuch. Hei hat all Spart hir besonnesch Nues an och hire speziellen Zweck. De Papp konnt dat einfach alles. Seng Stëmm hat e kritt, awer se huet gewierkt duerch seng Begeeschterung a seng Beruffsethik. An *déi* war de Fong vun der Saach. E Beispill: déi Zäit ass och am Radio net vill verdéngt ginn, vu bezuelten Iwwerstonne war net ze schwätzen. An obscho mer d'Sue gebraucht hätten, huet e sech kategoresch geweigert, fir Reklammen ze schwätzen. Ech ka mech hei un esou munnech Diskussioun och doheem erënneren. Mir hunn et awer héich respektéiert.

Wéi meng Grousselteren zu Märel gewunnt hunn, hu meng Schwëster an ech missen heemgoen, wann de Papp ugefaangen huet um Radio ze schwätzen. Dann huet de Pätter „dem Paul säi politesche Kommentar" gelauschtert a vun deem hu mir jo nach näischt verstanen. Wa mer dann d'Strooss erof gaange sinn, waren am Summer d'Fënsteren op, an hei huet de Papp geschwat, e wéineg méi wäit erop huet en erëm geschwat a wa mer doheem waren, war e fäerdeg. Déi Zäit konnten zwee Kanner nach eleng d'Lonkecher Strooss erofgoen. No e wéineg Musek koum elo e Reportage oder d'Emissioun vum Grénge Kräiz, vun der Verkéierspolizei, „Lëtzebuerger Leit a Saachen an der aler Zäit", d'Krankenemissioun, medezinesch Rotschléi, asw. E wéineg méi spéit am Owend koum „d'Uucht" mat Lidder, Spréchwierder oder Sketchen – alles direkt iwwerdroen. Duerno war et Schluss, bis den aneren Dag erëm: Pausenzeechen, Uso, Pausenzeechen … Déi Radioswelt do huet zu eisem Ëmfeld gehéiert. Déi Stëmmen, déi vu baussen an d'Stuff koumen, hunn iergendwéi d'Perspektiv op d'Welt verännert. Och fir déi aner Kanner, mä d'Monique an ech, mir waren „live" derbäi.

Ech entschëllege mech bei deene Leit, deenen ech zimlech kal äntweren, wa vun der Zaldotestonn rieds geet. Et deet mer einfach leed, datt e ganzt Lieweswierk nëmmen dorop reduzéiert gëtt. Gewëss, si war flott, e Feierwierk vun der Sprooch a vu Witz. Mir hu se allerdéngs net däerfe lauschteren. D'Mamm sot, dat wier nach näischt fir äis, a mir hu missten an d'Bett, well si war ëm 10 Auer – och „live", all Samschdeg Owend. Iwwregens, do hunn d'Zaldoten an der Kasär an hire Stuwwen däerfen opbleiwen!

Déi Emissioun war no dem Krich e Politikum. No Zwangsrekrutéierung a Rundstedtoffensiv war Lëtzebuerg elo an der Nato an huet do duerch eng Arméi missen säi Beitrag leeschten. Dat huet och geheescht, datt d'Jongen agezu gi sinn. An „wie sag' ich es meinem Kinde" huet et geheescht. Wéi ka mondsgerecht gemat ginn, datt d'Leit dobaussen dat unhuelen. Hei war du de Radio an natierlech deem säi „Speaker" gefrot. Et ass jo och gaangen, 't war flott, de Papp huet et gär gemaach, et koume Maandele voll Bréif, an iergendwéi krut d'Wierklechkeet vun der Uniform nogeholfef. Et war, wann ee wëllt, gelieft, volkstümlech Auslandspolitik. Et huet opgehalen, wéi et un der Zäit war. Mä et war e Stéck vun engem Puzzle an den Ausdrock vun der Zäit.

Ech ka mech erënneren, datt mer 1949 matgeholl gi sinn op den Tour de Luxembourg. Och do war vill Begeeschterung, och dat war en Ausdrock vun deem neie Fridden. De Bim Diederich huet e gewonnen, d'Bouwen hu Fotoen a Schockelasbiller vu Coureure getosch. Ech hunn net verstanen, firwat esou en Opwand gedriwwe gouf, well ee méi séier renne wollt wéi deen aneren. Awer nach haut weess ech, wéi gutt den éischte Coca-Cola beim Tour an der Sonn war.

Bei wäitem besser huet mech ugesprach, wéi mer mat no Huelmes an d'Schlass waren, wou Studenten aus der ganzer Welt an der Vakanz waren. Hei huet eng Chinesin gesongen an Afrikaner hu getrommelt. Si hunn esou léif gelaacht. Ee vun hinne wollt dem Monique en Elefant an enger Enveloppe schécken. Hatt huet nach eng ganz Zäit op déi Post gewaart. 't huet awer op eemol verstanen, datt de Jong den Elefant net an d'Enveloppe kritt hätt oder datt e fortgelaf wier op deem laange Wee.

Spéider sinn ech dem Raymond Cartier, dem Jean Grandmougin, dem Franz Alt an de Kollege vu Saarbrécken begéint. Och dat waren Erliefnesser, an eng Säit



D'Mariette huet d'Begeeschterung beim Tour de Luxembourg 1949 materlieft

vun der Medaille. Déi aner Säit huet et och ginn an op si ass e Schiet gefall. Dem Papp seng Plaz war deemools eenzeg am Land, a vill Artisten, oder esou, hätten se och gär gehat. An da brauch ee jo fir den Näid net ze suergen. Meng Mamm a mir Kanner hunn déi anonym Telefonsuriff gefaart. Wann eppes net esou gutt gelaf ass, krute mer et vergonnt, an dat krute mer och ze héieren. Et konnt sinn, datt mer vun hannen ugefall gi sinn, gekraazt oder geschloen, an dann huet et geheescht: „Du bass dem Schnëssert säint. Gëff ëm déi do virun.“ D’Monique war méi staark an et huet erëmgefacht. Ech hunn no an no geléiert, Gemengheet a Feigheet ze ignoréieren. Et war am Ufank ganz schwéier, mä op eemol hunn ech gemierkt, wat fir eng souverän an haart Waff ech mer do fabrizéiert hunn. Mir stongen och am Verdacht, méi Protektioun ze hunn wéi déi aner. An dobäi war dem Papp säi Rot: „Dir sidd keng Protektiounsbengelen an dir fügt iech do, wou der sidd.“ An esou war et, mä och dat gouf dann net gegleeft. Mir krute bestänneg domm Froe gestallt, déi sollte witzeg sinn. Mä si waren dax absolut gemeng an nidderträchteg. Och domat hu mer liewe geléiert a mir sinn driwwer ewechgaangen.

No an no gouf d’Radioslandschaft méi wäit. Nei Kollege koumen. Emissioune koumen an aner Hänn. Et goufen iwwerhaapt aner Zäiten, a wie sech du bei äis wollt op e Stull setzen, huet fir d’éischt dem Papp seng Zeitungen erof gehäit well e war elo an deem, wat en ëmmer wollt: der Aussepolitik, an nëmmen do. Säi leschte Reportage war d’Begriefnis vum Prënz Felix. Dat huet e gemaach, well e sech ëmmer gutt mat him verstanen huet. „Elo“, sot en, „ass eng Zäit eriwwer, an eng aner geet un. Mir wiesselen elo d’Wellelängt.“

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel***





*An de 40er Jore war de Radio bei alle gréisseren Ereegnisser derbäi. Eng Televisioun gouf et jo nach net. De Speaker huet misse vill beschreiwen a Lächer „iwwerschwätzen“: Do war dann och en Iwwerdroungswon mat 2 Techniker derbäi, déi vill Kabele gezunn an de Mikro opgeriicht hunn. Si an de Reporter waren e komerodschaftlecht a gutt agespilltent Team. Si sinn z.B. all Donneschdeg Muergen no Klierf an d’Abtei gefuer, fir d’Krankemass ze iwwerdroen. Ëm 1949-50 koum eng Revolutioun: de MAIAC. Dat war eng Enregistreuse mat Bänner an engem agebaute Mikro. De Reporter konnt elo eleng goen, e konnt seng Interviewen ophuelen a si sinn dann och zu aner Zäite gesent ginn. De Papp war vu sengem klenge portable Studio ganz begeeschtert, mä en huet dach d’Technikerkollege vermësst.*

*Fir dës Foto war den Här Mey extra bei äis heemkomm, well en dat „Novum“ do fotographéiere wollt. Ech hunn deemools gehollef mam Maiac üben. Dobäi hunn ech misse ganz däitlech schwätzen. Ewell, „esou e schéint Stéck Technik ass net fir Dommheeten ze maachen“, sot de Papp. An en hat Recht. De Maiac war deier, ’t waren nach Keramiksdeeler dran, an duerfir huet e missen mat vill Virsiicht behandelt ginn. Awer – e war immens schwéier ze droen an ze hiewen, an och dat war eng „Kannersécherung“.*

***Mariette Leuck***





D'Kanner hu scho fréi geléiert, eng Hand mat unzepaken.

# Bréng mir eng Taass

Bréng mir eng Taass,
reech mir e Glas.
Kuck no deem Klengen,
pass op en op,
du weess wat ech mengen,
gëff ëm säi Stopp.
Seng Lomp maach frësch,
an net sou gewullt.
Lo raum den Dësch
an da gëtt gespullt.

Bréng Brennes eran,
an dann an de Stall.
Kuck no den Hénger,
huel d'Eeër aus dem Nascht.
A maach och méi séier,
dono gëtt gerascht.

No der Schoul geet et weider,
d'Schmier an de Grapp
an dann an d'Scheier:
hëllef dem Papp!

An d'Kanner ruffe virum Haus:
„Komm bei eis, komm eraus!
Mir wëllen ticken
haut mat de Jicken!"
Mä d'Mamm, déi woart schonn
an dem Goart:
moar muere geet et op de Moart.

Ob Fréijor, Summer, Hierscht, ob Wanter
um Feld, am Wangert an am Stall,
Aarbecht gëtt et iwwerall.

An d'Kanner ruffen hoart zu vill:
„Komm bei eis, komm a spill!"
Mir géngen dat och gäre maachen,
awer mam Papp ass net ze spaassen:
Hie gëtt weider, wéi hie geléiert
an duerfir sief hie respektéiert.

***Simone Rosen-Bonenberger***
***no enger Erzielung***

„Kuck no deem Klengen, pass op en op!"





De Ferdy Dumont
beim Holzhaen a Quetschekrautkachen

# Ech hunn d'Botze gehaasst

Am Januar 1947 si mir an d'Gilsdreferstrooss an en Haus geplënnert. Dat war no bei der Sauer an déi war zougefruer. Dat éischt wat ech mech ka vun der Sauer erënneren, dat war wéi d'Aïs gaangen ass. Dat huet bei der Bréck gedonnert a gekraacht. Mir hunn du och erlieft, datt bei Héichwaasser alles am Keller iwwerschwemmt ginn ass. Dann hu mer d'Gromperekëschten an alles am Keller musse méi héich stellen, datt et net fortgeschwommen ass.

Et war awer e ganz schéint Haus, wou mir Kanner vill Plaz haten, fir ronderëm ze spillen.

Wéi mir op Dikrech geplënnert sinn, ass meng Mamm krank ginn, du hu mer och misse mat upaken. Wat ech gehaasst hunn, war d'Botzen. Mir haten en Dësch mat geschnëtzte Stempelen, do huet ee musse ganz exakt mat der Stëbslomp derduerchfueren.

Et waren och vill wëlle Strëmp a Pulloveren op der Hand ze wäschen.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939***





# Mir hu gemat, wat mir ugestallt gi sinn

D'Aarbecht ass mengen Elteren ni ausgaang. Mir Kanner hu gemat, wat mir ugestallt gi sinn. Mir hunn Holz erbäi gedroen a Feier ënnert dem Schwéngskessel gemat. Am Haff hu mir Waasser gepompelt. Wa mir gestridden hunn, huet alt een deem aneren en hallwen Eemer iwwer de Kapp geschott: awer wa meng Eltere komm sinn, hunn d'Eemere misse voll do stoen! No der Schoul hu mir de fäerdege Kuerf mat de Schmieren op d'Feld oder an de Wéngert gedroen: sou haten se eis an der Kontroll. Laang si mir awer ni do bliwwen, 't woar vill méi schéin, mat de Kanner an der Gaass ze spillen oder duerch d'Gewan ze lafen. Wann d'Wisen op woaren, si mir mat eisen zwou Kéi an den anere Kanner zesummen op d'Weed gaangen. Do hu mir eis dann ameséiert bis et Zäit woar, fir heemzegoen.



Bei der Aarbecht um Feld hunn d'Kanner och gehollef



Hei konnten d'Jonge weisen, wéi staark si scho waren

Nieft der Aarbecht dobaussen, huet meng Mamm gebutt, gestréckt a gefléckt. Bitzen hat se zu Mondorf an der Haushaltsschoul geléiert. Mäi Grousspapp, dee bei eis am Haus gewunnt huet, hat Beien, do hu mir eis ewechgehal, awer den Hunneg, deen hate mir gär!

Wann eis Elteren op d'Feld gaange sinn, hunn se eis oft agespoart, dass mir solle léieren. Ech sollt mengem klenge Brudder eppes bäibréngen. Awer hie wollt net an ech hat och net vill Loscht. An der Gaass hunn d'Kanner gespillt an eis geruff, awer d'Dier woar zou. Wéi komme mer eraus? Du hu mir no engem Lach gesicht a fonnt: d'Héngerlach.

Mäi Brudder woar méi déck, deen huet misse vir: vun der Gaass aus hunn se gezunn an ech hu gedréckt. Wéi mir en du mat Ach a Krach dobaussen haten, sinn ech hannendrun gekrabbelt: mir woare fräi!

Awer et huet net laang gedauert: mäi Papp huet d'Lach mat engem Briet zougeneelt. D'Freed woar eriwwer.

***Maria Koch, Joergank 1928, erzielt vun hirer Kandheet zu Briedemes***



# Mir ginn an d'Beer

Meng Mamm hat e paor gutt Bekannten an der Noperschaft: Fraen, déi och engt Kand haten. D'Geibefra an d'Watgens, deenen hir Männer, den Norbert an den Hänni – grad ewéi mäi Papp, de Péit oder Péiti – keng déck Paitute von der „Ideal“ oder vom Enterpreneur häm braocht honn. Et gouf sich vill geplot, an d'Paitut gouf all Mount a Kéipercher gedäält, fir déi verschidde Posten ze decken: et war nach Schold om Haus, ma op deer annerer Säit och kee Loyer méi ze bezaolen. D'Kanner honn d'Kläder méi séier verwaoss, wéi d'Mamm se erbäikrut. Ma do gouf et vill Plouweren a Boxen, Blusen an Heemer, an deene méi Kanner aus der Familljen oder aus der Noperschaft gestach honn.

Mat deenen zwou Nopische se mer all Jor am Summer an d'Beer gaangen. Fir d'éischt koumen d'Hambeer draon, dono, schonn am August bis aoganks September, jee nodeems wéi d'Weeder war, d'Peerdsbeer. Ech krut e klenge Pättche mat enger Ficelle ëm de Bauch gestréckt a wa mer et am Gehälach, do wou de Kréich ellen an de Bäm geraumt hat, an den Hiwwele rout d'Hambeer am Gestraich liichte gesinn honn, gung d'Pléckerei lass.



*Wéi ech mat der Mamm zu Fouss an d'Gehälach plécke gung, hu mir leider keng Fotoe gemaach.*

*Obschons meng Mamm déi Zäit schonn e Fotoapparat „ZEISS Ikon Cocarette“, Format 6,5 x 11 cm, Baujor ca 1928 hat, krus de nom Kréich nach kee Film fir dran ze kafen.*

*Den Apparat hat d'Nazizäit an d'Rundstedt hannert de Briketten am Keller iwwerleeft. Ma Fotoe goufe just gemaach, wann eppes Besonnisches lass war: éischt Kommioun, Houchzäit, e ronne Geburtsdag, eng Prëssioun oder engt apaart Fest.*

*Dat ongewéinlicht Filmformat am Rollfilm gouf nach bis an déi 70er Jore vao Kodak produzéiert, op heelzener Spull.*

*Joss Scheer*



Ech spiren nach hakt, wéi et mer war, wa mäi Pättchen nik voll wollt ginn: et war Trauer, ma et war och Roserei, besonnisch, wann eng Bamwuerzel der nik aus de Féiss koum an s de mam Pättchen an d'Grätze (kleng dier Äscht) getroolt bass. Da waren déi kleng rout Krällercher iwwert de Bodem verstrât an et war bal onméiglich, fir se rëm tëschent de Grätzen a Bläder erauszefëschen. Wann ech mäi Pättchen dann emol eng Kéier voll hat, honn ech bei der Mamm am groussen Ämer ägdel gemät, an d'Pléckerei gung erëm bei Null aon.

Hambeer sënn nach ouni zevill Bréimen an Deeren ze plécken, ma d'Peerdsbeer weeren sich mat dausend krommen Deeren dergéint, gepléckt ze ginn.

D'Mamm hat an deer banns schonn en Ämer gefëllt a war mat deem zwäten amgang. Géint véier Auer war Kaffispaus: da gouf et eng Schmeer oder en Apel, an hausmaacher Framboise (verdënnten Hambeersaaft).

Obschonns et mer nik gangen ass, datt ech esou e schappige Pléckert war, erënneren ech mich nach hakt geeren aon déi Nomëttiger an de Beer, apart aon déi verschidde Gerécher am Bësch an an den Hecken. Si ho mam Weeder, mat der Dageszäit, mat der Vegetatioun a mat der Lag geännert.

Och doheem hott et gutt geroch, wann d'Mamm d'Gebeess gekacht hott.

D'Molbeer ware mengem Papp seng Affär: heen hott d'Ämeren an d'Molbeerstripp op de Gepäckdréier vo sengem Rad gebonnen an ass a „Molbisch" gefaoren. Wann en ze fréi ao war, waren d'Beer nach nik zägdig, wann en ze spéit koum, waren se scho gepléckt oder besser gesot – bei de Molbeer – gestrippt. Dat war esou eng Grod. Ma gemänker Hand hott en et geroden an e koum mat engem oder zwéi Waasserämere Beer häm. D'Molbeerstripp ass eng ca. 15 cm brät mat ca. 8 cm héije Säitestécker an engem Bodem, deen aus elauter Drotstëfte bestât. Domadder fiert de Pléckert, sou wéi bei enger Tondeuse, duerch de Molbeestack, an d'Beer ginn tëschent de Stëfte lassgerappt a bleiwen am Trach leien. Wa genouch am Trach ass, schëtt de Pléckert d'Beer a säin Ämer a strippt viraon.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***





**Jiddereen an der Famill hat seng Aufgaben. Wann ee sech eppes Extraes wollt leeschten, huet een dofir geschafft.**

# Ech hu mech ëm d'Holz gekëmmert

Ech hu mech schrecklech ageengt fonnt an eisem Duerfmilieu. Et ass ee jo och néirens hi komm, well kaum een en Auto hat. Nom Krich hat als éischten de Paschtouer een, duerno de Buergermeeschter an eisen Noper hat och een.

Wéi ech op Dikrech an de Kolléisch gaang sinn, ass och nëmmen eemol am Dag e Bus op Groussbus gefuer. Fir heem sinn ech da mat menger Wallis mat der Wäsch vu 6 Woche vum Bus zu Fouss op Wahl gaang.

Fir e Vëlo ze kréien, sinn ech 4-5 Joer laang an der Vakanz bei de Bauer schaffe gaang, vum éischte bis de leschten Dag. Vu mueres 6 Auer bis heiansdo owes 10 Auer. E Vëlo war fir ons schrecklech deier déi Zaït. De Vëlo war awer eng Méiglechkeet, fir emol aus dem Duerf erauszekommen.

An enger Famill wéi eiser mat 4 Kanner war et normal, datt jiddereen seng Chargen hat. Meng Aufgab war, fir mech ëm d'Holz ze këmmeren. Ech sinn dann d'Holz an de Schapp siche gaang, fir d'Këscht nieft der Kachmaschinn an nieft dem Uewen ze fëllen. Ech hunn och den Dësch mussen ofraumen. Eis Meedercher hunn d'Spull gemaach. Si hunn zwar ni brauchen ze strecken, awer et huet een all Dag seng Aarbecht musse man, soss sinn et Strofe ginn.

Wa mäi Papp säin Handwierksgeschir geschlaff huet, dann hunn ech mussen de Schläifsteen dréinen, a wann een dee schwéiere Steen eng Stonn gedréint hat, dat wousst een, wat ee gemaach hat. Do krut ee Muskelen an d'Äerm.

Eisen zweeten Noper, dat war de Schmatt. Mir hunn nogekuckt, wann hien dat gliddegt Eise beaarbecht huet an d'Fonke geflu sinn. Awer hien huet ons och emol ugespaant. Wann hien d'Eisen opgewiermt huet, dann huet och de Blosballeg musse gezu ginn. Dat war da wëllkomm, wann e Bouf aus dem 6. oder 7. Schouljoer gehollef huet.

Mir haten zwou Keelebunnen am Duerf an zwou Wiertschaften. Déi eng war onsen éischten, déi aner onsen zweeten Noper, wat iwwregens net esou gutt war fir mäi Papp. Sonndes huet e mech geschéckt, e frësch gezaapten Humpe sichen. Well ech kee Béier hunn däerfen



Den Théo Pletschette 1945 zu Wahl

drénken, hunn ech alt um Schaum geleckt. Bei de Keelebunnen, do war esou eng Scherenbahn aus Holz mat 9 Keelen. Dernieft war eng aus Buedem (terre battue) mat 3 Keelen. Do ass och ganz vill gespillt ginn. Mir Kanner hu gehollef Keelen opriichten. Da krut een emol e Frang oder eng Limonade.

Mir haten och eng Molkerei am Duerf. Do si mer gär higaang. Den Här Wies, dat war e Kannerfrënd. Do krute mer Mëllech a wann de Botter gemaach a mat den zwee Blëlle geklappt ginn ass, dann hu mer esou frësch Sté-cker pure Botter giess. Dann hate mer och zwee Schousteren, do war et flott. Et huet ëmmer sou speziell no deem Lieder geroch an do war och de Beschass vum ganzen Duerf. Bei de Bauere ware mer natierlech och ganz aktiv. Mir waren ëmmer hannert den Hénger hier, mir hu mat klenge Steng no hinne gehäit an där Domm-heete méi.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***





Et gouf drop gehalen, dass d'Kanner propper waren. Allerdéngs hunn déi dat net ëmmer esou genee geholl.

# Dat mat der Hygiène war esou eng Saach

Mir hunn ons all an der Kiche gewäsch beim Waassersteen. Do war och nëmme kaalt Waasser. Ech hat 3 Schwësteren. Déi hunn ëmmer vill Zäit gebraucht an da war ech frou, well dann hunn ech et net esou genau missen huelen a konnt e bësse méi séier färdeg sinn.

Eng Kéier d'Woch war Bueddag, dann huet meng Mamm eng grouss Bidden an d'Kiche gesat mat e puer Eemere waarmem Waasser an do hu mer ons gebuet.

An der Wiss bei mengem Monni war eng Bud, do ass Waasser vun der Quell opgefaang ginn. Do si mir am Summer an dat äiskaalt Waasser puddele gaang. Dat war dann eis Schwämm.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***



D'"Buedzëmmer" am Summer

D'Meedercher wollte besonnesch schéi sinn an hunn duerfir esou munnech „Tortur" iwwer sech ergoe gelooss.

# D'Schillerlocken

Zu där Zäit war et Moud, dass d'Meedercher Schillerlocken haten. Ech war net frou, wa meng Mamm d'Zaang erausgeholl huet, well ech wosst, dass ech elo rëm hu misse laang roueg sëtze bleiwen. Déi eisen Zaang ass um Gas waarm gemaach ginn. Meng Mamm huet sech eng Zeitung prett geluecht an dann huet si an d'Zeitung gepëtzt, fir ze kontrolléieren, ob d'Eisen net ze waarm wier. Ass d'Zeitung verbrannt, dann huet si misse waarden. Wann d'Zaang déi richteg Temperatur hat, huet si mir domat eng „Löckchen" no där aner „gebrannt". Fir mech extra schéin ze man, krut ech dann nach en décke Putsch an d'Hor.

Am Krich zu Beidweiler sinn ech gewuer ginn, dass et net ëmmer esou gënschteg war, wann ee laang Hoer hat. D'Jongen haten all hir Hoer iwwer de Kapp ganz kuerz geschuer, nëmme vir ass esou e Wutz stoe bliwwen. Mir Meedercher awer hate laang Hoer. Wéi meng Mamm mech eng Kéier besiche koum, stung ech do mech mat béiden Hänn um Kapp ze krazen. Meng Mamm huet direkt verstan, wat lass war: „Du hues jo Lais. An hellewech mat heem!"

Doheem krut ech du sou eng wäiss Flëssegkeet op de Kapp geschmiert. Wat huet dat gepickt! Eng hallef Stonn huet dat missen drop bleiwen, dann ass et ausgewäsch ginn. An dann huet mäi Papp mer d'Lais gesicht. Hien huet sech op den Dësch gesat, an ech virun hien. All Dag huet hien dat gemaach, bis dass keng Laus méi ze fanne war.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***



# De Putsch

Ob rosa, wäiss oder där bloer,
e Putsch gehéiert an deng Hoer.

De Scheed an der Mëtt brauch der zwee,
de Scheed op der Säit där décker een.
Beim Päerdsschwanz kënnt
en uewendrop,
bei der Trëtz, do schléisst en ënnen of.

Ouni dat seident Band
bass du net ugedo, mä Kand.

't huet kee gefrot, ob s du et wollts:
et woar der Mama hire Stolz.

***Simone Rosen-Bonenberger***







Och d'Mariette Leuck hat e schéine Putsch

Waren d'Hoer dann an der Rei, dann huet ee sech ëm d'Kleeder beméit.

# Rack a Bolero

Meng Schwëster an ech waren ëmmer d'selwecht gekleed: e Rack mat Bolero. Da war et och Moud mat décke Pitsch am Hoer.

Meng Mamm huet eng Néidesch vun Diddeleng kannt, déi koum dann een- oder zweemol d'Joer op Dikrech an do huet si fir eis gebitzt. Ons Mamm huet drop gehalen, datt mir ëmmer gutt ugedoe waren, well si war och eng elegant Fra, déi vill op sech gehalen huet. Wa mer anzwousch gaange sinn, hate mer dann dat bescht Gezei u mat Pitsch a schéine Schéngelcher a waisse Strëmp.

Dacks si mer sonndes an d'Pensionat meng Tatta, déi do Nonn war, besiche gaang. Dat hat ech guer net gäer, well dat war steif an net esou interessant.

Mir haten och eng Schouluniform, dat war e bloen Tailleur an e Beret. Mir hunn ni ouni laang Strëmp däerfen an d'Schoul goen. Mir sinn da séier hanner eng Dreckskëscht gaangen, fir eis d'Strëmp unzedoen. No der Schoul hu mer se och esou nees ausgedoen.



D'Nicole Jung-Wolfers mat hirer Mamm an hire Geschwëster, 1949

Mäi Kommiounskleed war aus wäissem Organza mat Bännercher iwwert dem Sam, ganz einfach, an um Kapp e Kränzchen mat Schleier aus Tüll, deen esou laang war wéi de Rack.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939***





D'Monique huet zwar de Fotograf gefaart, mä 't war moudesch gekleed: E Räckelche mat Vichys-Karoen, Puffärm, Smock an engem Walt-Disneys-Männchen. Well et frësch dobausse war, hat hatt e Kleedchen ënnert dem Summerrack.

# Et woar eng Plo!

D'Meedercher haten déi Zäit nach keng laang Boxen, dofir laang Strëmp aus Woll, vun der Mamm oder der Grousi gestréckt. Gestréckt huet jiddereen, et woar an engems en Zäitverdreif. Ech hunn dat och fréi geléiert: et woar nëmmen, dass een huet misse roueg sëtzen dobai. Ech hat déi laang Strëmp ni gär, fir se erop ze halen huet ee missen e gestréckte Leifchen undoen. Do dru ware vir an hannen zwéi Lastike mat engem Lach, un de Strëmp woare Knäpp, an esou hunn d'Strëmp erop gehal. Et ass och emol e Knapp lassgaangen, dann hunn d'Strëmp ageschnidden oder se si gerutscht: jee, et woar eng Plo!

Mir haten ëmmer e Schiertech un. Et ass extra Schiertechstoff ginn, dee gouf et beim Kahn oder beim Lessure ze kafen. Gebutt goufen d'Schiertecher am Haus vun der Mamm oder enger Fra am Duerf, déi gutt bitze konnt. All op dee selwechte Modell.

Mir Kanner sinn all Dag an d'Mass gaangen an och an d'Andacht. Fir meng Kommioun 1943 hat ech e wäisst Kleed vu menger Cousine. „Awer wou huele mir wäiss Schong hier?" No villem Sichen huet meng Mamm e Puer wäiss Turnschlappe fonnt. Den Dag woar gerett.

***Mme F.K, Joergank 1934, erzielt vun hirer Kandheet zu Schraasseg***



D'Mamm hat d'Pullovere gestréckt: d'Champignone ware mat Angoraswoll gestréckt, d'Karos-Muster war opgebutt

# Et gouf net dacks eppes Neies

An deene meeschten Haiser ware jo vill méi Kanner wéi haut an dann huet emol een deem aneren seng Kleeder kritt, an och deem aneren seng Schong, ob se gepasst hunn oder net. Duerfir hunn ech nach haut kromm Zéiwen, well ech ëmmer Schong un hat, déi ze kleng waren. Bei de Kleeder, do kënnt erëm d'Relioun zum Virschäin. Mir hu fir an d'Kierch keng kuerz Box däerfen undoen oder mir hu misse Strëmp dobäi undoen bis un den Hënner, déi si mat Jarretellen un engem Leifchen ugehale ginn.

An der Schoul hate mer all e Schiertech un, och d'Jongen. Et ass net dacks eppes Neies ginn.

Beim Spillen huet een awer och emol eppes zerrass, duerfir hunn d'Fraen déi Zäit vill gebitzt, gefléckt a gestréckt. Mir haten ëmmer Stécker op de Boxen. Da sinn et och nach déi berühmten „Pumphosen" ginn, dat huet fuerchtbar ausgesinn.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***



Nach séier d'Schiertech un an dann an d'Schoul

# An der Umooss

't ass erëm Stoff ze kafe ginn an ech sollt en neie Mantel kréien. Mat menger Mamm zesummen hat ech de Bois-de-rose Wollstoff bei Bour's erausgesicht a mam Fudder bei d'Néiesch gedron. Nodeems mir de Modell an engem Moude-Journal erausgesicht haten, huet d'Joffer Befort mir och gläich d'Mooss geholl.

„Umoosse kanns du eleng goen", sot meng Mamm.

Ech hu geschellt, an den alen Här Befort huet mir d'Dier opgemat, duerno ass en nees a seng Fotell geschlappt. Déi hëlzen Trap huet bei all Tratt gekréckelt an 't woar net méi Luucht do, wéi een onbedéngt gebraucht huet.

Ech stung virun der Ateliersdier an hu geklappt. D'Joffer Helène huet och gläich opgemat an ech stong an engem groussen, helle Raum. D'Anna, der Joffer Helène hir Schwëster, souz do ze steppen an zwee Léiermeedercher hunn äifreg mat der Bitznol hantéiert.

„Da komm", sot d'Joffer Helène. Se huet mech och gläich an en onfërmegt Stéck gestach, wou ee vu lauter Fiedem de Stoff bal net gesinn huet. Vir ass zougespéngelt ginn a ritsch, ratsch deen eenzegen Arem erausgerappt a mat Spéngelen nees agesat. Duerno hunn ech e pabeiere Col ëm den Hals geluet an ugespéngelt kritt. Ech hu mech ganz roueg verhal, well wann ech bougéiert hunn, huet et gepickt. 't huet och ëm d'Hänn gepickt, wéi d'Längt vun den Äerm gespéngelt ginn ass. Mir war et guer net wuel bei där Operatioun, ech konnt mech net réieren, iwwerall woaren Nolen. „Lo kucke mir fir d'Längt." Elo geet et mir och nach un d'Been! Ech hat Sportsstrëmp un. „Fuer mat den Hänn an d'Täschen, fir d'Héicht!" Wéi soll ech dat da maachen, mat all deene Spéngelen?

Endlech huet d'Joffer vir mat Kräid laanscht de Bord gezeechent a lassgemat. Virsichteg, ganz virsichteg sinn ech

erausgeklomm aus all deem Gespéngels a Genools. Ech woar fräi!

„Déi zweet Umooss ass iwwermoar, denk drun, déi selwecht Zäit.“ Ech hat mech esou op den neie Mantel gefreet, keen hat mech gewarnt, wéi geféierlech dat Umoosse wär.

„Déi zweet Kéier ass net esou schlëmm“, sot meng Mamm, „dann hues du e schéine waarme Mantel fir de Wanter.“

D’Mantelknäpp sinn och aus deem selwechte Stoff gemat ginn. Dofir hunn ech d’Stoffstécker bei d’Joffer Steder an d’Bonneterie gedro. D’Gréisst hunn ech musse soen, d’Stoffreschter sinn an eng Maschinnche geluet ginn, do woar eng Form dran, ’t ass drop gedréckt ginn, an dee fäerdege Knapp koum ënnen eraus.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***




Bleyle war eng bekannten Trikots-Marque



D'Frae wiere frou gewiescht, wa si eng Wäschmaschinn gehat hätten.

# Op der Bleech

Deemools ass d'Wäsch an engem grousse Kessel op engem Uewe mat Holzfeier gekacht ginn. Duerno huet meng Mamm se an der Waark, déi hanner onsem Haus zu Ettelbréck gelaf ass, geschwenkt an dann ass se wa Sonn war, op d'Wiss geluecht ginn, fir schéi wäiss ze ginn. Dat huet een „op der Bleech" genannt.

***Paul Wallers vu Fenteng, Joergank 1933, erzielt vu senger Kandheet zu Ettelbréck***

D'Kleeder propper hale war keng einfach Aarbecht





Et gouf näischt ewechgehäit. Dat war och wouer fir d'Kanner, déi aus alles eng Spillsaach konnte maachen. Sou haten d'Jonggeselleknäpp dem Joss Scheer et ugedoen, an hie war op eemol, ouni et ze wëllen, an enger quokeleger Situatioun.

# Boxeknäpp op däischtere Weeër

Déi éischt Boxeknäpp von där Zort, wéi se hakt op den Djiinsboxe sinn, honn ech kuerz nom Kréich gesinn. Do hat meng Mamm aus amerikanischem Zaldotegezei, dat d'Junge bei eis leie gelooss haten, wéi se Hals iwwer Kapp virom Rundstedt fortgelaf sënn, mol e Joppen oder eng Posch fir op d'Schëller gebixt. Sou eng Posch hat meng Mamm mir och gebixt. Da konnt ech – et misst am drëtten oder véierte Schouljor geweest sënn – déi määst Schoulsaache mam Schoulsak am Schlass ënnert der Bänk loossen, an nëmmen dat mat heem holen, dat ech fir meng Hausaufgab gebraucht honn.

Dat war kamoud, wann ee bedenkt, datt mäi Schoulwee dämools gutt dräi Kilometer lank war, a mir Bouwe jo och nach ënnerwee en etlech Statiounen ze maachen haten: am Lannepäsch, am Schoulbeerig, an der Géitzt, op der Gaassebréck, beim Wäschburren oder soss entzwousch, wou eppes Apartes ze kucken oder ze maache war. An da gouf och alt emol déi eng oder déi anner Schell gezungen oder gedréint: déi elektrisch Instrumenter, mam Knapp fir ze drécken, waren déi Zäit nach nik bei eis Usus.

Da koums de heem, mol mat enger zerrassener Box oder engem geschantene Knéi, eng anner Kéier zoppnaass, wann s de nik laanst de Wäschburre komme waars, oder du hoss gestonk ewéi e Bock, wann s de de Ball hoss mussen aus enger Mëstekaul erausfëschen.

Mä ech wollt jo eigentlich d'Geschicht von de Boxeknäpp erzeelen. Meng Mamm hott déi blechen Dénger Junggeselleknäpp genannt, an si hott et misste wossen. Hirre Papp war Schnegder geweest: Junggeselleknäpp, well och Mannslegd, déi nach ni eng Nol am Grapp haten, an de Faodem och nik duerch d'Lächelche von der Nol krit hätten, fir dermat ze bixen, am Nullkommanäischt mat esou enge Knäpp hir Box oder hire Paltong erëm sou a Fassong kruten, datt se erop oder zou bloufen, grad esou wéi et soolt sënn.



„Jonggeselleknäpp“ vun haut

Déi Knäpp honn aus zwéin Däler bestannen: aon deem enge war e spatze Stëft draon, deen duerch d’Stoft duerchgestach gouf, a mat engem Deckelche bäigehale gouf. Op dat annert Stéck vo Box oder Heem koum de Gaod drop, am Fong geholt e Knapp mat engem Lach dran. De Stëft gouf an d’Lach gestach an déi zwee Stécker honn doerno sou gutt anenee gehalen, datt een se nik méi ausernee krut, ouni se futti ze maachen.

Mä fir se fortzewerfe waren se awer ze schaod, an daofir hat ech der eng Zäitchen ëmmer en etlich an der Täsch. A wann s de dann emol mam Papp oder mat der Mamm éierens hoss misse goen, an och nach méi laang op enger Plaz hoss misse rouig bleiwen, da koons de der alt d’Zäit dermat verdreiwen.

Am Neiewee hott Dellas Marri gewaont, dem Franz seng Mamm. Della Schiava war de ganzen – italienischen – Famill-jennaom, ma dat gouf ech eréischt spéider gewaor. D’Marri hat a senge junge Jore geléiert Schlappe maachen. Keng Fabriks- a Maschinnenaorbicht, mä gutt hausmaacher Schlappen, mat Filzsolen a groem, graffem Stoft owendriwer. D’Mamm hat mech matgeholt fir d’Mooss ze holen. Dat war séier geschickt, ma d’Marri a meng Mamm haten sich nach allerhand z’erzeelen a mir ass d’Zäit lank ginn.

Ech honn e paor deer Junggeselleknäpp an de Moond gestach a gemaach, wéi wann ech knätsche géif. Knätschgummi hate mer jo och scho bei den Amerikaner kennen a schmaache geléiert, ma et gouf nach kee bei der Foxens an der Epicerie ze kafen. Ech hätt mer souwisou och kee kënne läästen, well ech krut kee Frang an d’Täsch, wéi anner Schoulkomeroden, fir bei der Foxens eppes vom Frang ze kafen, wa mëttes Schoul war. Meng Mamm war der Mänung, en Apel oder e paor Muurte wirre méi gesond wéi dat zockerigt Geschir, dat an alle Faorwen aus der Buttiksfeenster geliicht hott. Dämools honn ech dat nach nik esou richtig bekäppt.

Bei Dellas Marri koums de von der viischter Dier an e lange Gank. Vir



Esou zefridde wéi dëse Klenge war de Joss um Potti sécher net



rechts gung et an d’Stuff. Et waren der eigentlich zwou, déi viischt, zum Neiewee zou, wou d’Marri bei der Feenster souz, fir ze schaffen. Déi hënnischt, zimlich däischter, war d’gutt Stuff, déi nëmmen a Betrib geholt gouf, wa Besuch koum. An dat war beim Marri ganz seelen.

Ech wääss nach hakt nik, wéi et gung, ma wéi ech den Träpplik eraof von der hënnischter an déi viischt Stuff – oder war et ëmgedréint? – sprange woolt, honn ech mech verträppelt an erféiert, an ech sënn de lange Wee op de Bodem getroolt. A wéi ech meng Schanken erëm beienä geraaft hat, honn ech gemeerkt, datt ech kee „Knätsch“ méi am Moond hätt: d’Knäpp haten sich d’Strass eraof op de Wee gemaach. Ech hat se an der Haoss verschléckt.

An du krut ech et richtig mat der Angst ze dunn. A wat soll elo dermat geschingen? Mir hate gesot kritt, et deerft ee kä Knätschgummi eraofschlécken, ... soss gingen engem d’Träipen zesaomepëschen. Ma hei gung et jo nik ëm richtige Knätsch, mä ëm bleche Boxeknäpp! An et war mir gaor nik méi eendunn, wann ech mer virgestallt honn, wéi déi Dénger de Wee duerch mengt Geträips fanne gingen.

Ech ho menger Mamm et eréischt owes gebeicht, wéi mer zu Naocht gebeet honn. „Maiao dann“, sot si, „da musse mer elo kucken, ob se de Wee och erëm erausfannen aus dengem Bauch. Wéivill waren et der dann?“ An ech honn déi näxt Dee nëmme méi doorfen op de Potti goen. Fir e Bouf am zweete Schouljor war dat jo eewer eng Schann an eng schro Strof an ech honn opgepasst, datt meng Komeroden näischt von deer Saach matkruten.

Meng Mamm hott gewëssenhaft mäi Stull kontrolléiert – ech koont dat Woort dämools nik richtig verstoen, an et kënnt mer nach hakt nik gutt iwwert d’Lëpsen – an si hott an den nächsten zwéin Dee zwéin der Knäpp erëmfoont. „Et waren der eewer dräi“, honn ech gemängt an den Dadder ass mer gangen, wann ech mer virgestalt honn, wat dee Kadett a mengem Bauch keent zum Onwee maachen.

Et war am Fréijor, et muss Ouster- oder Päistvakanz geweest sënn, a mäi Papp ass no der Schicht nach hannert Wanseler schläisse gangen. Déi Zäit gouf et op der „Ideal“ mor Paien, an déi määst von de Fabrikaorbichter honn sich nach e paor Su neewelaanst verdingt: si honn eng Kou, eng Koppel Schwäin, en etlich Hunger oder Kaningercher gehalen, oder si ho bei engem Kolleg om Réibau geappert, deen am Gang war, sich engt Haus ze bauen. Maonicher sënn och schläisse gangen: si ho fir d'Propriétairë von de Bëscher an de Louhecke geschafft – dat waren entweder déck Baueren oder „besser“ Legd aus den ale Geerwerfamilljen. Mäi Papp hat om Hank vis-à-vis vom éischte Garde-Haischen hannert Wanseler ze dunn, an en hat mich om Rad dohënner matgeholt, obschonns ech déi Zäit ausser e paor Klëppele schläfen nach nik vill hëllefe koont. An deem géien Hiwwel war nik gutt schaffen, a mäi Papp hott sich vill musse ploen. Wéi et aon der Zäit war, ho mer eis Schmeer gääss, déi d'Mamm eis matginn hat. An de Papp hott bis aon d'Naocht virao geschafft, sou lank wéi d'Luucht em nach nik ausgangen ass. An deer banns gouf ech op eemol néidig an ech ho mech séier an d'Hecke gehuppt.

Wéi ech owes der Mamm erzalt honn, wéi et beim Papp an der Heck zougangen ass, hott si gemengt, da bräichte mer elo nik méi op de lässte Junggeselleknapp ze woorden: „Dä läit elo an den Hecken, a geschwë wiisst erëm Gras driwwer.“

Iwwert meng Erënnerungen ass nach kengt Gras gewaoss, an ech schmunzelen nach all Kéier, wann ech draon denken.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***



Villes vun deem, wat op den Dësch koum, gouf selwer produzéiert. Wann et ëm d'iesse goung, waren d'Kanner ni wäit ewech.

# D'Iesswueren

An onsem klengen Duerf vun 200 Awunner waren déi Zäit 3 Epicerien. Et ass och nach opgeschriwwe ginn, dat heescht et huet een net ëmmer missen direkt bezuelen. Ausserdeem koumen eemol d'Woch e Metzler an e Bäcker.

Besonnesch am Krich huet d'Schwéngefleesch eng wichteg Roll gespillt. Et ass regelméisseg geschluecht ginn, awer dat war vun de Preise genee gereegelt. Et huet een net däerfte schwaarz schluechten an och net wann ee wollt.

Awer mäi Monni huet net ëmmer duerno gekuckt. Ech war och heinsdo derbäi. De Problem war, datt dat Schwäi gejaut huet, wann een et ugehalen huet an dat war geféierlech, well een et jo konnt héieren. D'Fleesch ass dann an e grousst Faass mat vill Salz agesolpert ginn. Duerno ass et an d'Haascht gehaang ginn.

Dann hate mer Kanengercher. Wann eng geschluecht an ofgezu ginn ass, ware mir Bouwen ëmmer derbäi. Et sinn och vill Hénger geschluecht ginn. Nach wéi ech zu Dikrech an de Kolléisch gaang sinn, war de Poulet e Festiessen. Et ass jo déi Zäit kee Frigo a keen Tiefkühler ginn, duerfir huet alles misse frësch geschluecht sinn.

A villen Haiser ass Brout gebak ginn. Dat waren da Brout vu 5 Pond an déi sinn an esou eng Truh geluecht ginn an do hu se da missten 8-14 Deeg halen, awer dat war ganz gutt Brout.

Heiansdo sinn et och Stäerzelen aus Wëllkarmiel ginn. Déi sinn an enger grousser Schossel op den Dësch komm, et ass Mëllech driwwergeschott ginn an dann hu mir all aus enger Schossel giess. Mir Kanner haten dat papegt Déngen net gär. Et ass gewéinlech awer soss näischt ginn, nëmmen heiansdo huet eis Mamm Grompere mat Speckgréiwen dobäi gemaach. Eng vun onse Cousinne vu Paraïs hat d'Stäerzele schrecklech gär. Dann huet si där ëmmer kritt. Dat war fir si eng Delikatess, well si dat doheem net kannt huet. Déi hätte mer dann am léifste bei der Daïwel gewënscht.

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***





# D'Natur woar propper

Eng Pan Gromperen, an der Mëtt zwee geklappten Eeër. Mir souzen om Mëttesdësch an hunn eis hongreg derduerch geschafft. Ze drénke gouf et Waasser oder och emol Viz, wann et un där Zäit war.

Ier mir un de Mëttesdësch komm sinn, goufen d'Hänn kontrolléiert. Wann se net propper waren, ass et eng an d'Akaul ginn, dofir si mir op d'Musel gelaf oder bei de Wäschbur an hunn eis gewäsch. Kierperlech Strofe woaren ugesot: Wann een eng gestëbst hat oder net gefollegt hat, woar de Martini séier bei Hand.

Och an der Schoul ass et streng zougaang. D'Spillschoul mat Bastelen, Sangen a Spiller war séier vergiess, elo ass et Eescht ginn. Beim Schoulmeeschter huet ee misse roueg sëtzen a paréieren: de Bengel an de Lineal woare grëffbereet. Beim Reliousunterricht hate mir och näischt ze laachen. Uerdnung a Follegen woaren éischt Gebot.

Ëm sou méi hu mir eis op d'Pausen an d'Fräizäit gefreet. Mir konnten ni séier genuch eraus!

Wa keng Schoul woar, si mäi Brudder, den Nopeschjong an ech duerch d'Wisen an d'Stécker bis op dat nächst Duerf gelaf. Bei der Baach hu mir eis an d'Gras gehäit, dann no Kauzekäpp gesicht oder mat Stee geschoss. D'Liewe woar schéin, d'Natur woar propper an d'Waasser kloer. Mat 10 Joer duerfte mer fësche goen. D'Musel woar net verseucht an d'Fësch konnt een nach iessen.

Wann am Hierscht d'Bromelen zeideg woaren, si mir mam Mëllechdëppchen an de Bësch sammele gaangen. Mir hunn déi bescht Plaze kannt. Fir d'éischt hu mir eis de Bauch voll giess, dann eréischt hu mir an d'Dëppche gepléckt, fir Gebeess ze maachen.

Mir wossten, wou déi beschten Äppel gewuess sinn a wou d'Birebeem an d'Nësserte stoungen. D'Quetschenzäit hate mir oft de Bauch wéi, mir konnten





D'Bouwe wossten, wou déi beschten Äppel waren

net woarden, bis se zeideg woaren. D'Quetsche woaren e ganz wichtegt Uebst, dat sinn déi beschten Toarte ginn. D'Kraut ass am Kofferkessel gekacht ginn, dat huet de ganze Wanter gehal an deene groe stengen Dëpper. 't sinn och Quetsche gedréchent an agemat ginn, fir Dessert oder fir ze baken. Dann hat een eppes an der Spëndchen.

Nach haut ass de Geroch vun enger Rëndfleeschzopp fir mech Kiermesdoft. Fleesch ass et net oft ginn: eng déck Zopp an e Stéck Speck, dat woar dat Alldeeglecht.

Wichteg woar de Goart. Do si Gromperen, Kabes, Wuerzelen, Bounen, Ierbessen an Zalot geplanzt ginn. D'Grompere goufen am Keller gelagert, de Kabes mat Salz a stengen Dëpper, d'Wuerzelen am Sand an d'Boune sinn ageweckt ginn. Sou haten d'Leit eppes, fir duerch de Wanter ze kommen.

Eemol an der Woch, donneschdes, ass bei eis Brout gebak ginn. Bal all Haus hat e Bakuewen. Wann den Doft vum frësche Brout duerch d'Haus gezunn ass, hunn d'Nues an de Bauch sech gefreet.

***Här H.G., Joergank 1928, erzielt vu senger Kandheet zu Réimech***





**Net nëmmen um Duerf, och an der Stad, hunn d'Leit kleng Déiere fir hiren eegene Gebrauch gehalen.**

## Kanéngercher

Mir haten hannenausser Kanéngerchersställ stoen, zwou Etagen. An engem Ställche souz de Bock, dat war e rosenen, hien huet mech méi wéi eng Kéier gebass, wann ech et gewot hunn, d'Hand eranzestrecken.

D'Kanéngercher si gekacht ginn an dann a Glieser agemaach. Alles ass verwäert ginn: d'Fett gouf an der Pan ausgedoen an och a Glieser gemaach. Dat war esou e Schmalz, deen nawell gutt geschmaacht huet.

Eng vun de Kanéngercher, eng schwaarz-wäiss, war meng: Ech hat se Mina gedeeft. D'Mina huet net dierfe geschluecht ginn. Ech hu se geheemelt a mat hir gespillt. Si war fir mech ewéi eng Popp. Ech hu se an d'Poppekutsch gesat, zougedeckt, an da sinn ech mat hir spadséiere gaang.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***

**Et koumen einfach Saachen op den Dësch, awer déi hunn ëmmmer geschmaacht.**

## Mir waren zu 11 um Dësch

Zu Beidweiler ware mir zu 11 um Dësch: meng véier Kosengen an zwou Cousinnen, hir Elteren, en ale Monni an eng al Tatta an ech.

Ëm 4 Auer gouf Kaffi gedronk. Wann alles um Dësch stung, huet meng Tatta un engem Seel an der Kiche gezunn an dann ass an der Schräinerei niewendrun eng Schell gaang, fir datt se all sollte kommen. Et goufe Schmiere vu selwergebakenem Brout, wäisse Kéis an Äppelkompott oder Gebeess. Ech hu mer de wäisse Kéis gutt déck op d'Schmier gemaach an dann nach Äppelkompott uewendrop. Dat war e Genoss.

Owes goufen et gebrode Gromperen. Déi si ganz laang, lues op der Kachma-



D'Grompere goufe
gebroden, bis et knuspereg Kiischtercher waren

schinn an enger gosse Pan goe gelooss ginn, bis dass et esou knuspereg Kiischtercher waren. D'Grompere koumen an enger grousser Schossel op den Dësch. Meng Tatta huet Speck driwwergeschott. Jiddwereen hat viru sech eng Jatte mat Mëllech stoen. Ech hu mer da mam Läffel Gromperen aus der Schossel geféscht an duerno de Läffel mat de Gromperen an d'Mëllech gezappt. Dat war richteg gutt.

Fir d'Kiermes ass d'Famill aus dem ganze Land op Beidweiler komm. Muerges, wann d'Leit all do waren, gouf et Kuch mat Ham an eng gutt Drëpp. Duerno goung et an d'Houmass. No der Houmass hu mer eis all un e festlech gedeckten Dësch gesat. De Menu war all Joer dee selwechten: fir d'éischt eng Rëndfleeschsbritt, duerno gekachte Rëndfleesch a Gromperen, da Kiermesham mat Zalot an als Dessert eng Eeërcrème.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, bei hirer Famill zu Beidler***



Den Dësch ass gedeckt





# Keng Zopp, kee Pankech

Virum Iessen hu mir d'Hänn misse weisen, dann ass gebiet ginn: „Komm Herr Jesus, sei unser Gast und segne, was du uns bescheret hast."

Freides ass et bei eis ni Fleesch ginn, dofir Fësch oder Pankech. De Fësch awer huet Spreien. Eng Kéier woar mir eng am Hals steeche bliwwen. Den Dr Musel huet mir déi mat enger Pince erausgeholl. Dofir léiwer Pankech.

Pankech ass et awer eréischt ginn no der Zopp: keng Zopp, kee Pankech. Lënsenzopp hat ech guer net gär, awer wéi gesot! Meng Mamm hat Erbaarmen an huet mir nëmmen e klenge Läffel ginn, awer deen hunn ech missen iessen.

An da koum de Pankech! Frësch aus der Pan, mat vill Zocker drop oder gerullt mat Gebeess bannendran. Meng Mamm huet alt mat zwou Pane gebak, dass kee soll ze laang woarden.

Nieft der Kachmaschinn souz de Wera, eise Schéiferhond, deem sinn d'Sabbele laanscht de Boart gelaf. Hie krut och säi Pankech, awer Zopp huet e keng brauchen ze iessen.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***

# Speck a Gromperekuch

Nom laange Wanter ass et all Woch Speck z'iesse ginn. Muertentierteg mat Speck, Boune mat Speck, Kabesmatsch, Erbëssebulli, Judd mat Saubounen, Speckgréiwen drop an derwidder.

Wann „déi vun doiwwer" bei eis an d'Gäertnerei Kabesplanzen, Rommelssom oder Blumme fir op den „Heldenfriedhof" kafe koumen, hunn se alt Eeër, Speck a Botter an der Zär an e Blummendëppe geluet, als Merci fir déi fréndlech „Bedienung". D'Eeër hu mer am Waasserglas a Steenefässer geluet, doran hunn se sech laang frësch gehal.

Hate mir kee Miel, huet eis Mamm Gromperekuch gebak: d'Eeër si mat Kunsthunneg geklappt ginn, d'Gromperen duerch d'Passevite gedréit, Bakpolver, an alles gutt vermëscht, gebak, an de Kuch war fierdeg.

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***

Am Krich war et net ëmmer esou einfach e gutt gefëllten Dësch ze hunn. Et gouf „organiséiert“ an d’Fraen hu sech eng afale gelooss, fir dass ëmmer genuch z’iessen do war.

# D’Versuergung am Krich

Alles an de Geschäfter woar rationéiert. Mat „Lebensmittelkarten“ konnt een dann „Ersatz“ kafen: Ersatz-Kaffee, -Butter, -Eierpulver asw. Wann ee Famill um Duerf hat, woar ee fein eraus. Menge Grousselteren hiren Noper woar Bauer an do hu mir gutt Mëllech kritt, awer ech hu se misse mam Vëlo siche fueren. Gär hunn ech et net ëmmer gemaach, dat woaren all Kéier véier Kilometer ze fueren. Léiwer hätt ech mat de Kanner gespillt, well ech awer dat Eelst woar, hunn ech missen dru gleewen.

Wann d’Miel-Ratioun gutt ausgefall woar, huet meng Mamm Zwieback gebak. Deen huet sech gutt versuergt. Mir haten ëmmer eng Reserve am Keller wa Fligeralarm war.

***Monique Lang vun Hesper, Joergank 1932***







# Hamsteren

Meng Mamm war Néiesch. Si hat en Atelier doheem an deem si och Meedercher ugestallt hat. Am Krich huet si eemol an der Woch d’Meedercher eleng gelooss an ass bei Bauere bitzen a flécke gaang, fir esou eisen alldeeglече Menu opzebesseren. Wéi ech nach net an d’Schoul gaang sinn, huet si mech matgeholl. Wat si mir heiansdo do wäit zu Fouss gaang! Ech ka mech nach besonnesch gutt u Lellgen erënneren, well do hu mer misse vun der Gare vu Wëlwerwoltz aus biergop goen. An dat war fir meng kuerz Been eng zimlech Ustrengung. Wa mer op Eescheler gaang sinn, hu mer de Charly geholl bis op Beidweiler a vun do aus goung et zu Fouss weider. Ech sinn ëmmer gär matgaangen an hu mech op d’Déieren um Bauerenhaff gefreet. Ech hunn dann och emol däerfen hëllefen, wa gefiddert ginn ass.

Meng Mamm hat eng Wallis dobäi. Muerges, wa mer doheem fortgaange sinn, war d’Wallis eidel. Um Heemwee hat meng Mamm heiansdo schwéier ze schleefen: déi eng Kéier hat se eng Kanéngchen, eng aner Kéier eng Fierkelshämmchen, e Poulet, Eeër oder Brout an hirer Wallis.

Wa mer dann am Zuch souze fir heem, huet meng Mamm net vill geschwat. Si huet heemlech gefaart, well et war jo verbuede fir ze hamsteren. Et ass awer ëmmer gutt gaangen.

Eng Kéier hat si gefrot, fir e liewegt Hong ze kréien, fir et kënnen e bësse méi laang ze halen. D’Hong, dat eigentlech en Hunn war, huet awer net méi laang gelieft: wéi et am Keller an der Nuecht ugefaangen huet ze kréien, gouf mäi Papp esou rosen, dass hien him kuerzerhand de Kapp erofgeschlo huet!

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***




















# Poppe géint Iesswueren

Ech hunn dat ganz flott fonnt, wa mer hamstere gaang sinn. Meng Mamm huet bal all meng Poppen ewechginn, fir géint Iessen ze tauschen. Ech hat souwisou d'Poppen net gär, ech hunn nëmme mat Teddie gespillt. Mir hunn da Botter a Speck kritt. Zu Märel war e Bauer, deen huet Niedercorn geheescht a bei deem hat all Kou en Numm: Rosa, Lisa asw.

Bei engem Bauer zu Alzeng si mir och op d'Kiermes invitéiert ginn. Ech wollt soss näischt iessen ewéi Gromperen, ech gesinn se haut nach vru mer. Esou schéi gebootsche Gromperen. Mäi Papp huet sech geiergert: „Du dommt Kand do, wann s de emol eng Kéier Fleesch kriss, dann iess et och." Awer et wor näischt ze maachen. Nëmme Wirschtercher hat ech gär.

An onsem Quartier war eng Epicerie um Eck vun der Stroossbuerger Strooss. Ech sinn eng Kéier eleng akafe gaang, et hat kee mech geschéckt. D'Madame vun der Epicerie huet mer d'Saache ginn a mech goe gelooss ouni zu bezuelen, well mir hunn ons jo kannt.

Zu där Zäit koum och déi éischt Margarine zu Lëtzebuerg eraus, de „Solo". Du kënnt meng Tatta mat engem Filet vum Akafen mat där Margarine dran. Ech sot: „Gëff mer dat mol ze schmaachen." Ech hunn awer fonnt, datt et ganz ekleg géing schmaachen. Et huet mech gegrujelt an duerno hunn ech ni méi Margarine giess.

***Nicole Collart vum Bridel,***
***Joergank 1934, erzielt vun hirer Kandheet an der Stad***

# Eng nei Zäit ass ugebrach

Mir hunn no bei der Gare gewunnt. Wann den 2-Auer Zuch ukomm ass, hu mir Kanner d'Hamsterleit gezielt, déi erausgeklomm sinn. Et woaren der all Dag esou ëm déi 20. All Haus hat „seng" Leit. Gefrot hu se no Speck, Eeër, Botter, Gromperen, asw. Als Géigeleeschtung hunn der vill geschafft, um Feld oder am Haus. Mir haten eng Frau, déi ass bitzen a flécke komm. An der Fléck-Kummer hat sech sou munches ugesammelt. Wann d'Fra dann owes heemgefuer ass, woar de Koup méi kleng an d'Hamstesch hat de Kuerf voller Iesssaachen.

Enges Daags, ech sinn aus der Schoul komm, du hat eis Famill sech op 14 Leit vergréissert: Tattaen, Monnien a Kosengen hu sech bei eis „fir e puer

Deeg“ niddergelooss. Bei sech konnten se net bleiwen: op der Musel ass geschoss a bombardéiert ginn. Duerno sinn och nach 6 Amerikaner bei eis aquartéiert ginn. Déi louchen an eiser Stuff op Feldbetter, fir ze schlofen, am Dag woaren se ënnerwee.

Fir eis Kanner woar dat eng flott Ofwiesslung. Déi Tattaen an der Kichen hu gutt gekacht an um Dësch woar gutt Gespréich. Aus e puer Deeg si Méint ginn: am Hierscht si se komm, am Fréijoer si se gaang. D’Amerikaner woare schonn éischter fort. D’Preisen haten endlech d’Land verlooss!

Wéi d’Kiischten zeideg woaren, huet mäi Papp e Kuerf voll op d’Schëller gelueden. Mam Zuch, mir woaren no bäi, ass en an d’Stad gefuer. Op der Gare woar eng Epicerie, déi hu se ofgeholl. Wéi de Papp heem komm ass, hat e bei senge Kommissiounen eng Dous Pijen. Dat hu mir net kannt: esou eppes Guddes!

Ëmmer méi nei Liewesmëttel an och Apparaten a Maschinne sinn an d’Geschäfter komm: eng nei Zäit ass ugebrach.

***Mme F.K, Joergank 1934, erzielt vun hirer Kandheet zu Schraasseg***





## Wat mäi Papp mech huet geléiert

Héiers du dee Kreesch, mäi Kand,
d’Hougäns zéien iwwer d’Land.
De V deen s du gesäis:
lo gëtt et Wanter gläich.

Der Natur hiert Zeechen,
domat solls du meessen.

Huel de Mantel an de Schal,
Well lo gëtt et huerteg kal.
Bréng d’Käerzen, ’t gëtt Advent,
bréng de Stär, Chrëschtdag kënnt.

Am Neijor fällt nach oft vill Schnéi,
ma d’Deeg gi lues méi laang.
Maach Fuesgebäck, ’t ass net ze fréi,
de Mäerz huet ugefaang.

Héiers du dee Kreesch, mäi Kand,
d’Hougäns fléien iwwer d’Land,
de V deen s du gesäis:
lo gëtt et Fréijor gläich.

***Simone Rosen-Bonenberger***

Nom Krich ass awer dunn esou richteg dragefacht ginn.

# E richtege Genoss

Ech ka mech net erënneren, dass ech am Krich Honger gelidden hätt. Et war net vun alles do, awer ech hat de Bauch ëmmer voll. An trotzdeem huet eis eppes gefeelt: mir hunn all no Fett gegammst.

Nom Krich hu mer dat nogeholl. Dat allerschéinst war, wa meng Mamm Fritte gemaach huet. Mir waren nëmmen zu 3 am Stot awer si huet eng ganz Bakschossel voll Grompere geschielt a geschnidden. Wann d'Fett waarm war, huet se d'Halschecht vun de Fritte virgebak, dann déi aner Halschecht gemaach. Während mir giess hunn, ass dann déi éischt Halschecht fäerdeg gebak ginn.

Déi Deeg hunn ech ongedëlleg op d'Iesse gewaart. Eng Kéier ass meng Mamm erausgaangen, d'Kanéngercher fidderen an ech hu mech voller Freed iwwer déi hallef gebake Fritten hiergemaach. Mäi Papp hat mech awer gesinn: hien huet vu baussen un d'Kichefënster geklappt a mer eng Fauscht gemaach. Him war et sécher Angscht, hie krit der net méi genuch.

Ech ka mech net erënneren, bei wat mer d'Fritte giess hunn. Ech weess awer nach, dass ni eng Fritt iwwreg bliwwen ass.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***





D'Amerikaner waren am ganze Land aquartéiert, sou och um leschte Steiwer zu Bouneweg. Dat war fir d'Kanner eng interessant Saach, a si si gär bei d'Zaldote kucke gaang. Dobäi ware se net ëmmer eleng...

# Den Taff

Mir haten esou e klenge wäisse Baaschtert, den Taff. Déi Zäit sinn d'Honn nach fräi laafe gelooss ginn an esou ass den Taff, wann en net grad eng gestiicht huet, ëmmer ëm mech gewiescht. Wéi ech nach an der Kutsch louch, huet hie mech scho bewaacht an dat sollt och duerno esou weidergoen.

Meng Mamm huet d'Wäsch fir d'Amerikaner gemaach. Si huet mech op de Leschte Steiwer geschéckt, wou d'Amerikaner an enger Hal aquartéiert waren. Hei krut ech dann déi knaschteg Wäsch mat der Seef dobäi, fir se ze wäschen. Déi propper gewäschen a gestreckte Saachen hunn ech hinnen hannescht gedroen a ganz oft hu si mir als Belounung e Stéck Schockela oder e Knätsch ginn.

Den Taff hat séier spatz, dass et bei den Amerikaner eppes z'iesse gouf. Eng Kéier, wéi ech an eiser Strooss gespillt hunn, hunn ech hie gesinn hannerrécks d'Strooss erofkommen. Mat der Schnëss huet hien eppes nogezunn, wat bal sou grouss war wéi hie selwer. Ech hu meng Mamm geruff an si huet dem Hond de Pak ofgeholl: et war Eeërpolver, deen hie bei den Amerikaner geklaut hat.

D'Zaldoten hunn hir Revanche geholl. Déi nächste Kéier wéi den Hond bei hinnen opgedaucht ass, hu se hien agefaang an an de Maschinnenueleg gezappt. Meng Mamm huet bal gekrasch, wéi se d'Déier gesinn huet: „A wéi kréien ech deen dann elo rëm propper?" Si krut e propper … awer den Taff ass net méi bei d'Amerikaner gaang.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***

D'Huguette an den Taff am Gaart vun hirem Haus zu Bouneweg



**Den Haass op d'Preise war déif an de Käpp vu villen Erwuessenen agebrannt. D'Kanner hunn dat matkritt, ouni et richteg kënnen ze verstoen.**

# Herr Storch

Großvater hatte Imkerfreunde, weit über die Landesgrenzen hinaus. Eines Tages sagte Herr Storch seinen Besuch in einem langen Brief an. Im großen Schmeil-Buch hatte ich Zeichnungen von Störchen gesehen, die mit langen Beinen durch einen Sumpf stelzten und Frösche herauszogen. Ich war sehr von den Störchen angetan, doch dass man auch „Storch" heißen konnte, löste bei mir absolute Heiterkeit aus. Großmutter aber meinte: „Dieser Herr heißt eben so. Darüber, wie jemand heißt, lacht man nicht. Wenn Herr Storch nächste Woche kommt, schläft er oben in der kleinen Kammer. Du benimmst dich, wie es sich gehört, und wenn du über den Namen lachst, nehme ich die Flaschenbürste wenn wir beide allein sind."

Die Drohung mit der Flaschenbürste zeigte den Ernst der Lage an, und ich gab mir Mühe, es ganz normal zu finden, dass man „Storch" heißt.

Und dann kam Herr Storch. Großvater hatte ihn vom Bahnhof abgeholt. Er kam zurück mit einem kleinen, weißhaarigen Mann, der eine runde Drahtbrille trug und recht gutmütig aussah. Er gefiel mir. Ich musste ihm die Hand geben und ihn freundlich begrüßen. Ich weiß heute noch, dass er dazu eine Lederreisetasche auf den Boden setzte. Er lächelte mir zu und sagte etwas – doch das verstand ich einerseits und andererseits auch wieder nicht. Herr Storch sprach deutsch. Und Großvater auch. Die Sache faszinierte mich und ich erzählte meiner Freundin Sisy, bei uns sei ein deutscher Herr, der „Storch" heiße, zu Gast.

Noch am gleichen Abend lachten einige große Buben und fragten, wo denn der „houre Preiss" sei. Ich fragte Großmutter, was dies bedeute. Sie antwortete: „So sprechen wir hier nicht. Es ist wahr, wir haben im Krieg gelitten. Herr Storch auch, und das bereits lange vor uns. Er wartet immer noch auf seinen Sohn, der nach Russland gehen musste. Er weiß nicht, ob dieser je wiederkommt. Wer hier so spricht, wie du gehört hast, hätte uns am ersten verraten. Herr Storch ist ein Lehrer wie Großvater und kann gut über seine Bienen schreiben. Deswegen ist er hier. Du lernst jetzt, dumme, freche Bemerkungen nicht zu hören. Damit Schluss."

Zwar wusste ich nicht recht, was Verrat sei, und ein Land wie Russland konnte ich mir nicht vorstellen, verstand aber, dass das alles einem sehr leid tun konnte.

Großvater und sein Gast verbrachten lange Stunden im Bienenhaus. Es war eine Fachsimpelei ohne Ende. Manchmal guckte ich zur Tür hinein und versuchte die Sprache zu hören. Beim Abendessen sagte ich: „Ich hätt gern Grumperen, Millich und ein Rundel Zaussiss."

Die beiden Lehrer sahen einander an und unterdrückten ein Lachen. Großmutter sagte: „Du Zatz do." Ich erhielt das Gewünschte. Von nun an wandte Herr Storch sich mir öfter zu. Er sprach langsam, zeigte auf Dinge und sagte den deutschen Namen. Dabei wollte er wissen, wie wir dies benannten. Es war wunderbar, alles zu wiederholen und einen weiteren Horizont zu ahnen.

Nach dem Abendessen saßen wir alle noch ein wenig zusammen. Großvater erzählte Herrn Storch, ich sei ein „Geschichtenmädchen" und kenne Dornröschen, Schneewittchen, die Zwergenmutter, usw. Auf Herrn Storchs Frage nach den Bremer Stadtmusikanten erzählte ich, sie wohnten dahinten im Wald. Ich war die Zwergenmutter und wusste, wo die Zwerge in der Erde wohnten.

Als Tags darauf die Biewehköniginnen mit einem bunten Jahrespunkt gezeichnet wurden, stand ich daneben, versuchte, vom Königinnenfutter zu naschen und hörte, wie Herr Storch sprach. Und dann, ja, dann setzte er auch mir ein Tüpfelchen auf die Stirn und ich war Bienenkönigin. Später hielt ich darauf, dass Großvater diese Geste wiederholte.

Leider reiste Herr Storch wieder ab. Es war lange Zeit leer im Haus. Ich sollte ihn nicht mehr wieder sehen, doch am Ende der Briefe, die aus Deutschland kamen, stand stets ein Gruß für die „Zwergenmutter" oder die „kleine Bienenkönigin". Wenn Großvater antwortete, „unterschrieb" ich auf meine Art mit einem Buntstift.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***







D'Haus an der Letellier-Strooss zu Bouneweg, lénks ier, a rechts nodeems d'Garage gebaut war

**Lues a lues ass erëm alles normal ginn. Déi nei Fräiheet nom Krich hunn d'Leit genoss. D'Kanner hu gespiert, wéi d'Elteren entspaant a frou waren. Alles war am Opbau. Autoe sinn et awer nach net vill ginn an et war schonn e Luxus, wann ee sech konnt ee leeschten.**

# Eisen éischten Auto nom Krich

Mäi Papp war eng al Rennscheier. Hien hat schonns virum Krich en Auto, deen haten d'Preisen him awer geholl. Nom Krich huet hien dunn direkt gesicht, fir erëm en Auto ze kréien.

An eisem Reienhaus war keng Garage. Dat war fir mäi Papp kee Problem, hien huet d'Aarbechter geruff a si hunn déi viischt Face opgerappt an eng Entrée an de Keller gemaach. Et ass ganz géi erofgaangen an d'Garage war zimlech kuerz. Elo huet nach missen en Auto fonnt ginn, deen an d'Garage gepasst huet.

Op engem Sonndegmuerge koum e Belge, dee seng Simca verkafe wollt. Ech ka mech nach gutt un den Auto erënneren: et war eng al Këscht, mat engem risegrousse Fleck hannen op der stoftener Banquette. Awer mäi Papp war Feier





a Flam. Ob den Auto dann an de Garage géng passen, huet hien de Belge gefrot. „Mais bien sûr", huet dee geäntwert an him et demonstréiert.

„Krrr" ass et gaang, wéi den Auto hannen opgeschlon ass a „bumm", wéi en am Fong vum Garage an d'Mauer gerannt ass. D'Bremse ware wuel net méi déi bescht. „Ça marche", huet de Belge gemengt, wéi en aus der Stëbswollek rëm opgedaucht ass.

D'Simca huet der Famill nach laang gutt Déngschter geleescht




Fir aus dem Garage eraus huet hie misse Vollgas ginn. De Motor huet gejaut. Mäi Papp, meng Mamm an ech hunn d'Strooss fräigehalen. An engem Coup ass den Auto erausgeflunn, iwwer d'Strooss an op en Hor an d'Paart vum Noper vis-a-vis.

Mäi Papp war vun der Demonstratioun iwwerzeegt an huet den Auto kaaft.

Deen anere Sonndeg huet et du geheescht: „Mir fueren op Stroossbuerg. Am Café de la Gare gëtt et extra gutt z'iessen". Stolz souz ech nieft mengem Papp. 240 Kilometer dohinner, an 240 Kilometer zréck. Mir hu kaum en Auto begéint. Am Café de la Gare huet mäi Papp gemengt, ech wier, mat menge bal 10 Joer, al genuch fir e Patt Wäin. „Et ass Gewürztraminer, deen ass besonnesch gutt." Dat hunn ech net fonnt, hunn awer näischt gesot. Well schliisslech war ech jo al genuch.

***Huguette Eyschen-Wagener***
***vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt***
***vun hirer Kandheet zu Bouneweg***

D'Kanner ware stolz, wann se sech emol Séissegkeete leeschte konnten.

# Meng éischt Spuerbéchs

Virun e puer Wochen huet mech d'Roserei gepaakt, fir emol richteg de Späicher ze raumen. Ech hunn dat grëndlech gemaach a sinn dobäi op alle véier ënnert den hëlzen Dunnen erage-kroch, fir nach déi lescht al Kartongs-këscht erauszezéien. Du huet et op eemol gerabbelt an et ass eng kleng ble-che Béchs erausgefall.

Ech souz do op de Knéien, hat ganz ver-giess, datt et mer kal war an ech de Réck vun all deem Bécken immens wéi hat. A menger Hand hunn ech meng al Spuer-béchs gehalen, déi iergendwa ver-schwonn an du vergiess gi war.

Dat treit Stéck hat mech méi wéi 60 Joer laang begleet, war véiermol matgeplën-nert ginn an ech hat keng Ahnung. Mir si bal d'Tréine komm a mat hinnen all déi Erënnerungen, déi domat zesum-menhänken:

Wéi ech an dat éischt Schouljoer komm sinn, huet mäi Bopa gesot: „Wann ee schonn esou e grousst Meedchen ass, muss ee jo endlech emol eege Suen hunn", an domat huet hie mir eng kleng bleche Béchs an de Grapp gedréckt. Si hat en Deckel mat engem Schlëtz dran an et konnt een se op an zou maachen.



D'Marie-Louise huet seng Spuerbéchs bis haut gutt versuergt

Si war net besonnesch schéin, si war och net nei an huet bestëmmt schonn engem anere viru mir gehéiert. Dat war egal, et war elo meng an ech war richteg stolz. Et huet och dra gerabbelt, well et ware schonn e puer Frang dran, fir mir Loscht op d'Spueren ze maachen.

Wa Besuch komm ass, sinn ech vun engem Monni, enger Tatta oder Frënn vu mengen Eltere gefrot ginn: „Hues du da schonn eng Spuerbéchs?" Dann hunn ech mam Kapp gemaach wéi de klengen Negerchen an der Paterkierch, sinn a mäin Zëmmer gerannt, hunn dat gutt Stéck aus dem Tirang vu menger wäisslackéierter Kommoud geholl an et huet nees an der Béchs gerabbelt.

Si ass lues a lues méi schwéier ginn, awer ech hat menger Mamm versprach, nach net dran ze kucken an och näischt erauszehuelen. Datt een déi Béchs net huet brauche futti ze schloe wéi e Spuer-schwäin, war e Virdeel an en Nodeel zugläich, well d'Versuchung war schrecklech grouss.

Op mengem Schoulwee huet déi Versu-chung all Dag op mech gewaart. Dat war éischtens emol d'Épicerie Roeltgen an der Blochausestrooss an nach méi schlëmm war den Zockerbuttek um Eck vun der rue du Verger an der rue des Trévires, just 100 Meter vun der Schoul ewech. Déi hu gutt Geschäfter gemaach, well all d'Kanner aus der Géigend no der Schoul do eragaange sinn.

Wann een net matgaangen ass, war een irgendwéi aus der Clique ausgeschloss. An dat wollt ech jo net. Meng Mamm war awer ganz streng, wann et ëm Séis-segkeete gaang ass, well ech hat schonn net déi beschten Zänn.

Ech hunn awer dunn emol mech ver-féiere gelooss an hunn a meng Spuerbéchs gegraff. Wéi ech mat menge Schoulfrën-dinnen an den Zockerbuttek eragaange sinn, hat ech richteg Häerzklappen. Ech stong wéi laang do, hu mäi Frang ron-derëm gedréit a mech du fir eng Lutsch entscheet. Si hat d'Form vun enger Tulp, rosa mat wäiss a war esou déck, datt se bal net an de Mond eragaangen ass.

Mir hu wéi ëmmer zesummen op der Mauer virun engem Haus op der Vir-chowplaz gehockt an ech hu geleckt a geleckt, awer déi Lutsch ass einfach net méi kleng ginn.

De schéine Roger aus der Blochause-strooss souz niewent mir an huet gelaacht, well dee rosa Jus ass ëmmer erofgelaf an ech hat d'ganzt Nues-schnappech pechech a rosa an natier-lech e schéine „Schnurres", dee mech verroden huet, wéi ech endlech an der rue des Romains ukomm sinn. Ech

hunn d'Lutsch nach séier an de Pabeier gewéckelt a se an der Täsch verschwanne gelooss. Meng Mamm huet gläich gewosst, wat lass war, awer si huet guer näischt gesot an dat hunn ech hir während Joren héich ugerechent.

Duerno hunn ech mir virgeholl, awer serieux ze spueren, fir mer spéider eppes richteg Schéines ze kafen. Am Laf vu menger Kandheet hat ech duerno muench schéint Spuerschwäin geschenkt kritt, awer et huet keent iwwerlieft, well et jo ëmmer huet misse geschluecht ginn, fir d'Suen erauszekréien.

Dat war d'Iwwerliewenschance vun där klenger, blechener Béchs, déi elo hir 63 Joer feiert.

***Marie-Louise Wallers-Rykal***
***vu Fenteng , Joergank 1944, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***



**Wat fir déi Erwuessen eng Katastroph war, war fir d'Kanner oft en Erliefnes.**

# Héichwaasser zu Réimech am Dezember 1947

Doheem hunn ech gesot: „Ech brauch Gummisstiwwelen, fir an d'Schoul ze goen. D'Musel steet scho bei Gretsch-Bertuys um Eck."

No der Schoul um 12 Auer, a virun der Schoul um 2 Auer ass alles bei d'Waasser gelaf. Dat woar net wäit, well d'Musel stong um Moart. An se ass nach ëmmer geklomm, bis se virun der Bréck zesumme gelaf ass! Den Héchststand.

Iwwer d'Esplanade ass et schonn e puer Deeg net méi gaangen, et huet ee missen duerch d'Gässele goen, fir weider ze kommen, an och do oft nëmme mat Stiwwelen. Mir Kanner si mat de Schong derduerch gaangen, einfach aus Spaass un der Saach. Doheem, mir hu bei der Kierch gewunnt, sinn ech da vernannt ginn. „Ech hat jo gesot, ech brauch Stiwwelen!"

Op der Heizung an der Schoul louchen Hefter a Bicher ze dréchnen: dem Olga aus der Maachergaass säi Schoulsak woar an d'Waasser gefall. D'Leit haten op den éischte Stack geplënnert wat se konnten, awer och do huet d'Waasser schonn um ieweschten Träpplek gespillt.

Mäi Papp huet nach owes an der Maachergaass bei menger Tatta geholfef Schongkëschten ze plënneren, mueres huet meng Cousine Nicole erzielt, d'Geschäft stéing ënner Waasser. Hir Noperen haten eng Pâtisserie, dat klengt Germaine, 7 Joer, woar do an der Vakanz an huet gehollef plënneren, bis op den 2. Stack. Gott sei Dank haten se do en Uewen, fir ze hëtzen an ze kachen.

D'Nache sinn hin an hier gefuer, fir ze hëllefen. An engem Eemer hunn d'Leit den Ziedel mat de Commissiounen an de Suen un engem Seel erofgelooss, an d'Liewensmëttel spéider eropgezunn.

Wéi d'Germaine nees heem wollt goen, huet d'Kand musse mat enger Leeder an den Nache klammen. „Ech hat eng Doudesangscht, wéi ech duerch d'Fënster iwwer d'Leeder an dat wackelegt Gefier erofgeklotert sinn."

D'Waasser woar knaschteg. Wéi d'Musel gefall ass, huet misse séier gebotzt ginn, dass de Bulli matgaangen ass, dofir woaren d'Pompjeeë mat de Schläich direkt op der Plaz.

Et woar fir eis Kanner vun uewen a Réimech eng opreegent Zäit. Mir sinn all Dag ze spéit un de Mëttesdësch komm, dat huet fir Ierger gesuergt.

Um véier Auer, no der Schoul, si mir och duerch d'Stroosse getrentelt. „Wat stitt dir do de Leit hire Misär ze kucken?" huet d'Fra mam Schrubber gesot. Da si mir alt nees getrëppelt: uewen a Réimech do woar näischt lass!

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



Héichwaasser 1947 zu Réimech: Fir d'Kanner gouf et vill ze kucken

Wann emol net sou vill lass war, hunn d'Kanner hir Fantasie spille gelooss.

# Die Zeitung, das Sonndesblad und Sirius

Der Briefträger kam meistens, wenn die Kinder in der Schulpause waren. Er übergab Großvater die Post und die Zeitung. Nach dem Mittagessen, wenn Großmutter das Geschirr abwusch, setzte sich Großvater in die „Siddel" und las aus der Zeitung vor. Was war vor ein paar Tagen in der Welt geschehen? Wer bot was zu günstigen Preisen an? Ferner wurde berichtet, dass der hiesige oder dasige Landwirt sich ein Leid zugefügt hatte und aus seiner misslichen Lage befreit wurde. Großvater sah die Todesanzeigen durch, um zu wissen, ob er zu einem Begräbnis gehen oder eine Beileidskarte schicken sollte. Er erfuhr dann auch, welcher leidgeprüften Familie sich das christliche Beileid der Redaktion zuwandte.

Eine besondere Nachricht wurde sorgfältig mit der großen Papierschere ausgeschnitten und in die Nische des Küchenschrankes unter den Wecker gelegt, bis sie sich überlebt hatte. War die Zeitung gelesen, lag sie in der Holzkiste und diente zum Feueranzünden und zum Einwickeln. Am Sonntag probierte Großmutter an einem Blatt die Wärme ihrer Lockenzange aus. Andere Blätter wurden in 4 geteilt, mit dem Messer aufgeschnitten und so hing manch bedeutende journalistische Arbeit an einem Nagel aufgespießt neben dem Plumpsklo.

Am Freitag brachte der Briefträger auch Großmutters Zeitung, das Sonndesblad, zur Erbauung und Belehrung des christlichen Volkes. Bis zum Sonntag lag es in der Schranknische. Nach dem Mittagessen nahm Großmutter es sich genüsslich vor, setzte sich an den Küchentisch, zog das Bänkelchen unter die Füße, legte das Blatt aufgeschlagen flach auf den Tisch und las erst die „Geschichte" (sprich: Roman), dann die Witze, den „Messager", sonstige Berichte und Glossen, zuletzt den Leitartikel. Großmutter hatte große Freude an ihrer Zeitung, die ihr Sonntagsvergnügen war. Ich aber freute mich, wenn der Sonntag vorbei war und ich wieder richtig spielen durfte.

Eines Tages las Großvater in der Zeitung und sagte: „Hier unterzeichnet so ein junger Schreiber seinen Artikel tatsächlich mit „Sirius"". Dabei schüttelte er den Kopf. „Wenn er etwas Gescheites zu berichten hätte, könnte er doch seinen richtigen Namen darunter setzen."

Vom Unterzeichnen der Artikel verstand ich damals nichts, doch ich hatte den Namen wie im Flug aufgefangen. Sirius… das war wunderschön. Ich fragte: „Weshalb kann ich nicht auch Sirius heißen?"

Großvater sagte, das sei kein Name für kleine Mädchen. Ich erfuhr, Sirius sei der hellste und leuchtendste aller Sterne. Nur bei uns kann man ihn vielleicht nur alle 50 Jahre sehen. Ich war begeistert und wenn die Sterne abends aufgingen, sah ich vor dem Einschlafen in den Himmel. Vielleicht war es an der Zeit, dass Sirius am Himmel erstrahlte. Mit der Zeit ließ die Begeisterung etwas nach, denn Sirius blieb ein großer Unbekannter. Als es aber auf Dreikönigstag zuging und die Kinder in der Schule sangen: „Ein Stern ging auf im Osten, drei Könige sahen ihn, sie sahen so hell noch keinen …", da war es für mich sicher: Sirius war der Stern, der die Könige zum Christkind geführt hatte. Dessen war ich zufrieden, eine weitere Antwort brauchte ich nicht, auch wenn ich nicht Sirius heißen konnte und ich noch lange auf seine Erscheinung am Himmel warten musste. Und - ich konnte mir Sirius weiter so vorstellen, wie ich es wollte.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***



*Wanner léiert, gitt iech drun well et kënnt op d'Punkten un **

# An der Schoul

* Pir Kremer, D'Zensur

Der Mariette Leuck hire Grousspapp war Schoulmeeschter zu Blaaschent. Well si vill Zäit bei hire Grousseltere verbruecht huet, hat si scho fréi Kontakt mat der Schoul.

# Die Dorfschule

Das Schulhaus war ein kleines, weißgetünchtes Gebäude mit angebauter Lehrerwohnung und einem wundervollen Garten. Betrat man die Schule, so stand man erst in einem kleinen Windfang, wo die Mäntel der Kinder hingen und wo im Winter das Holz für den Tag aufgestapelt war. Für den Ofen und das Holz waren die großen Buben verantwortlich.

Der eigentliche Schulraum war so groß wie eine gute Bauernstube. Über die drei Reihen Schulbänke waren Generationen Dorfkinder gerutscht. Dies sah man der Patina des kräftigen Holzes und seiner tiefbraunen Farbe an. So mancher Schulabgänger hatte seine Initialen hier verewigt und auch die Tinte hatte ihre Spuren hinterlassen. Die Kinder des ganzen Dorfes und einiger umliegender Höfe wurden hier unterrichtet. Es waren meistens 8 Jahrgänge.

In der Mitte des Saales stand ein schwarzer Kolonnenofen, in der Ecke wurden Bücher oder sonstiges Material in einem braunen Spind aufbewahrt. Vorne stand eine Tafel auf hohen Beinen. Wenn eine Seite voll geschrieben war, drehte der Lehrer sie um. Sie wippte dann um eine dicke Schraube und rastete in einem Haken ein. Die Fenster nahmen eine ganze Wand ein und sahen in den Garten. Mittelpunkt aber war das Katheder auf seiner Estrade unter dem Kruzifix. Etwas zur Seite hing ein Porträt der Großherzogin in Pelz und Perlenkette.

Zu zwee an zwee an der Bänk, déi Kleng vir an déi Grouss hannen



Als für mich die Zeit kam, wo die Einschulung nicht mehr fern war, durfte ich manchmal mit meinem Großvater, dem Lehrer, zum Singen, Malen oder zum Anschauungsunterricht kommen. Ich saß dann neben einem großen Mädchen und musste ruhig sein.

Arbeitete Großvater mit dem Untergrad, erhielten die Größeren eine schriftliche Aufgabe. Hatten die Kleinen den Text gelesen, kam der Mittelgrad zur Besprechung hinzu. Das war eine gute Wiederholung. Die Kleinen mussten sich im Sprechen mit den Größeren messen. Hatte jemand Nachholbedarf vom Vorjahr, wurde er aufgefordert, wieder zuzuhören. Er erhielt so natürlichen Nachhilfeunterricht.

Am Samstagnachmittag ging Großvater mit den Jungen in den Garten oder in den Wald, um zu pfropfen, zu pflanzen oder Beete zu pflegen. Dann erteilte Großmutter den Mädchen Handarbeitsunterricht.

Gab es Anschauungsunterricht, waren alle beteiligt. Hier durfte auch ich sprechen. Vor der Tafel hing nun ein großes Plakat mit Szenen aus dem Leben, mit Pflanzen, Tierknochen oder dem Wasserkreislauf. Großvater zeigte mit einem langen Stock auf die Stelle im Bild, um die es eben ging. Jedes Kind konnte sagen, was es sah, wie ihm was gefiel, doch erst wurde die Hand hochgehoben. Niemand schrie in die Klasse. Der Unterricht erfolgte auf Deutsch. Fand jemand, dort läge eine „Gebeisse Schmärre“, wurde der ganzen Schule gesagt, dies sei ein Marmeladenbrot. Nach der Bildbetrachtung wurden die neuen Begriffe und Wörter an die Tafel und ins Heft geschrieben. Die Kleinen übten sie erst auf ihren Schiefertafeln.




Am Anschauungsunterricht ass am Detail erklärt ginn, wat d'Kanner schonn aus der Natur kannt hunn



E Liedersschoulsak huet laang Jore missen duerhalen

Der Lehrer kannte die Schüler, ihre Verhältnisse und Familien. Zum Religionsunterricht kam der Pfarrer, und auch er unterrichtete alle gemeinsam mit Schwerpunkt auf Erstkommunion und Firmung. Einen Kindergarten gab es nicht.

Ich selbst wurde so langsam an die Schule herangeführt. Aber – ich lernte nicht vorzeitig lesen und schreiben. „Die Zeiten werden jetzt wieder normal“, sagte Großvater. „Sie bleibt bei ihren Eltern und geht in der Stadt zur Schule. Dort lernt sie mit allen anderen zusammen, was sie lernen soll. Alles andere wäre Anleitung zur Prahlerei, Protzsucht und kein Dienst am Kind.“

Im Herbst 1949 erhielt ich eine Fibel, ein Rechenbuch, eine Schiefertafel, Griffel mit Schwamm und Lappen, sowie einen Schulranzen aus kräftigem Leder, den ich auf dem Rücken trug. Ich hatte neugestrickte Pullover, neue solide Schuhe, einen Regenumhang und Großmutter hatte mir zwei Schürzen mit Rüschen auf den Schultern genäht. Eine Schürze musste für eine Woche vorhalten. Sie wurde zuhause ausgezogen und kam am Samstag in die Wäsche.

Der Unterricht unterschied sich kaum von dem in der Dorfschule. Jungen und Mädchen waren zwar getrennt. Die Jungen gingen zu Lehrern, die Mädchen zu Lehrerinnen. Anstatt 8 Jahrgänge waren deren nur zwei in einer Klasse, die abwechselnd mit der Lehrerin arbeiteten oder eine Aufgabe schrieben. Manche Fächer hatten beide Schuljahre gemeinsam – doch das war für mich nichts Neues. Nur die vielen neuen Kameraden befremdeten mich anfangs. Allerdings, Zeit und Leben brachten dieses, wie so manches andere, in Ordnung.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel an zu Blaaschent***








Dem Mariette seng Fibel war bestëmmt net vill anescht wéi dës aus dem Joer 1951




D’Lëtzebuerger Rechebuch fir d’1. Schouljoer, hei an enger Ausgab vun 1938

Net iwwerall am Land goufen et Spillschoulen. Hei konnten d'Kanner hir éischt gutt, an heiansdo och manner gutt, Erfarunge mat der Schoul maachen.

## En Zockerféngerchen

D'Schwëster Mechthild huet d'Spillschoul gehal. Wéi frou mir Kanner mat hir waren, konnt een an der Paus gesinn: Ëmmer woare mir ëm se erëm an hu se mat der Hand geholl. Se hat en extra Geschéck, fir bei engem klenge Leed ze tréischten, fir ze spillen an ze léieren.

Wann d'Schoul aus woar, als Extra-Belounung oder als klengen Trouscht, ass et en Zockerféngerche ginn: de Fanger an de Mond, dann an eng Dous mat Pudderzocker gezappt an ofgeleckt. Mmm, dat ass gutt!

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



Sangen a Geschichten erziele geet am Krees am beschten

## Engt klengt houfrigt Meedchen



En nogestallte Klassesall an der Thillenvogtei zu Wahl

Ech sënn an d'Schlass bei d'Schwësteren an d'Spillschoul gangen. Meng Elteren haten e Buttik a ware frou, datt ech scho mat dräi Jor dohënner goe konnt. Bei de Schwëstere goufen d'Kanner geholt, soubal se propper waren. No der Schoul sënn ech bei d'Josée an d'Scheergaass spille gangen. Dem Josée säi Papp war Aostrécher, grad ewéi säi Grousspapp. Dem Josée seng Tatta Agny, déi och am Haus gewaont hott, hott an der Sporkääss geschafft. Si hat dämools schonn Neellack. D'Josée sot: „Komm, mir feerwen eis d'Neel; du mir an ech dir!" D'Neel ware sou schéin déck rosa, mir ware richtig houfrig. Doheem hott keen Opheewes dervo gemaach an den nächste Moie sënn ech mat de gefierften Neel an d'Schlass gaangen.

Ech souz nach nik zeguddster am Schoulsall a menger Bänk, dunn hott d'Schwëster meng Hänn erbléckst an du gung d'Donnerweeder lass. „Wat ass dat do dann? Engt feint Meedche feerft sich d'Neel nik!" Ech war ganz verdaddert, well ech jo eewer kengem eppes zeläds gedunn hat. An der Paus hott se mech mam Schlawittche geholt an hott mech mat an d'Pensionatskiche geholt. Do hott se mir mam Knäipchen de schéine rosa Lack von den Neel geschappt. Dat Gekraz hott engem d'Schudderen de Réck eraof gejot. Nach hakt, wann ech draon denken, kréien ech eng Hungerhaot. Zanterheer sënn ech vaom Neelfeerwe kuréiert.

***Marianne Scheer-Holtz vu Wooltz, Joergank 1942***

Duerno goung et an d'éischt Schouljoer. Et war net ëmmer einfach, deene Groussen nozekommen.

# D'Schifertafel war dat wichtegst Stéck

Well mir sou no bei der Kierch gewunnt hunn, huet keng Ausried gegollt: all mueres um 7 Auer hu mir mussen an d'Mass goen. Duerno heem Kaffi drénken, d'Schmiere woare scho färdeg, och déi fir an der Paus.

Dat alles huet musse séier goen, eng Kéier ass et och ze séier gaang: vum éischte Stack erof sinn ech mat deene geneelte Schong, de Schoulsak um Réck, déi gewichsten, holzen Trap erofgesee-gelt. Dat gouf eng schmäerzlech Landung. Mäi Brudder woar bei der viischter Dier, en huet sech knapps ëmgedréit a fort woar en. Du hunn ech mech alt opgerappelt a sinn hannendru gehumpelt. Well ech en awer wollt erëmkréien, hunn ech d'Humpele vergiess a si gelaf. Meng gréisste Suerg awer woar, ass d'Tafel net gebrach?



All Schoulkand hat dëst „Aarbechtsgeschir"

D'Schifertafel woar dat wichtegst Stéck am éischte Schouljoer. Wéi den Numm et seet, se woar aus Schifer, 25x20 cm mat enger hëlze Rumm, doran e Lach fir d'Schnouer an do hong e Läppchen drun. Déi eng Säit vun der Tafel duebel Zeilen, déi aner Säit Haisercher. Fir ze schreiwen e Griffel, dozou eng Schachtel, déi woar wichteg, well d'Griffele si gär an zwee gaang oder d'Spëtzt ass ofgebrach. E fiichte Schwämmchen an enger Dous, fir auszewëschen. D'Tafel ass an eng Kartongshüls gestach ginn, fir dass se net soll briechen an dat Geschriwwent net soll verwëscht ginn. De Virdeel vun der Tafel woar, 't konnt een se ëmmer nees benotzen, den Nodeel woar, se ass gär gebrach a mat de Griffelen woar dat och esou eng Plo.

Am zweete Schouljoer hu mir mam Bläistëft an d'Hefter geschriwwen a mat Tënt. Mir haten e Fiederhalter, do ass eng Spëtzt agestach ginn. An der Schoul hat all Bänk en Tëntefaass, do ass d'Spëtzt dragezappt ginn, ofdrëpse gelooss, an dann Haarstrich, Grundstrich an d'Schönschreibheft. Dat woar guer net sou einfach an 't si gär Tëntefl ecke ginn a Geschmiers. Dofir hate mir en Tëntegummi, dee woar awer mat Virsecht ze benotzen : 't si gär Lächer am Heft ginn.

Fir d'Kommioun hunn ech eng Füllfieder kréit, do ass d'Tënt agefëllt ginn an 't konnt ee fléissent schreiwen.

***Simone Bonenberger vu Réimech, Joergank 1938***



Sou wéi d'Joffer et gesot huet, war et richteg

D'Tëntefässer opzefëlle war eng regelrecht „Zeremonie".

# Tintenfass, Löschblatt, Schönschreibheft

Vorne in unseren Bänken waren Tintenfässer eingelassen. Sie standen in einer Vertiefung und wurden mit einem Schiebedeckel verschlossen. Anfangs des Jahres schickte die Gemeinde eine große Flasche mit schwarzer Tinte. Die stand dann im Schrank in der Ecke und wartete auf die „Tintenzeremonie".

An einem der ersten Schultage nahm die Lehrerin zwei Tafellappen, zwei Löschblätter und einen Korkenzieher mit „Flügeln". Dann sperrte sie den Schrank auf und brachte die Tintenflasche fast feierlich nach vorn. Nachdem diese vorsichtig entkorkt worden war, bekam sie eine Art Gießvorrichtung, wie wir sie von Branntwein- oder Ölflaschen kannten: einen Korken mit einem Röhrchen. Wir verfolgten die Prozedur mit Spannung. Dann mussten wir die Deckel der Tintenfässer zurückschieben und durften unsere Plätze langsam verlassen. Wir standen rund um die Bank, deren Fass gefüllt wurde. Dabei hatten wir zwei Schritt zurückzuweichen, um ja nur nirgends anzustoßen und beobachteten, wie erst ein Löschblatt vor und eins hinter die Öffnung in der Bank gelegt wurde. Dann wurde das Glas etwas herausgehoben und ein Lappen um die Öffnung drapiert. Das zweite Tuch legte die Lehrerin um die Flasche herum, so dass es jeden überflüssigen Tropfen auffangen konnte. Dann wurde die Flasche langsam hinten angehoben, an die Öffnung des Fläschchens in der Bank „angedockt" und dann gluckste die schwarze Flüssigkeit aus der großen Flasche in die kleine der Bank. Wir hielten den Atem an und drückten die Daumen, damit ja nur kein Unglück geschehe. Auf einmal hob die Lehrerin die Flasche mit einem Ruck ab, wischte mit dem hinteren Löschblatt über das Röhrchen im Korken und der Deckel wurde vorgeschoben.

D'Tëntefässer an der Bänk sinn aus grousse Fläschen nogefëllt ginn








E Lëschblat huet an d'Heft gehéiert

Es wiederholte sich das Ganze, bis alle Bänke an die Reihe gekommen waren. Wir Kinder, und besonders die Lehrerin waren zum Schluss erleichtert und es lag ein frischer Duft in der Luft. Einmal erhielten wir statt schwarzer, blaue Tinte. Dies war eine freudige Überraschung, fast ein Fest.

Nach Abschluss der Tintenausgusszeremonie war meistens nur das hintere Löschblatt etwas mitgenommen. Aber – es wurde geglättet und tat fortan Dienst im Register – bis in ein paar Wochen, wenn nachgegossen werden musste. Löschblätter seien kostbar, sagte die Lehrerin und zeigte die besonders weiche Beschaffenheit des Papiers, das meistens rosa war und feine Farbfäden enthielt. Die Löschblätter hatten hinten im Heft zu liegen, und zwar so, dass sie nicht hervorlugten und geknickt wurden. Wenn wir ins Heft schrieben, lag die Hand auf dem Blatt, das mit hinunter zum Ende der Seite rutschte. Nach dem letzten Wort wurde es über die Aufgabe gelegt, vorsichtig, damit noch nasse oder feuchte Tinte nicht verschmierte. Damit nun alles schön trocknete, strichen wir einmal mit der Hand über das Löschblatt und nahmen es mit auf die folgende Seite.

Das mit Löschblatt ausgestattete Heft war ein wichtiges Requisit der damaligen Schule: es war das Schönschreibheft. Diese Hefte hatten meistens einen blauen Deckel. Vorn klebte ein achteckiges Etikett mit blauer oder gezackter Umrandung. Hier stand der Name des Kindes. Manche Lehrerinnen hielten auf einen diskreten Einband, der für alle Hefte gleich war. Auf der ersten Seite prangte oben rechts der Name des Kindes in kunstvollen Lettern. Darunter stand des öfteren eine römische Ziffer für das Schuljahr. Genau in der Mitte des Blattes las man in einer anderen Schrift: Schönschreibheft. Das eigentliche Heft kleiner Mädchen fing in vielen Fällen auf dem 2. Blatt an, denn die Rückseite des ersten Blattes blieb weiß. Ob auch Lehrer sich eine solche Mühe gaben weiß ich nicht. Doch unsere Lehrerinnen taten es mit viel Liebe und Sorgfalt. Schönschreibhefte hatten Doppelzeilen. Die „kleinen“ Buchstaben füllten die mittlere Reihe aus. Ein *f* oder *l* z.B. musste oben oder unten, je nachdem, an die Zeile stoßen.

Wir schrieben mit Feder und Federkeil. Dies war besonders am Anfang schwierig, wenn die „Beine“ der Feder übereinander sprangen und die Tinte spritzte. Mit der Zeit erlernten wir das richtige Eintauchen in das Tintenfass und der Kleckse wurden immer weniger.

Wir schrieben meistens Abschnitte aus Lesestücken ab, mit Punkt, Komma, Strich ... Ausstreichen und radieren durften wir nicht. Eine Aufgabe im Schönschreibheft wurde mit 60 Punkten bewertet. Auf dem Schriftbild standen 10 Punkte. Demnach war ein 60/10 das höchste aller Gefühle. Später schrieben wir unsere eigenen, verbesserten Aufsätze ab. Eine besondere Kunst waren Haarstrich und Grundstrich. Wurden sie richtig eingesetzt, entstand ein sehr schönes Schriftbild. Die Benotung der Schrift konnte den Gesamtplatz in der Klasse beeinflussen. Überhaupt stand die Bezeichnung „Schönschreibheft“ für die Erziehung zu Konzentration, Genauigkeit, aufmerksames Hinsehen. Wenn man es so sehen will, kann man auch eine Art Kunsterziehung darin entdecken.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel***











Dem Paul Wallers seng Schönschreibhefter aus dem 1. an 2. Schouljoer waren agebonnen
Uewen: 1. Schouljor 1939/40
Ënnen: 2. Schouljor 1940/41

An da war endlech Paus.

# Schoul-Paus



1



2

An der Paus, duecht ech,
du gees eraus,
vis-à-vis
an d'Epicerie
dat Geld an der Täsch
muss elo ewech.

Ech sinn iwwer d'Maierche gesprong
duerech d'Heck
riicht an de Buttek, mam Schockla
nees zréck.

Wéi ech dunn duerch d'Geštrëpp, oh Schreck
steet d'Schwëster do, virun der Heck!
Si huet geschmunzelt,
mir ass d'Häerz an d'Schong gebunzelt.
Si dréit sech ëm, si geet fort.
Verdaddert kloteren ech erop.

Ech woar dat Bravst dunn an der Klass:
„Wat ass da mat dem Finnche lass?"
An ni méi no deem grousse Schreck,
sinn ech geklotert duerch déi Heck.

***Simone Rosen-Bonenberger***
***no enger Erzielung***



3

1/2/3 – An der Paus zu Nidderdonwen, 1943, mat der Joffer Vuillermoz

# Fischtran und Milch zum Pausenbrot

In Blascheid klatschte Großvater in die Hände, wenn die Pause vorüber war. In Merl rappelte die Klingel.

Doch Händeklatschen oder Klingel, die Pause war und ist wichtig, auch für das soziale Umfeld der Schüler. Damals waren in der Stadt die Schulhöfe getrennt, wie die Klassen: auf der einen Seite die Jungen, auf der anderen die Mädchen. Lehrer und Lehrerinnen spazierten gemeinsam durch die Mitte des Hofes. Die Jungen spielten mit Vorliebe „Räuber und Gendarm", Fußball oder ähnliches. Wir, die Mädchen spielten Fangen, Verstecken, Völkerball. Doch wir tanzten auch im Kreis, rieten Namen, sprangen im Seil oder fragten „Mutter darf ich?" Im Frühling rollten für alle die Murmeln und im Winter bauten wir Schneemännchen. Schneeballschlachten waren verboten, da sie zu gefährlich waren.

Die Spiele begannen oft mit: „Wien ass mat, derno ass kee méi mat". Wem das vorgeschlagene Spiel zusagte, hängte sich ein. Alle machten irgendwie mit, bis auf einen kleinen Jungen, der ständig allein herumlief, mit den Armen die Räder einer Lokomotive nachahmte und „tsch, tsch, tsch" vor sich hin sagte.

Er war eben ein Einzelgänger. Ob er Eisenbahner geworden ist, weiß ich nicht.

Bei schlechtem Wetter blieben wir in den Schulgängen, unterhielten uns oder spielten Ratespiele. Auf Treppengeländerrutschen stand eine Strafe.

Im Winter begann die Pause mit dem Austeilen der Milch. Dies waren kleine Flaschen mit einem Strohhalm, gefüllt mit warmer Milch oder manchmal mit Kakao. Dazu teilte die Lehrerin gelbe Fischtranpillen aus, zwei für jedes Kind. Man muss bedenken, dass es nach dem Krieg unterernährte Kinder gab, und die Gemeinde schickte Milch und Pillen. Die Kinder aus normalen Familien mussten einige Franken zahlen, die anderen erhielten ihre Milchflasche umsonst.

Fischtran und Milch zum Pausenbrot in Gemeinschaft, zusammen mit der Lehrerin, dann Spiele draußen, bis die Klingel schepperte – all dies ist eine freudige Erinnerung an die Kindheit.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel***



De Krich an déi preisesch Occupatioun hate grouss Auswierkungen op de Schoulsystem. D'Kanner sollten an der „richteger" Ideologie opwuessen.

# Meng Schoulzäit am Krich

Den 10. Mee 1940, wéi d'Preisen d'Land iwwerfall hunn, war ech am 3. Schouljoer. Meng Famill ass net, wéi déi meescht, an d'Frankräich evakuéiert ginn, mä mir waren zu Berbuerg, mengem Papp sengem Gebuertsuert, bei mengem Monni Ugeen aquartéiert. Do sinn ech während 3 oder 4 Méint an d'Schoul gaangen. Et war eng Duerfschoul, wou de Schoulmeeschter all déi 8 Jorgäng an enger Klass hat. Dat war nei fir mech. Géint September war ech erëm doheem an no villem Duercherneen – all puer Wochen en anere Schoulmeeschter an net richteg gewosst, wat um Programm stung – gonge mer erëm richteg an d'Schoul.




Well et am Krich kee Reliounsunterricht gouf, huet de John samschdes mëttes beim Kaploun de Katchëssem geléiert

1941, am 4. Schouljoer, ass et dann du ugaangen. Kee Franséisch méi an an eis Bicher si preisesch Bäilage komm, „Für den Raum Luxemburg". Zu eiser gréisster Freed, woren dunn d'Klassen och gemëscht a mengem éischte Schwarm, dem Juliette, hat ech „Juliette, goldne Kette, goldner Schuh, das bist du" dediéiert.

Muerges hu mer en Tagesspruch virgelies kritt. Meeschtens eppes markeg Germanesches. Ech erënnere mech zum Beispill un een aus der „Edda": „Von seinem Speer entferne sich der Mann keine drei Schritt auf dem Felde, nie weiß er gewiss, wann des Wurfspießes er bedarf", an aner „wichteg" Liewensweisheeten. No an no sinn ëmmer méi Nazi- a Führersprëchelcher derbäi komm. Mat 11 Joer hu mir Bouwen och Bekanntschaft mat der germanescher Mythologie gemaach: Wotan, Thor, Odin, Freya a Co. waren eis keng Onbekannt méi a mer wossten, datt den Himmel eigentlech „Walhalla" giff heeschen. De Reliounsunterricht ass ausgefall a gouf fräiwëlleg vun de Kaplëin samschdes mëttes an der Kierch gehal, wou meng Eltere mech higeschéckt hunn.




„Luxemburger Fibel“ aus dem Krich






**Luftschutz und Luftgefahr.**

70. Luftangriffe auf Deutschland 1914 bis 1918:

| Jahr | Zahl der Angriffe | Zahl der abgeworf. Bomben | Verlust an Menschen: tot | verwundet | zusammen | Sachschaden |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1914 | 8 | 33 | 11 | 42 | | 1000000 RM |
| 1915 | 51 | 940 | 156 | 329 | | 850000 RM |
| 1916 | 96 | 1817 | 160 | 352 | | 1400000 RM |
| 1917 | 175 | 3234 | 79 | 323 | | 4000000 RM |
| 1918 | 353 | 7717 | 383 | 797 | | 15000000 RM |

a) Zeige, wie sich 1. die Zahl der Angriffe, 2. die Menschenverluste und der Sachschaden vervielfacht haben!

b) Vergleiche die Zahlen jedes Jahres mit den Zahlen des letzten Weltkriegsjahres!

71. Ein Gebäude mit plattem Dach soll gegen Flieger- und Bombengefahr durch Anstrich getarnt werden. Länge des Gebäudes 18 m, Breite 12 m, Höhe bis zur Dachrinne 3,20 m. Für die Fenster sind 5 % abzurechnen. Für 1 qm werden 17 *Rpf* gerechnet. Arbeitslohn je Std. 85 *Rpf*. Arbeitszeit 72 Std. Welche Kosten entstehen?

72. Eine Stahlplatte von 2 cm Stärke vor dem Schutzraumfenster schützt ausreichend gegen Splitterwirkungen. Eine gleich starke Wand aus Beton bietet nur 8 % Sicherheit, aus Holz nur $6\frac{2}{3}$ %. Wie dick müssen Schutzwände aus diesen Stoffen sein, wenn sie den gleichen Schutz geben sollen wie die Stahlplatte?

73. Ein ruhender Mensch atmet in der Minute durchschnittlich 0,328 *l* Sauerstoff ein und 0,264 *l* Kohlensäure aus; ein arbeitender Mensch braucht in einer Minute 2,543 *l* Sauerstoff; er atmet 2,386 *l* Kohlensäure aus. a) Wieviel *l* Sauerstoff braucht der arbeitende Mensch mehr? b) Wieviel Kohlensäure atmet er mehr aus? c) Wievielmal so groß ist 1. der Mehrverbrauch an Sauerstoff, 2. die ausgeatmete Kohlensäuremenge?

Och am Rechne sinn d’Kanner net vun der Krichsideologie verschount bliwwen

Wéi ech 1942 an d’5. Schouljoer komme sollt, haten d’Preise grad déi 4-klasseg Hauptschoul ageféiert. Si wor fir Schüler bestëmmt, déi „oberschulreif“ waren, mä déi aus iergend engem Grond net an de Lycée gaange sinn. De Programm war zimlech anspruchsvoll: Englesch, Däitsch, Chemie, Physik, Algebra, Lebenskunde, Geschichte, Musik an Turnen. Awer alles aus der Naziperspektiv. Mer hunn an der Lebenskunde ënner anerem déi „mendelschen Erbfolgegesetze“ geléiert, fir direkt kënnen e Judd ze identifizéieren. Aus der Geschicht weess ech haut nach bal all dee Kabes auswenneg. Den 1. Weltkrich, deen si jo hätte misse gewannen (Dolchstoß), den „Schandvertrag“ vu Versailles, dem Hitler seng „Kampfzäit“ 1922-1933, an all Detail aus sengem verlugene Liewen. Aus der Museksstonn kann ech nach haut bal all Nazi- an Zaldotelidder auswenneg. Soss ass awer aus där Zäit net vill Wësse bei mir hänkebliwwen.

Eis Lehrer ware bal all Lëtzebuerger Oberprimärlehrer. Mir haten och e puer Preisen. Do erënneren ech mech un een an der Geschicht an an der Musek. Den éischten Dag huet heen sech virgestallt: „Mein Name ist Roettgers, Dr Roettgers“. Säi Meedche war och bei eis an der Klass. Am Ufank vun all Musekstonn huet hie geruff: „Helga, gib mir das A an“. Dann ass d’Helga bei de Piano getreppelt an huet de La ugeschloen.

Bei mär an der Klass war e Jong vun Uewerkuer, de Kohns Ern. Wéi an der Schoul d’Judden den Thema waren, du sot den Ern: „Herr Lehrer, der Weber ist auch ein Jude, sein Onkel heißt Nordstern“. Mäi Monni, de Jean Weber, hat e Schonggeschäft, dat hie scho virum 1. Weltkrich *Nordstern* gedeeft hat, well dat gréisste Berliner Schonggeschäft vun deemools esou geheescht huet. Den Herr Lehrer, den Déifferdenger Här Maas, huet de Kapp geréselt an den Unterricht ass weidergaangen.

Dem preisesche Polizeichef vun Déifferdeng Polcher säi Jong Hugo war och bei mär an der Klass. Hie war zwee Joer méi al, well en zu Koblenz schonn zweemol sëtze bliwwe war, an hie war och zwee Käpp méi héich wéi mär. Eng Kéier sutz ech bei him an der Paus an hu gefrot: „Hast du den Führer schon gesehen?“ Seng Äntwert: „Jawohl, auf dem Reichsparteitag in Nürnberg.“ Du hunn ech domme Jong gesot: „Wat ass dat e Bandit.“ Doropshin huet hie mech geschloen a mat Fäischt traktéiert, dass ech holl a blo war. Den nächste Muere sot de Lehrer: „Der Schüler Weber ist wegen deutschfeindlichen Bemerkungen aus der Hauptschule entlassen und geht zurück zur Volksschule.“ Do war den Niveau vill méi niddreg. Ech hunn deeglaang gekrasch, bis meng gutt Mamm sech en Häerz geholl huet a mat mer bei de Schulleiter vun der Hauptschoul gaangen ass, fir Gnod ze fannen. De Schulleiter Dr Krischke war en Éisträicher, deen et gutt mat de Lëtzebuerger gemengt huet. Hie wollt mer hëllefen a sot: „Ja, ja, wenn es nicht der Sohn des Polcher wäre.“ Hien huet deen och gefaart. Du fënnt hien en anere Wee. „Hast du das denn wirklich

gesagt?" Wier meng Äntwert „Nein" gewiescht, dann hätt hien einfach kënne soen, dat wier e Bubenstreich, wou se allen zwee léien, an d'Affair wier klasséiert. Ech awer sot: „Jawohl, ich hab es gesagt." Den Dr Krischke huet de Kapp geréselt a bestëmmt geduecht, „déi domm Lëtzebuerger". Meng Mamm awer huet de Kapp gehuewen. Hire Profil géif der Grand-Duchesse gläichen, hunn ech geduecht, a si sot voller Stolz: „Mein Sohn lügt nicht." Den Dr Krischke awer huet nach méi un de Lëtzebuerger gezweifelt, mä du fënnt hien d'Solutioun: „Tut es dir denn leid, was du gesagt hast?" Ech hu meng Mamm gekuckt an si huet „jo" gewénkt. „Es tut mir leid, was ich gesagt habe", hunn ech gelunn an domat war d'Bir geschielt. Den nächsten Dag ass hie mat mer a meng Klass gaangen an huet gesot: „Euer Kamerad Weber hat seine Worte bereut und ist wieder in die deutsche Hauptschule aufgenommen worden." Grouss Begeeschterung bei menge Kollegen. De Polcher war net méi do. Hie war mat aneren Hitlerjongen an de Wantersport op Kitzbühel.

Ech ka mech och nach erënneren, et war Enn 1943, dass mer aus eiser Klass nach zu dräi net an der Hitlerjugend waren, an zwar de Rausche Francis, den Nürnbergs Vic an ech. Deemno war eise Klassenlehrer gezwongen, eis all puer Méint ze erënneren, dass mer missten der H.J. bäitrieden.

Eng aner Schoulaktivitéit huet doranner bestanen, dass mer Téi hu misse sammele goen: Huflattich und Co. Da si mer och gebraucht ginn, fir Kartoffelkäferen ze sammelen an ze vernichten. Eis gouf gesot, dass déi britesch Loftgangster dës Käferen iwwer Däitschland a senge besetzte Gebidder géifen erofgeheien, fir „die deutsche Volkswirtschaft" ze zerstéieren. Eis war dat eendunn. Haaptsaach et war keng Schoul. Vun 1944 u war bal all Dag Fligeralarm. D'Bicher sinn zougeklappt ginn an et gong erof an de Bunker. E puer äifreg Lehrer hu versicht, am Bunker weider Schoul ze halen. Mä bei e puer honnert schnëssege Kanner an engem iwwerfëllte Raum war dat onméiglech. Mär haten näischt dergéint. Heem konnte mer eréischt goen, wann et Entwarnung getut huet. Rechne mer elo nach Téisammelen, Kartoffelkäferbekämpfung bei déi verluere Stonnen am Bunker, da ware mer 1943-1944 d'hallef Zäit net an der Schoul. Dir kënnt iech also virstellen, dass mer an deene Joren net vill, a bal nëmme Blödsinn, geléiert hunn.

No der Liberatioun 1944 waren d'Schoule komplett vun den amerikaneschen Truppe besat a vu September 44 bis Mee 45 hat all Klass zu Déifferdeng – haalt iech un – eng eenzeg Schoulstonn d'Woch an der Haushaltungsschoul. Um Enn vun eiser obligatorescher Schoulzäit wosste mer net vill. Mer hunn 1945 Franséisch am Ufanksbuch vum 3. Schouljoer ugefaangen ze léieren.

***John Weber vun Zolwer, Joergank 1930, erzielt vu senger Kandheet zu Déifferdeng***





3. a 4. Schouljore vun Hamm, Juni 1941, mat der Joffer Felgen (l.) an der Joffer Schroeder (r.)

**Och zu Réimech huet sech an der Schoul vill verännert. D'Andrée Rhein erënnert sech virun allem un hiert Léierpersonal.**

# Am Streich ass alles anescht ginn

D'Nonne sinn ersat ginn: d'Schwëster Mechthilde duerch d'Tante Margot an d'Schwëster Rosa duerch d'Joffer Legill vu Schengen, eng ganz distinguéiert a gutt Léierin, d'Schwëster Alberta duerch d'Joffer Hartman vu Schwebsengen, se gouf och d'Konkel genannt.

Am September hu se déi Bescht fir an d'Hauptschule geholl an de Rescht fir an d'Volksschule. All Stonn hate mer eng aner Léierpersoun. Kee Franséisch méi, dofir Englesch. Kee Kruzifix, amplaz den Hitler. Am Ufank vun der Schoul ass net méi gebiet ginn. D'Virnimm si geännert ginn: Aus dem Armand ass en Hermann ginn, aus dem Gisèle e Gisela, aus dem Edmond en Edmund an aus mir (Andrée) e Maria.

Den Här Schons vu Réimech huet is mam Familljennumm genannt. Den éischte Muerge stunge mer do an duechten, wat geschitt elo? Hie seet: „Ein

Lied“ a stëmmt un: „Und die Morgenfrühe, das ist unsere Zeit, wenn die Winde um die Berge singen.“ Amplaz matzesangen hu mer gelaacht, an den Ufank war gemaach. Am Realienbuch hu mer vun der Nebenwurzel geléiert. Hie rifft: „Gisela Raus un d’Tafel!“ Amplaz fir Nebenwurzel liest hatt ëmmer „Nebenfurzel“. Héiert iech dat Gekicher un! Hie paakt hatt beim Colli a setzt et virun d’Dier. Eppes méi spéit seet en zu mir: „Rhein, geh heraus und hol die Raus herein“. De Mann huet Spaass verstan, awer kengem wéi gedon.



1942 sinn déi Réimecher Schoulkanner mam Bus op Orscholz d’Saarschleife kucke gefuer, duerno op Freudenburg an op Kastel bei d’Graf vum Jang de Blannen.





Musek a Solfège sollt den Här Everling is bäibréngen. Do re mi fa sol la si do, vijenzeg an hannerzeg, als Hausaufgab! Dat éischt, wat hien opfreet, seet ganz traureg: „Mein Tatta kann dat elo bis haut nach net.“ Deen zweeten, deen en du freet, rëselt mam Kapp; e wosst et net. Dat war dees Gudden ze vill. Den Everling brëllt: „Fühl dir mal an deinen Kopf, ob du den noch hast!“ Hie koum ni méi bei eis zréck, mir kruten amplaz den Här Maas. Deen huet is schéi Liddercher geléiert: „Wahre Freundschaft soll nicht wanken“ an „Kein schöner Land in dieser Zeit, als hier das unsre weit und breit, wo wir uns finden, wohl unter Linden zur Abendzeit.“ Ech hu gäre gesong a war mat Begeeschterung derbäi.

Den Här Jungblut hate mer am Zeechnen. Hien huet e Stull op den Dësch gesat. All Schüler huet dat missten aus enger anerer Perspektiv op Pabeier bréngen.

1942, fir eise Schoulausfluch, si mir mam Bus op Orscholz d’Saarschleife kucke gefuer, duerno op Freudenburg an dunn op Kastel op de Kierfecht. „Da ruht so still im Grab der blinde Held Johann.“ (aus engem Gedicht vum J. Prott)

Dënschdes an donneschdes war Reliounsunterrecht an der Kierch. Dënschdes Katchëssem an donneschdes Bibel. Ech hat 9 Joer a krut vum Här Lies d’Fro gestallt: „Was ist eine vollkommene Reue und was ist eine unvollkommene Reue?“ Ech wosst et net. Als Strof hunn ech mech missen op d’Kommiounsbänk knéien.

Mëttwochs war dann Hitlerjugend. Dohin hu mir misste goen. Et wollt kee riskéieren, an eng Erziehungsanstalt gestach ze ginn. Am Schwësterenhaus am Keller war eist Zëmmer. Abiturientinnen aus dem Demaringsschlass zu Wies hunn do hire Stage gemaach. Si waren eis „Führerinnen“, léif an ordentlech Meedercher.

D’Miss Desirant vu Mondorf hate mir am Engleschen. Mir ware käppeg, mir wollte Franséisch a keen Englesch léieren. D’Miss war eng fei Persoun. Wéi d’Stonn ufänke sollt, war kee Schüler an der Klass an un der Tafel stung geschriwwen: „Mir sinn op d’Musel.“ Amplaz is unzeschmieren, huet si is zu Léift d’Saach ignoréiert.

***Andrée Hansen-Rhein vu Bous, Joergank 1932, erzielt vun hirer Kandheet zu Réimech***









Am Krich kruten d’Kanner, déi gutt geschafft haten, als „bonne note“ e Buchzeechen aus der Serie „Deutsche Erfinder“





An der Stad war et net vill besser.

# Mir waren dacks am Keller

Mir hunn op der Gare an der Wilson Strooss gewunnt. Ech war während dem Krich op der Gare an der Spillschoul a fir d’Primärschoul op der Stroossbuerger Plaz. Do war och d’SS an dann huet meng Mamm ëmmer gesot: „Maach datt s de naischt äntwers“, well déi hunn ëmmer d’Kanner ausgefrot. Ech sinn alt gefrot ginn: „Wat schwätzt der doheem?“ Meng Mamm war aus der Lorraine an doheem ass franséisch geschwat ginn. Et war eppes Schreckleches, datt ee scho vun den Elteren huet misse gewarnt ginn.

Bei ons an der Schoul waren och Kanner vun de Preisen, déi zu Lëtzebuerg gewunnt hunn. Eent vun den däitsche Meedercher hat seng Schmier an enger Tut aus blénkegem, faarwege Pobeier. Dodrun erënneren ech mech d’ganzt Liewen, well ech hätt esou gär och esou Tute gehat. Et huet awer kee vill zu hinne gesot, well jiddereen hat Angscht, e géif ugeschmiert ginn an d’Konsequenze wäre schlëmm gewiescht.

Während deem Joer ware mir esou oft am Keller, doduerch ass et net richteg viru gaang mam Unterrecht. Ons Schoul war mixte: déi Säit zur Gare zou waren d’Meedercher an no ënne waren d’Jongen. De Schoulhaff war awer net ofgedeelt a mir hunn an der Paus mat de Jongen zesumme gespillt. Do hu mir Raiber a Gendarm gespillt. Leidenschaftlech gär hunn ech och mat de Komeroden eng Partie Jickse gemaach. Iwwerhaapt hu mir ganz vill dobausse gespillt.

Ech hat e beigë Liederschoulsak fir op de Réck, do war eng Schifertafel dra mat engem Läppchen, Griffelen mat engem Spëtzer. Meng Schachtel war aus Holz.

***Nicole Collart vum Bridel, Joergank 1934, erzielt vun hirer Kandheet an der Stad***

An dann ass et och emol brenzleg ginn.

# Schoul a Bommen

An eiser Schoul hat sech am Krich och munches geännert. Mir haten net méi esou vill Schoulstonne wéi virdrun. Eise Schoulmeeschter huet fläisseg misse mat eis „Deutsche Volkslieder” üben. Mir hu missen am Summer Grompere-kieweren asammelen. Aus dem Gaart hu mer missen Tute voll Schwaarzkréi-schelsblieder mat an d'Schoul bréngen, Lompen a Schanken asammelen. Eppes hat eise Schoulmeeschter eis nach bäi-bruecht. Wéi verhale mir eis an der Schoul, wann emol ginge Bomme falen? „Am beschten, dir leet iech ënnert är Schoulbänken”. Esou einfach war dat.

Mir souzen eemol mëttes an der Schoul, mir haten zwar Fliger héieren, awer ganz plëtzlech goung d'Geschéiss lass. Et si Bomme gefall, mir luchen all ënnert eise Bänken ze zidderen a wouss-ten net, dass just iwwert eisem Duerf e Luftkampf zwëschen amerikaneschen an preisesche Fliger war. E Gehauls vu Fligeren, déi niddreg iwwer d'Duerf geflu sinn, Maschinnegewierschéissen, dat keen Enn kritt huet. Et huet een d'Bommen héiere falen.

Eis Kanner ass dat alles wéi eng Éiweg-keet virkomm, mä endlech gouf et méi roueg an et huet een héieren, dass d'Fligere fortgeflu sinn.

Kéiswäiss am Gesiicht si mir ënnert eise Bänken erausgekroch a ware ganz ver-schotert. Eise Schoulmeeschter huet eis op der Minutt heem geschéckt an eis un d'Häerz geluecht, laanscht d'Haiser ze goen an an Deckung ze bleiwen. Op der Strooss stungen awer Leit, di scho woussten, dass e preisesche Juegdbom-ber vun den Amerikaner erofgeschoss gi war. De Pilot war mam Fallschirm erausgesprongen a war an engem Quet-schebam hänke bliwwen. En huet miss-ten aushalen, bis seng Arméiskollegen hie vum Bam erofgeschnidden hunn. Säi Fliger luch total ausgebrannt op engem Feld zwëschen der Ellenger Gare an dem Réimecher Bësch.

Mir Kanner sinn ouni Schued doheem ukomm, awer do war eng riseg Suerg an Opreegung. Eisen eelste Brudder hat grad dee Mëtteg bei der Ellenger Gare ze schaffen a war duerch Bommesplitter um Been uerg blesséiert ginn. Hien huet missten laang Wochen an der Klinik bleiwen a konnt nach e ganzt Joer nëmme mat Krätsche goen. Esou ass hien der preisescher Uniform entgaan-gen.

***Madeleine Wies-Bredimus vun Elleng, Joergank 1933***



Déi 3 Schoulmeeschteren, déi am Gedicht virkommen

# Alarm, Alarm

Die Sirene heult
Der Stuka* eilt :
Wo ist mein Zylinder,
Wer ist der ehrliche Finder ?

Kohl* kommt aus der Schule gerannt,
rot ist sein Kopf, von Zorn entbrannt.

Die Miss* mit ihrem roten Mund
schreit durcheinander kunterbunt.

Der Schiffels* und die Anni*,
heut ausnahmsweis ganz munter,
kollern beide die Treppe hinunter.

Endlich ist der Alarm vorüber
Schons* stürzt auf den Römerschrank**
kopfüber:
„Gott sei Dank, ich hab dich wieder!“

** Léierpersonal*

*** Am „Römerschrank“ woar eng Sammlung vu Muschelen a Steng, dem H. Schons seng Leidenschaft*

***Gemeinschafts-Dichtung Hauptschule Remich 1942-1943, erzielt vum Christine Gitzinger***

Wann s de Chance has, hues de an engem Duerf gelieft, wou den Afloss vun den Nazien net esou grouss war.

# Eng Schoulwoch vu 6 Deeg

An onser Schoul zu Wahl hate mer nëmmen ee Sall an do suzen 32 Kanner zesummen a 7 Schouljoren. Dat war natierlech mixte, Jongen a Meedercher mat enger Léierin. Mir sinn déi Zäit nach 6 Deeg an der Woch an d'Schoul gaang, och samschdes de ganzen Dag. Ech ka mech erënneren, samschdes mëttes hunn d'Jonge geschnëtzelt mat enger Schnëtzelsee, déi ëmmer futtigefuer ass. D'Meedercher hu geheekelt oder gestréckt, Handaarbecht huet dat Fach geheescht.

Mueres hu mir eis ëmmer opgestallt an „Reih und Glied" a mir hunn de Vaterunser gebiet éier d'Schoul ugaangen ass. Et war Krich an d'Bild vum Hitler hung un der Wand. Mir hätten theoretesch missen „Heil Hitler" soen. Ech ka mech awer net erënneren, datt mir dat hätte mussen eng eenzeg Kéier maachen, souguer net wann de Schoulinspekter komm ass. Ons Joffer hat déi Chance, datt am Duerf keen esou e verstopptenen Nazi war, soss wär d'Léierin direkt an Däitschland strofversat ginn.




6 Deeg d'Woch war Schoul, och samschdes mëttes

D'Schoulkanner vu Wahl am Juli 1947
3. Rei, 3. vu lénks: den Théo Pletschette



Mir kruten och all Dag eng Hausaufgab. Wa mir eis Aufgab als éischt kruten, ware mir scho fäerdeg, wann déi lescht un der Rei waren. Meng Schwëster war da jalous, wann hatt owens nach do souz ze schreiwen an ech hu mol kee Schoulsak mat heembruecht a konnt spille goen.

Eemol am Joer ass e Schoulausfluch gemaach ginn. Do hu mer missen d'Suen dofir verdéngen, well vum Stat ass et näischt ginn an och net vun der Gemeng. Dann ass d'ganz Klass an de Bësch gaangen, fir Molbier ze plécken. Natierlech hunn déi eng méi, déi aner manner gepléckt. Wann s de däin Dëppche voll has, kruts de vun der Joffer eng Kamell. Wat mech skandaliséiert huet, dat war, datt dann zu Ettelbréck eist Molbier, fir dat mir 1 Frang de Liter kritt hunn, fir 12 oder 13 Frang de Liter verkaaft ginn ass. Dofir hate mir e Wee gemaach vu méi wéi 10 km a stonnelaang gepléckt.

Deen eenzege Schoulausfluch, un deen ech mech erënnere kann, war deen 1949 an d'Grottes de Han. Dat war fir eis dat Ereegnis!

***Théo Pletschette vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vu senger Kandheet zu Wahl***

Nieft der ëffentlecher Schoul gouf et fir d'Meedercher och d'Méiglechkeet, fir an eng Privatschoul, bei Schwësteren, ze goen. Dat war awer net fir all Kand eng gutt Léisung.

# Ech war kee Kand fir bei d'Schwësteren

1943 sinn ech zu Bouneweg an d'éischt Schouljoer gaang. Well awer, wann déi Alliéiert d'Gare bombardéiert hunn, och Bommen op d'Quartiere ronderëm gefall sinn, hunn d'Preisen decidéiert, d'Kanner vu Bouneweg ze evakuéieren. Sou sinn ech am Fréijoer 1944 bei eis Famill op Beidweiler komm.

Hei sinn ech du weider an d'éischt Schouljoer gaangen. Beidweiler hat eng Duerfschoul an där d'Kanner vum éischte bis an d'siwent Schouljoer zesummen an enger Klass waren. Mir haten e preisesche Schoulmeeschter, nach e relativ jonken, deen et net fäerdeg bruecht huet, déi grouss Jonge roueg ze halen. Et war heiansdo dee rengste Furri. Ech ka mech nach un eng Zeen erënneren, wou d'Jongen iwwer d'Bänke gesprongen sinn, fir virum Schoulmeeschter fortzelafen an dunn zu der Fënster eraus. Geléiert hunn ech an deem Joer net vill.

Fir dat zweet Schouljoer war ech dunn erëm doheem zu Bouneweg. Wéinst der Liberatioun ass dat Joer d'Schoul net direkt am September ugaang. Ausserdeem war déi Bouneweger Primärschoul futti, sou dass mer kee Sall haten. Mir si mat eisem Schoulmeeschter vun engem Haus zum anere gepilgert, haten e puer Deeg hei an e puer Deeg do bei Privatleit an der Stuff eis Schoul. Mir souzen um Buedem am Krees an haten eis Schifertafelen virun eis leien. No e puer Wochen hat de Schoulmeeschter dunn e Sall fonnt, wou mer méi laang konnte bleiwen: de Schräiner Bonifas aus eiser Strooss huet e Raum iwwer der Schräinerei ausgeraumt. Mir sinn da muerges laanscht d'Holz geknéchelt fir uewenop an de Sall ze kommen. Hei souze mer och net méi um Buedem, ma hate Bänken.

Am drëtte Schouljoer ware mer dunn am Gebai vun der Oberprimärschoul. Dat Joer hat ech eng fierchterlech Léierin. Si war richteg eekeleg mat de Kanner a mir hu se gefaart ewéi d'Feier. Eng Kéier hat e Meedchen Duerchfall a wéi hatt fir d'zweet gefrot huet, fir op d'Toilette ze goen, huet si et net gelooss. D'Kand huet missen an d'Box maachen. En anert Meedchen hat e Bockel an hat doduerch de Kapp schif tëschent de








Am 2. Schouljoer hunn d'Kanner scho méi laang Texter gelies

Schëllere stoen. Wéi dunn eng Kéier en Donnerwieder war, huet dat Kand schrecklech gefaart an hysteresch gejaut. D'Joffer huet du gemengt: „Wann s de net direkt ophäls, da schloen ech der eng, dass däi Kapp erëm riicht gëtt." Dat sinn esou Ongerechtegkeeten, déi e Kand net vergësst. Enges Daags war et du mäin Tour: Ech hunn dat Wuert „voisin" am franséischen einfach net verhalen. Wéi d'Joffer méi rose ginn ass, wéi ech et manner wosst. Hei steet se op, kënnt bei mech a schléit mech mat der flaacher Hand an d'Gesiicht. Ech hu probéiert net ze kräischen, war awer déif getraff. Wéi ech mengem Papp dat gezielt hunn, gouf hie rosen an ass direkt bei d'Léierin gaang. Wéi hien erëmkoum, war hien nach méi rosen, well d'Léierin anscheinend frech mat him war. D'Konsequenz vun deem ganze war, dass ech mëtten am Joer d'Schoul gewiesselt hunn.

Ech koum a Sainte-Sophie. Meng Eltere waren net räich an et huet hinne sécher wéi gedoen, fir d'Schoulgeld ze bezuelen. Awer si wollten dat bescht fir hiert Meedchen. Ech war awer kee Kand fir bei d'Schwësteren, ech hat mäin eegene Kapp an hunn net ëmmer gemaach wéi gesot war. Ausserdeem ass mer de Mond




D'Huguette huet net vill „bonnes notes" kritt. Duerfir huet si dës ëmsou besser versuergt.

e puer Mol ze vill opgaang. Sou hat ech am Reliounsunterricht bei der Schwëster Ste Croix gesot, ech géing dat mam Hellege Geescht net verstoen. Si huet du gemengt, dat wier net fir ze verstoen, et misst een einfach gleewen. Ech hunn hir geäntwert, mäi Papp hätt gesot, et misst ee fir d'éischt eppes verstoen, ier een et léiere kënnt. Also géing ech et net léieren!

Mëttes hunn ech an der Cantine giess. Et huet mer net ëmmer gefall, wat op den Dësch koum, well et huet net geschmaacht ewéi doheem. D'Schwësteren hu verlaangt, dass mer eisen Teller eidel giess hunn. Ech wosst mer ze hëllefen: Ënner dem Dësch war en Tirang, hei louchen den Internen hir Zerwéiten. Ech hunn dann dat, wat ech net giess hunn an den Tirang geschott. Ech muss net dat eenzegt gewiescht sinn, wat dat gemaach huet, well schonn no kuerzer Zäit hu mer fest Plaze kritt. Elo gung dat Spillchen natierlech net méi. Ech hunn trotzdem net ëmmer alles giess an dann hunn ech misse sëtze bleiwen, bis den Teller eidel war. Well ech awer en tockegt Kand war, hunn ech och dann nach den Teller net eidel giess. Sou souz ech regelméisseg déi ganz Mëttesstonn an der Cantine. Ëm 2 Auer hunn d'Schwëstere mech misse lafe loossen, well dann ass d'Schoul ugaang.

Muerges virun der Schoul war Mass. Dat huet mir natierlech net gefall. Ech sinn déi Zäit mam Vëlo an d'Schoul gefuer. Meng Mamm huet mech mat Zäite gedoen opstoen, fir dass ech net ze spéit wier fir an d'Mass. Da sinn ech déi Al Avenue erop gefuer an déi Nei erëm erof, bis datt et 8 Auer war. Fir mech ze zwéngen, fir an d'Mass ze kommen, hunn d'Schwësteren decidéiert, ech misst d'Mass déngen. Och Meedercher hunn dat dierfe maachen, awer si hu misse bausse vum Altor bleiwen. Ech sinn trotzdem net gaangen.

Meng Mamm ass regelméisseg an d'Schoul geruff ginn, wann ech erëm eng „gestiicht" hat. Si huet dat iwwer sech ergoe gelooss, et hat awer eigentlech keng Konsequenze fir mech. Heiansdo huet si mir dann erzielt, wat d'Schwëster gesot hat. Sou sollt ech zum Beispill gefügeg gemaach ginn, andeems ech scho muerges fréi en „Opfer" brénge sollt, an dat war, an der Iddi vun der Schwëster, datt ech kee Botter dierft op d'Schmier kréien, nëmme Gebeess.

Eng Kéier hat ech awer och e Luef kritt. Mir hunn alleguer missten d'selwecht ugedoe si fir an d'Schoul, an zwar eng wäiss Blouse, eng blo Jupe an e bloe Pullover. D'Jupe huet misse méi laang sinn ewéi de Knéi. Ech hat eng blo plisséiert Jupe, an du huet meng Mamm mer uewen an der Taille e Stéck drugesat, sou dass d'Jupe bis un den Enkel gaang ass. Dat hat de Schwësteren aparti gutt gefall. Wéi mer e bësse méi grouss waren, am 5. an am 6. Schouljoer, hu mer eng Box mat an d'Schoul geholl a wann d'Schoul eriwwer war hu mer d'Box ënnert d'Jupe ugedoen an dann d'Jupe ausgezunn.

Wéi ech dunn an de Lycée koum, war ech erléist, an d'Schwëstere sécher och.

***Huguette Eyschen-Wagener vun Ettelbréck, Joergank 1937, erzielt vun hirer Kandheet zu Bouneweg***



D'Kanner vun der Rhum mat hirer Schwëster, 1949

Och fir aner Kanner gouf et um Enn vum Krich keen uerdentlecht Schoulgebai.

# An der Stad an zu Dikrech

1945 sinn ech an der Stad an d'éischt Schouljoer gaang. Et war awer keng richteg Schoul: mir haten eise Schoulsall an enger Epicerie, wou e puer Schoulbänken opgeriicht waren. Dat war an der Avenue Gaston Diderich op engem Eck. Déi Zäit stongen nach deeër décker grousser Stroosselanteren iwwerall.

Ech ka mech immens gutt un onse Paschtouer, den Här Greiveldinger, erënneren. Wann onse Reliounsunterricht eriwwer war, si mir mat him op sengem Heemwee gaangen an hunn ons zu e puer riets a lénks vun him gedréckt. Mir hu geschwat a geschwat, ech hunn op hie gekuckt a sinn zack mam Kapp an déi grouss Lanter gerannt. Ech hat e Lach am Kapp an hunn nach haut eng Läinzeechen op der Stir.

Mir sinn déi Zäit an der Stad scho liichte gaangen an da gounge mer ënnen an d'Strooss, wou den Här Greiveldinger an engem Eckhaus gewunnt huet. An der Entrée stong e groussen Dësch voller rosa Titercher, schéin zougestréckt, mat vill Loft an zwou Kamellen. Ech gesi se haut nach viru mer. Do huet da jiddereen eng Tiitche kritt.

Mäi Papp, dee Greffier war, ass 1946 vum Geriicht Lëtzebuerg op Dikrech versat ginn. Hei sinn ech dunn an d'Schoul bei d'Schwëstere komm. Mir hu mussen als Externen an d'Dekanatskierch goen. Da koum d'Schwëster Agnes ons sichen a mir sinn „in Reih und Glied" zesumme vun der Kierch an d'Pensionat geträppelt.

Mir hunn och eng Kéier am Joer mussen an d'Retraite goen, déi war am Pensionat. Dat waren dann zwee Deeg, wou net huet däerfe geschwat ginn. Et ass gebiet ginn a mir hunn do och zesumme giess a geschlof, well mer dee groussen Silence net hunn däerfen ënnerbriechen. Am Ufank war dat e bësse komesch, awer duerno hunn ech dat gutt fonnt. Et war eng Zäit, wou ee konnt e bëssen iwwerleeën, wou et net grad esou lëschteg war.

***Nicole Jung-Wolfers vun Dikrech, Joergank 1939, erzielt vun hirer Kandheet zu Lëtzebuerg-Belair an Dikrech***











D'Meedercher haten och Handaarbecht an der Schoul, wou si gebutt, gestréckt a geheekelt hunn



D'Meederchersschoul
vu Bruch/Miersch
mat der Joffer Ensch



D'Jongeschoul vu Bruch/Miersch, 1948/49 mat hirem Schoulmeeschter an dem Paschtouer Joseph Duhr





**Wéi de Krich eriwwer war, ass dat lëtzebuergescht Léierpersonal erëmkomm.**

# Meng Lä ënnert der Bänk

No der Liberatioun, den 10. September 1944, hott et nach e Strapp gedauert, iert aus dem „Kindergarten" erëm eng Spillschoul an aus der Grundschule eng Primärschoul goufen. Et koumen erëm déi richtig Lëtzebuerger Léierinnen a Schoulmäästeren op d'Pult sëtzen. D'Schoulschwëstere vaon der Doctrine chrétienne, déi zanter dem 10. Februar 1941 aofgesat waren, koumen aus dem Exil erëm; den 2. Oktober 1944 ass d'Primärschoul aogangen. Amplaz von der LBA (Lehrerinnen-Bildungs-Anstalt) ass am Schlass d'Meederchespensionat erëm opgaangen.

An de Käpp vaon de määste Lägt war de Kréich fir zeguddster eriwwer. Ma dat déckt Enn, d'Rundstedt, koum nach no. An der Sylvesternaocht 1944 se Bomme matzen a Wooltz gefallen. Obschonns meng Mamm gewehrt hott, hott mäi Papp musse wësse, wat do lass wier, an hott tëschent de Reile von de Rollaoden de Liichteschäin gesinn. „Ech mengen, 't ass d'Schoul, déi brennt", sot en, wéi en erëm bei eis an de Keller koum. „Papp, du muss mer elo direkt meng Lä an d'Schoul siche goen; si läit nach ënnert menger Bänk", honn ech gejéimert a geklot. An ech konnt nik verstoen, datt de Papp sich nik än Zock op de Wee gemät hott.

***Joss Scheer vu Wooltz, Joergank 1939***



Wéi d'Schoul an der Rundstedt gebrannt huet, war et dem Joss baang ëm seng Lee



**Année scolaire 1945/46**

Ecole primaire (Niederdonven) de garçons

7 Année d'études Nombre des élèves 5

| | Trimestre 1. | 2. | 3. | Demi-journées d'absences | Trimestre 1. | 2. | 3. |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1. Conduite | 2 | 2 | 2 | Avec permission | 4 | 16 | 2 |
| 2. Application | 2 | 2 | 2 | Sans permission | | | |
| 3. Ordre | 2 | 2 | 2 | | | | |

| Branches d'enseignement | Maximum des points | 1. Trimestre Résultats en points | 1. Trimestre Résultats en chiffres | 2. Trimestre Points | 2. Trimestre Chiffres | 3. Trimestre Points | 3. Trimestre Chiffres |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1. Doctrine chrétienne | 60 | 56 | 1 | 56 | 1 | 60 | 1 |
| 2. Langue et littérature luxembourgeoise | 60 | 55 | 1 | 51 | 1 | 51 | 1 |
| 3. Langue française | 60 | 48 | 2 | 48 | 2 | 52 | 1 |
| 4. Langue allemande | 60 | 50 | 1 | 52 | 1 | 52 | 1 |
| 5. Calcul | 60 | 60 | 1 | 60 | 1 | 60 | 1 |
| 6. Histoire nationale | 30 | 25 | 1 | 28 | 1 | 28 | 1 |
| 7. Géographie | 30 | 25 | 1 | 24 | 2 | 26 | 1 |
| 8. Sciences naturelles | 30 | 26 | 1 | 25 | 1 | 22 | 2 |
| 9. Dessin | 30 | 25 | 1 | 28 | 1 | 26 | 1 |
| 10. Ecriture | 30 | 50 | 1 | 22 | 2 | 22 | 2 |
| 11. Education physique | | | 1 | | 1 | | 1 |
| 12. Chant | | | 1 | | 1 | | 1 |
| 13. Travaux à l'aiguille | 30 | | | | | | |
| 14. Enseignement ménager | 30 | | | | | | |
| Total des points | | 420 | | 394 | | 399 | |
| Place obtenue à la fin du trimestre | | 1 | | 1 | | 1 | |

| Valeur des chiffres | Points correspondants Branches principales | Points correspondants Branches secondaires |
|---|---|---|
| 1 = très bien | 60—50 | 30—25 |
| 2 = bien | 49—40 | 24—20 |
| 3 = satisfaisant | 39—30 | 19—15 |
| 4 = insuffisant | 29—20 | 14—10 |
| 5 = mauvais | 19— 0 | 9— 0 |

Pour l'éducation physique et le chant il n'est donné que des chiffres

Avancera dans la 8 année d'études

Sera retenu dans la ...... année d'études

| Trimestre | Date de la délivrance du bulletin | Visa de l'instituteur | Visa des parents |
|---|---|---|---|
| 1. | 22 décembre 1945 | Schneider | Jean Duhr |
| 2. | 15 avril 1946 | Schneider | Jean Duhr |
| 3. | 19 juillet 1946 | Schneider | Jean Duhr |

Dem Nic. Duhr seng Zensur aus dem 7. Schouljoer.
Dëse Modell vun Zensur krute Generatioune vu Schoulkanner 3 mol d'Joer mat heem.





Net all Kand hat et liicht. D'Léierpersonal huet sech beméit, fir och dës Kanner duerch d'Schoul ze kréien.

## Konzertation

Eine Dorfschule war keine Idylle. Ich erinnere mich, dass es dort auch Kinder gab, die große Lernschwierigkeiten hatten. Ich weiß von einem Schüler, der 7 Jahre lang ins 1. Schuljahr ging. Er lernte mit unendlicher Geduld seinen Namen schreiben, d.h. er begann morgens seine Schiefertafel mit seiner „Unterschrift" zu füllen, zeigte sie dem Lehrer, wischte mit dem Schwamm darüber und begann von vorne. Ansonsten aber war er ruhig. Als der Inspektor kam und meinte, er müsste in eine „Anstalt", antwortete der Lehrer: „Wozu? Lassen Sie ihn in seinem Milieu, in seiner Familie." So geschah es. Der Junge wurde nach Abschluss seiner Schulpflicht in die Gruppe der Straßenarbeiter integriert und konnte den Inhalt seiner Lohntüte sehr wohl nachprüfen. Allerdings, er starb in jungen Jahren.

In den Schulen gab es damals noch keine Psychologen, und die Lehrer waren mit Problemfällen allein. Doch sie waren gute Kollegen, nahmen ihren Beruf ernst und kannten die Familien ihrer Schüler. Ich erinnere mich, dass Großvater an freien Donnerstagnachmittagen hinunter nach Lorentzweiler ging, um über Grenzfälle oder neue Unterrichtsmethoden zu sprechen. Ich begrüßte an anderen Tagen den Kollegen, der den Besuch erwiderte. Ganz besonders freute es mich, wenn Freund Dupont kam und ich mit ihm scherzen konnte. Herr Schroeder hatte einen Schokoladenriegel für mich in der Tasche und mit dem jungen Viktor, der neu in der Runde war, spielte ich im Garten Fangen.

Da alle begeisterte Imker waren, zogen sie sich jedoch bald ins Bienenhaus zurück. Dies war nun für mich verschlossen. „Da bleibst du jetzt weg", sagte Großmutter. „Die haben über ihre Arbeit zu sprechen, und das ist nichts für die kleinen Kessel mit den großen Ohren."

Ich gab mir Mühe zu gehorchen, doch die Versuchung der großen Ohren war stärker als der gute Wille. Ich schlich um das Bienenhaus herum und fing dort Gesprächsfetzen auf, wie „Betzdorf", „Kolléisch" oder „Handwerkerschule". Später erfuhr ich, dass es sich hier um den weiteren Weg und damit um das Schicksal so mancher Kinder handelte. Konnte man es wagen, einen guten mittelmäßigen Schüler ins Athenäum oder in die „Industrieschule" zu schicken, usw. Normalerweise wurde hier im Bienenhaus die rechte Lösung gefunden.



D'Schoulkanner vu Blaaschent mam Schoulmeeschter Emile Pleger a mam Paschtouer Nic Espen

Öffnete Großvater die Tür, so wartete ich noch ein wenig hinter dem Giebel und sah hinein. Jetzt durfte ich kommen, konnte hinter dem Glas der einzelnen Bienenkästen nach der Königin mit dem Tüpfelchen auf dem Rücken suchen. Ich gab Viktor die Hand und hielt ihn fest. Beim Hinausgehen sahen wir, ob die dicke Kröte unter dem Rhabarberblatt saß.

Ich erinnere mich mit Respekt und Freude an diese Nachmittage. Und ich weiß, dass durch diese „Konzertationen" vielen Kindern Leid und Entfremdung erspart blieben. Es ist eine Erfahrung auch für mein Leben.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, bei hire Grousselteren zu Blaaschent***







„Mir gi spadséieren, déi aner musse léieren", d'Jonge vu Bruch/Miersch 1948/49

Ganz disziplinéiert ass et hiergaang, wann d'Joffer oder de Schoulmeeschter um Enn vum Joer en Ausfluch mat de Kanner gemaach huet. Dëst war e grousst Erliefnes fir d'Kanner, och wann hinnen d'Haaptattraktioun entgaangen ass.

# Der Schulausflug

Als das erste Schuljahr seinem Ende entgegen ging, sagte die Lehrerin, wir würden einen Schulausflug machen: das 1. und 2. zusammen mit dem 5. und 6. Schuljahr. Die beiden Lehrerinnen waren Geschwister. Seit ein paar Jahren hatten wir nun Frieden, den wir den Amerikanern verdankten. Deshalb hatte man ihnen in Bastogne, wo eine große Schlacht geschlagen worden war, ein Denkmal gesetzt. Dieses Denkmal sah aus wie ein Stern, denn die Amerikaner haben für jeden ihrer Staaten einen Stern in ihrer Fahne. Das Denkmal in Bastogne hat für jeden Staat einen Zacken. Wir hörten auch die

Namen der einzelnen Staaten. Sie klangen einfach nach mehr, nach einem weiten Himmel, nach unbekannter Welt. Leider konnten wir sie uns nicht merken.

Am großen Tag kamen wir alle mit unseren Butterbroten und Thermosflaschen in einem kleinen Rucksack. Die beiden Lehrerinnen hatten Handtaschen und der Herr Kaplan hatte wahrhaftig auch einen Picknicksack über der Schulter. Vor der Schule hielt ein blauweißer Bus, den wir von hinten her zu zweit füllen mussten. Neben dem Fahrer saß der Kaplan und hinter ihm auf jeder Seite eine Lehrerin.

Es war meine erste Busfahrt. Zug und Straßenbahn kannte ich, doch ein Bus war etwas Besonderes. Es war schönes Wetter, die Dachluke war zurückgeschoben und man konnte oben die Bäume der Alleen vorüberziehen sehen. Bald waren wir im Ösling und mussten die Koppen bewundern. Viele Häuser waren noch zerstört, andere wurden aufgebaut und an unzerstörten Mauern konnte man Granateneinschlaglöcher sehen. In manchen Dörfern wohnten die Leute noch in Holzhütten. Dies, so hieß es, seien Notbaracken.

Nach einiger Zeit fuhren wir einen großen Platz an, mussten wieder von hinten her zu zweit aussteigen, in den beiden einsamen Herzerhäuschen passieren und durften ein erstes Pausenbrot auspacken. Auf dem Bus stand hinten: Jean Becker. Ich konnte das „Jean" allerdings nicht so richtig zusammenbuchstabieren. War das JE-AN, SCHE-ANN …?

Doch es ging weiter und bald hieß es, wir seien jetzt in Belgien. Ich sah zum Fenster hinaus … in Belgien … in einem anderen Land … doch es sah alles gleich aus. Wo war der Unterschied? Ich schaute und schaute, sah weitere Notbaracken, das eine oder andere Militärfahrzeug – am Straßenrand oder für friedliche Zwecke genutzt – ansonsten die gleichen Hügel und Koppen. Auf einmal sagte unsere Lehrerin, da hinten könne man das Sternendenkmal sehen. So sehr ich auch schaute, ich sah keinen Stern im Feld. Ich wagte nicht zu fragen, ob meine Nachbarin einen sähe. Die Lehrerin schaute in die Richtung eines grauen Gebäudes, auf das wir tatsächlich zusteuerten. Wiederum ein Parkplatz, durch die Tür mit großem W und großem C (auch für Kaplan und Lehrerinnen!), dann gingen wir in einer Reihe in den „Stern" hinein. Auch hier konnte ich vor lauter Pfeilern und Ecken einfach keinen Stern erkennen, so Leid es mir auch tat. Doch es gab einen Ausgang, und auf einem Platz mit Tischen und Bänken aßen wir unsere Brote. Der Kaplan half die heißen Thermosflaschen aufzuschrauben. Ja, und dann ging es wieder nach Hause. Eine weitere Rast machten wir an einer neuen, zum Dank erbauten Lourdesgrotte, wo wir uns zum Foto aufstellten.







D'1., d'2., d'5. an d'6. Schouljoer vu Märel 1949 virun der Lourdes-Grotte an der Géigend vu Baaschtnech

Ich erinnere mich, dass wir noch nach Bastogne hineinfuhren, wo ein amerikanischer Panzer aufgestellt war. Ferner tauchen von weitem Plakate mit Wildschweinen und Nüssen aus meinem Gedächtnis auf. Mit ihnen konnte ich etwas anfangen, doch wir fuhren nur vorbei und niemand gab dazu eine Erklärung. Wir mussten nun beobachten, wie das Land wieder flacher wurde... und dann war die Sternfahrt zu Ende.

Zu Hause wusste ich nicht, was ich von dem „Stern" erzählen sollte und füllte die Lücke mit Berichten über Notbaracken, Picknick, Panzer, Wildschweine und Nüsse, Thermosflaschen und fragte, wie JEAN eigentlich zu lesen sei. Wieso war Belgien ein anderes Land, wenn es doch genau wie das unsrige aussah. Danach fragte niemand mehr nach dem Sternendenkmal. Das fand ich sehr gut.

***Mariette Leuck vun Eeseber, Joergank 1943, erzielt vun hirer Kandheet zu Märel***